DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

03 & 04 /// 2017

# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 05.05.2017 ET DU 26.05.2017













EDITEUR: ADMINISTRATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

Réunion du conseil communal du 5 mai 2017 **05**

Gemengerotssëtzung vum 5. Mai 2017 **10**

**Séance publique:**

1. Correspondance; **10**

2. Circulation: **13**

2.1. confirmation d'un règlement d'urgence temporaire de la circulation – route de Kayl (N31);
2.2. approbation d'un règlement définitif de la circulation – stationnement interdit aux véhicules destinés au transport de choses sur certains parkings;

3. Finances communales: **18**

3.1. approbation de l'augmentation de capital de la Société Nationale des Habitations à Bon Marché;
3.2. avis à donner au sujet de l'acte notarié de constitution de servitude entre la fabrique d'église de Dudelange et la société anonyme Creos Luxembourg S.A.;
3.3. approbation du devis estimatif de 40'000,- € relatif aux travaux de transformation de la maison du concierge au stade J.-F. Kennedy dans le cadre du projet de logements;
3.4. approbation d'un crédit spécial de 40'000,- € relatif aux travaux de transformation de la maison du concierge au stade J.-F. Kennedy dans le cadre du projet de logements;
3.5. approbation du devis estimatif d'un montant de 400'000,- € relatif à la mise en conformité des ateliers communaux;
3.6. approbation du devis estimatif d'un montant de 300'000,- € relatif à la mise en conformité du Foyer Minettsdepp;
3.7. modification du chapitre XXVIII - vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux - du règlement-taxes général;
3.8. approbation de décomptes de travaux extraordinaires;
3.9. subsides ordinaires de l'exercice 2016 à allouer aux associations locales;
3.10. subsides extraordinaires à attribuer;

4. Dénomination d'une place publique; **32**

**Séance à huis clos:**

6. Enseignement fondamental:

6.1. approbation des changements dans l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2016/2017;
6.2. autorisation à accorder pour l'admission retardée à l'enseignement fondamental d'un enfant;

7. Personnel:

7.1. engagement de quatre employés communaux, carrière de l'aide éducateur, à tâche variable de 10 à 20 heures par semaine et à durée déterminée d'une année pour les besoins du service d'éducation et d'accueil pour enfants;
7.2. engagement (avec décision de classement) d'un employé communal, carrière de l'éducateur diplômé, à tâche variable de 35 à 40 heures par semaine et à durée déterminée d'une année pour les besoins du service d'éducation et d'accueil pour enfants;
7.3. engagement (avec décision de classement) d'un employé communal, carrière de l'éducateur diplômé, à tâche complète et à durée indéterminée pour les besoins du service d'éducation et d'accueil pour enfants;
7.4. engagement (avec décision de classement) d'un employé communal, carrière de l'éducateur diplômé, à tâche complète et à durée indéterminée pour la maison des jeunes;
7.5. engagement (avec décision de classement) de deux employés communaux, carrière de l'éducateur gradué, à tâche complète et à durée déterminée d'une année pour les besoins du service d'éducation et d'accueil pour enfants;
7.6. nomination provisoire d'un fonctionnaire communal, carrière de l'ingénieur-diplômé;
7.7. nomination provisoire d'un fonctionnaire communal, carrière de l'artisan (instructeur de natation);
7.8. allocation d'une prime d'astreinte mensuelle fixe à un fonctionnaire communal;
7.9. démission à accorder sur sa demande à un salarié.

Editeur responsable:
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Textes: Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
N° 03 & 04 /// 2017
Parution SEPTEMBRE 2017
Photos, Illustrations: Ville de Dudelange,
David Laurent/Wili, Michel Brumat, André Weisgerber,
Pulsa, Mike Zenari, BENG, iStock, Pixelio

PAPIER À BASE DE FIBRES CERTIFIÉES

Réunion du conseil communal du 26 mai 2017 **08**

Gemengerotssëtzung vum 26. Mai 2017 **34**

**Séance publique:**

1. Correspondance; **34**

2. Finances communales:

   2.1. approbation du rôle pincipal de la taxe sur les chiens; **36**
   2.2. subsides extraordinaires à accorder;

3. Autorisation à ester en justice:

   3.1. Ville de Dudelange contre Monsieur Patrick Goldschmitt;
   3.2. Ville de Dudelange contre Monsieur Benedek Lavrencsik et Bureau luxembourgeois; **36**

4. Classement de deux maisons à la rue Belair à l'inventaire supplémentaire;

5. Avis relatif aux projets de plans d'action de lutte contre le bruit; **38**

6. Personnel - création de deux postes à tâche complète sous le statut du travailleur handicapé ou reclassé; **40**

7. Office social - Décompte annuel 2014 à approuver; **48**

8. Motion « déi Lénk » - pour une transparence plus grande et une meilleure participation des citoyens concernant les sujets traités par les syndicats de communes; **49**

9. Résolution « LSAP » pour le maintien des trains directs vers Luxembourg-Ville; **50**

**Séance à huis clos:** **53**

11. Enseignement fondamental:

   11.1. approbation d'un changement dans l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2016/2017;
   11.2. proposition de réaffectation des instituteurs liste 1 c1;
   11.3. proposition de réaffectation des instituteurs liste 1 c24;

12. Personnel:

   12.1. engagement d'une employée communale dans la carrière de l'agent sanitaire infirmier;
   12.2. nomination provisoire d'un agent municipal;
   12.3. nomination provisoire d'un expéditionnaire administratif;
   12.4. démission à accorder à un employé communal.

# RAPPORT SOMMAIRE DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL DES 5 MAI 2017

**Présents:** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; René Manderscheid (sauf pour les points numéros 6 et 7 de l'ordre du jour), Loris Spina (sauf pour le point numéro 3.2 de l'ordre du jour) et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins.

Monsieur Bob Claude; Mesdames Jessica David, Josiane Di Bartolomeo-Ries; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler; Madame Romaine Goergen; Monsieur Vic Haas; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten; Monsieur Marc Lazzarini et Madame Emilia Oliveira, conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal.

**Absents:** Madame Brit Schlussnuss et Monsieur Jos Thill, conseillers, excusés.

Début de la séance à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

Sur demande du bourgmestre, le conseil communal marque son accord et accepte les pièces supplémentaires sub point numéro 3.1. de l'ordre du jour concernant l'augmentation en capital de la Société Nationale des Habitations à Bon Marché ainsi que la question du conseiller Vic Haas de la fraction ADR en relation avec les liaisons en train directes Dudelange-Luxembourg. Monsieur le bourgmestre confirme que le collège des bourgmestre et échevins a été reçu en entrevue par Monsieur François Bausch, Ministre des Transports en relation avec la connexion train Volmerange-les-Mines–Dudelange-Luxembourg en date du 2 mai 2017 plus spécialement en relation avec la suppression de plusieurs liaisons directes entre Dudelange et Luxembourg dès 2018 en vue de trouver des solutions acceptables par toutes les parties.

D'après les explications fournies par le Ministre, le réseau ferroviaire est surchargé ce qui génère souvent des retards. D'après les études, une réduction du nombre de trains aux heures de pointe aurait pour conséquence une amélioration de la situation.

Au lieu des six trains directs à l'heure actuelle seulement deux liaisons directes par journée seraient maintenues à partir de 2018: une liaison dès le matin et une plus tard pour le voyage de retour à Dudelange.

Le bourgmestre, souligne qu'il est important que Dudelange, en tant que quatrième ville du pays, maintienne les liaisons directes en train vers Luxembourg-ville. Le but de la commune est d'augmenter le nombre de voyages à l'avenir après l'extension du réseau ferroviaire et la reconstruction de la gare de Bettembourg.

Point numéro 2 de l'ordre du jour: circulation: le conseil communal,

2.1. confirme unanimement le règlement de la circulation d'urgence à caractère temporaire du collège des bourgmestre et échevins pour l'aménagement d'un passage pour piétons dans la route de Kayl, à la hauteur de la maison numéro 125;
2.2. avec 12 voix et 3 abstentions, approuve la réglementation au sujet du stationnement interdit aux véhicules destinées au transport de choses sur les parkings dans la rue de Bettembourg et la route de Kayl (autorisation pour stationner des véhicules à destination du transport de choses sur les parkings afférents).

Le point numéro 3 concerne les finances communales.

3.1. L'augmentation en capital de la Société Nationale des Habitations à Bon Marché est approuvée à l'unanimité.
3.2. A l'unanimité, le conseil communal avise favorablement l'acte notarié de constitution de servitude aux termes duquel divers propriétaires, entre autres la Fabrique d'Eglise de Dudelange, accordent à la société anonyme Creos Luxembourg S.A. sur différents terrains dont ils sont propriétaires, et plus spécialement, sur les terrains appartenant à la Fabrique d'Eglise, sis dans la commune de Dudelange, section A de Budersberg, le droit d'établir à demeure des ouvrages électriques et de maintenir pendant toute la durée de sa concession (prorogations comprises) un poste de transformation, sept armoires de branchement, une armoire de distribution et des câbles électriques souterrains moyenne tension et basse tension et des tuyaux de réserve pour câbles.

3.3. Avec toutes les voix, est avalisé le devis estimatif de 40'000,- € relatif à la transformation de la maison du concierge du Stade J.F. Kennedy dans le cadre du projet de logements sociaux à Dudelange.
3.4. Approbation également à l'unanimité, du crédit spécial de 40'000,- € corrélatif au projet ci-dessus.
3.5. D'un parfait accord est accepté le devis estimatif d'un montant de 400'000,- € relatif à la mise en conformité des ateliers communaux.
3.6. Le conseil communal approuve avec toutes les voix le devis estimatif de 300'000,- € relatif aux travaux de mise en conformité du Foyer Minettsdepp.
3.7. Une ajoute au règlement-taxes général pour la vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux est approuvée à l'unanimité. L'ajoute concerne plus spécialement la vente du Geocoin «VDD - Superjhemp - color» au prix de 15,- € (série limitée et numérotée 200 exemplaires) et la vente du Geocoin «VDD - Superjhemp - black and white» au prix de 18,- € (série limitée et numérotée 55 exemplaires).
3.8. Le conseil communal approuve d'un parfait accord, les décomptes de travaux extraordinaires suivants:
   1. acquisition de défibrillateurs pour équiper les bâtiments communaux..128'918,66- €
   2. renforcement du réseau d'eau potable au Roudebierg ......................148'306,87- €
   3. acquisition d'un camion avec benne et grue pour le service voirie ........147'718,35- €
   4. acquisition d'un camion pour l'enlèvement des ordures pour le service voirie ......... .................................... 268'647,33- €
   5. installation d'une signalétique dynamique et d'un système ticketing au rez-de-chaussée de l'Hôtel de Ville ..............69'824,45- €
   avec 11 voix et 4 abstentions, le conseil arrête également le décompte ci-après:
   6. acquisition d'un éclairage public pour, modernisation de l'illumination de noël (LED).... .................................... 63'766,57- €
3.9. Avec 10 voix et 5 abstentions, le conseil arrête la liste des subsides ordinaires à accorder aux clubs et associations locales pour l'exercice 2016. Au total 56'820,- € sont répartis entre 7 différentes catégories d'associations: Divers (255,- €), Sport (35'385,- €), Scoutisme (6'800,- €, Social/Éducation/Mémoire (6'135,- €), Art & Culture (2'305,- €), Nature & Environnement (2'075,- €) et Loisirs (3'865,- €).
3.10. D'un commun accord sont attribués les subsides extraordinaires suivants:
   1. 1'250,- € à l'Association régionale des arbitres ARA pour le 100e anniversaire d'existence de l'association;
   2. 1'000,- € au HB Diddeleng pour la qualification pour les ¼ finales du Challenge Cup;
   3. 500,- € au Cercle athlétique Dudelange, pour la participation à la Coupe d'Europe des clubs champions d'athlétisme avec l'équipe homme;
   4. 500,- € au Cercle athlétique Dudelange, pour la participation à la Coupe d'Europe des clubs champions d'athlétisme avec l'équipe dames;
   5. 150,- € à l'association luxembourgeoise de la médiation et des médiateurs agréés (ALMA) a.s.b.l. en tant que cotisation pour l'année 2017.

Sub point numéro 4 de l'ordre du jour, le conseil municipal approuve unanimement de donner le nom de « place Tony Neuman » à un emplacement sis dans le PAP « am Duerf ». Il s'agit d'une aire de repos très attractive autour d'un plan d'eau et pourvue d'un banc. Cette place est située selon le plan d'aménagement général en vigueur, en zone de bâtiments et d'aménagements publics. Par sa même décision, le conseil communal confirme ses engagements pris dans l'acte de donation du 1er août 1978. Par cet acte, « la commune donataire est obligée d'aménager et d'entretenir les parcelles données comme jardinets publics, en vue de procurer un peu de verdure aux alentours, pour cette raison les deux parcelles ne pourront servir d'emplacements à des constructions de quelque nature qu'elles soient et elles se trouvent ainsi grevées d'une servitude perpétuelle de non-aedificandi ».

Une question a été posée par écrit au collège des bourgmestre et échevins par la fraction « ADR », portée à l'ordre du jour et concerne les liaisons en train directes entre Dudelange et Luxembourg. La question a été traitée en début de séance.

La séance se poursuit alors à huis clos.

6. Enseignement fondamental: des changements dans l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2016/2017 sont approuvés et une autorisation est conférée à un écolier pour différer son admission à l'enseignement fondamental d'une année.

7. Décisions de personnel:

- sont engagées comme employées communales à tâche variable de 10 à 20 heures par semaine et à durée déterminée d'une année dans la carrière de l'aide éducateur pour les besoins service d'éducation et d'accueil pour enfants: Mesdames Vanessa Peters-Muschter, Catarina Rodrigues Da Silva, Irène Scholtes et Jil Schummer;

- engagement avec décision de classement de Madame Kissling April Viana comme employée communale à tâche variable de 35 à 40 heures par se-

maine et à durée déterminée d'une année dans la carrière de l'éducateur diplômé pour les besoins du service d'éducation et d'accueil pour enfants;

- engagement avec décision de classement de Madame Gwenn Manderscheid comme employée communale à tâche complète et à durée indéterminée dans la carrière de l'éducateur diplômé pour les besoins du service d'éducation et d'accueil pour enfants;

- engagement de Madame Mara Lisarelli comme employée communale à tâche complète et à durée indéterminée dans la carrière de l'éducateur diplômé pour les besoins de la maison des jeunes;

- sont engagés avec décision de classement comme employés communaux à tâche complète et à durée déterminée d'une année dans la carrière de l'éducateur gradué pour les besoins du service d'éducation et d'accueil pour enfants: Monsieur Fabrice Kerger et Madame Aleksandra Vujovic;

- nomination provisoire de Monsieur Pascal Steichen au poste de fonctionnaire communal dans la carrière de l'ingénieur diplômé au service gestion et maintien du patrimoine avec effet au 1er juin 2017;

- nomination provisoire de Monsieur Yan Heil au poste de fonctionnaire communal dans la carrière de l'artisan (instructeur de natation) au service des sports avec effet au 1er juin 2017 et attribution de la prime d'astreinte mensuelle fixe à l'intéressé;

- démission honorable sur sa demande à Monsieur Andy Houscheid, chargé de cours à l'école régionale de musique à la date du 1er septembre 2017, avec remerciements pour bons et loyaux services.

Les prochaines réunions du conseil communal sont fixées au 26 mai 2017 et au 14 juillet 2017 à 08.00 heures.

Fin de la séance vers 10.10 heures.

***

# RAPPORT SOMMAIRE DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL DES 26 MAI 2017

**Présents:** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; René Manderscheid, Loris Spina et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins.

Monsieur Bob Claude; Mesdames Jessica David, Josiane Di Bartolomeo-Ries; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas; Mesdames Romaine Goergen (sauf pour les points numéros 1 à 8 de l'ordre du jour), Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten Monsieur Marc Lazzarini; Mesdames Emilia Oliveira, Brit Schlussnuss et Monsieur Jos Thill (sauf pour les points 11 et 12 de l'ordre du jour), conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les présents.

Sur demande du bourgmestre, le conseil communal accepte les pièces supplémentaires à l'ordre du jour de la séance:

- point numéro 8 - motion « déi Lénk » - pour une transparence plus grande et une meilleure participation des citoyens concernant les sujets traités par les syndicats de communes;
- point numéro 9 - résolution « LSAP » pour le maintien des trains directs vers Luxembourg-Ville;
- point numéro 11.1 – séance à huis clos - changement dans l'organisation de l'enseignement fondamental.

Dans le cadre de la correspondance, Monsieur le bourgmestre informe les conseillers communaux que sur invitation de Monsieur Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire, les communes du sud s'étaient rendues à l'agence de l' ADEM le 8 mai 2017, l'entendre et échanger au sujet de son programme d'inclusion, par le travail, des personnes les plus éloignées du marché du travail.

A cette occasion a été proposée la création d'un groupe de travail sous le pilotage de l'ADEM. L'objectif est de définir les besoins des communes en termes d'emplois que pourraient occuper des demandeurs d'emploi de longue durée.

Le but de ces séances de travail est dans un premier temps, de présenter le projet-pilote tel qu'il apparaît actuellement et d'en discuter les différents aspects. Parallèlement, un travail de réflexion sur les différentes possibilités qui existent au niveau de l'emploi communal pourrait être entamé, tout en prenant en compte les spécificités locales.

La Ville de Dudelange participe à cette action.

Par la suite, Madame Claudia Dall'Agnol, échevine, porte quelques précisions concernant les intentions du Ministère des Transports à la connaissance des conseillers communaux, surtout en ce qui concerne la liaison Dudelange-Luxembourg en bus.

D'après les dernières informations, le Ministère désiste àla mise en pratique de la ligne de bus numéro 200 considérant que, après analyse, cette ligne ne présente pas les avantages escomptés.

La nouvelle ligne de bus 305 reliera, dès le mois de septembre 2017, Dudelange à la gare de Bettembourg, où les utilisateurs pourront opter pour le train ou pour la ligne de bus numéro 200 pour rejoindre Luxembourg-ville.

Cette proposition est en outre examinée par le service circulation de la Ville de Dudelange.

De plus, le Ministère des Transports est en train d'examiner la possibilité d'introduire un service en autobus reliant directement la Ville de Dudelange au Kirchberg, Luxembourg.

Finalement, Monsieur le bourgmestre attire l'attention des conseillers communaux sur la soirée de discussion intitulée « La sécurité routière dans votre région – discutons-en! » avec François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, conférence qui sera organisée le lundi prochain, 29 mai 2017 à 19.00 heures dans la salle des fêtes Nic. Birtz de l'Hôtel de Ville.

Une discussion ouverte pendant laquelle toutes suggestions, idées ou doléances quant au sujet peuvent être exprimées.

Suit la liquidation de l'ordre du jour.

Point numéro 2 de l'ordre du jour: finances communales: le conseil communal, chaque fois à l'unanimité,

2.1. approuve les relevé et rôle de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2017 s'élevant à 40'040,- €, équivalant à 1'144 chiens ;
2.2. décide de soutenir l'association « SOS Détresse - Mir hëllefen iwwer Telefon an online » dans ses activités par un subside extraordinaire de 100,- Euro Sans .

Le conseil communal est appelé à se prononcer au sujet de deux demandes d'autorisation d'ester en justice sub point numéro 3. Ainsi, par 2 votes identiques regroupant 14 voix pour et 2 abstentions, le conseil communal autorise le collège des bourgmestre et échevins de poursuivre en justice les responsables de deux accidents routiers.

La proposition d'inscrire les maisons sises 15 et 17, rue Belair à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux en raison de leur intérêt historique, architectural et esthétique, est avisée favorablement par tous les conseillers.

L'avis au sujet du projet de plan d'action contre le bruit de grands axes routiers de plus de trois millions de passages de véhicules par an, demandé aux termes d'une circulaire aux administrations communales par Madame la Ministre de l'Environnement est avalisé avec 15 voix et une abstention.

Le 6e point à l'ordre du jour intéresse une décision de personnel en séance publique. Ainsi, le conseil autorise unanimement la création de deux postes de salarié (m/f) bénéficiant du statut de travailleur handicapé ou reclassé à raison de 40 heures par semaine et à durée indéterminée à partir du 1er juillet 2017.

Au 7e point de l'ordre du jour, le conseil se déclare avec toutes les voix d'accord avec les bilan et comptes de profits et pertes de l'exercice 2014 de l'Office Social de Dudelange.

La motion introduite par « déi Lénk » pour une transparence plus grande et une meilleure participation des citoyens concernant les sujets traités par les syndicats de communes est adoptée à l'unanimité. Aux termes de cette motion, le collège échevinal publiera, dans les trois jours de leur réception, les convocations aux réunions des syndicats de communes, avec le lieu, le jour, l'heure et l'ordre du jour de la réunion, sur le site Internet de la Ville de Dudelange.

Sur motion introduite par la fraction « LSAP » et ayant trait au maintien des trains directs vers Luxembourg-Ville, le conseil communal décide à l'unanimité d'adresser une résolution à Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures ainsi qu'aux dirigeants des CFL, les invitant

- à revoir leur décision de supprimer la plupart des trains directs de Volmerange-les-Mines vers la Gare de Luxembourg et vice-versa;
- à s'efforcer de trouver, notamment pour les habitants de la Ville de Dudelange, des solutions viables et dignes d'un transport public attrayant et performant;
- à mettre en oeuvre tous les moyens pour éviter une réduction du nombre des utilisateurs du train;
- à s'impliquer dans le processus participatif engagé sous la direction de la Ville de Dudelange;
- à discuter toute alternative à envisager avec les autorités politiques de la Ville de Dudelange.

Aucune question n'a été posée par écrit au collège des bourgmestre et échevins.

La séance se poursuit alors à huis clos.

11. Enseignement fondamental: un changement dans l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2016/2017 et les propositions de réaffectation des institutrices et instituteurs de l'enseignement fondamental sur la première liste - cycle 1 et cycles 2 à 4 sont approuvés. Madame Steffi Cescutti (cycle 1) et Mesdames Romi Meintz, Maria Leite et Marisa Ferreira Da Silva (cycles 2 à 4) sont ainsi nommées.

12. Décisions de personnel:
    - est engagée comme employée communale à raison de 20 heures par semaine et à durée indéterminée dans la carrière d'agent sanitaire infirmier pour les besoins du service santé scolaire: Madame Welliong Danièle;
    - est nommée à titre définitif au poste de fonctionnaire communal dans la carrière de l'agent municipal à tâche complète au service circulation - agents municipaux : Madame Marie-Paule Lux;
    - est nommée à titre provisoire au poste de fonctionnaire communal dans la carrière de l'expéditionnaire administratif à tâche complète à l'office des citoyens: Madame Sarah Bonaria;
    - démission honorable est accordée à Monsieur Adrien Théato, de ses fonctions de directeur de l'école régionale de musique à la date du 1er septembre 2017, avec remerciements pour bons et loyaux services.

Les prochaines réunions du conseil communal auront lieu:
- réunion informelle (école « Lénkeschléi »), le lundi, 3 juillet 2017 à 18.00 heures ;
- réunion officielle, le vendredi, 14 juillet 2017 à 08.00 heures.

Fin de la séance vers 10.15 heures.
***




## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 05. MEE 2017

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Gudde Moie léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, ech begréissen Iech hei fir eis Gemengerotssitzung, haut ass e bësse méi e laangen Dag, dee mir wäerten zesumme verbréngen, well de Mëtteg jo och nach d'Aweiung ass vum Shared Space a vum Projet Am Duerf. Mir fänke mam Gemengerot un, wou sech de Jos Thill an d'Brit Schlussnuss entschëllegt hunn.

Op den Ordre du jour sinn e puer Ajouten dobäi komm, engersäits eng Präzisioun wat de Punkt Augmentatioun vum Kapital vun der SNHBM ugeet a mir hunn och nach eng Fro kritt vum ADR-Conseiller Vic Haas.

**Ass de Gemengerot mat deenen Ajouten averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

## 1.KORRESPONDENZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech proposéieren, datt mir op den Ordre du jour iwwerginn. Ënnert Korrespondenz wollt ech Iech matdeelen, datt mir den 2. Mee als Diddelenger Schäfferot eng Entrevue hate beim Transportminister Francois Bausch, wat am Fong och d'direkt Zich ugeet fir an d'Stad, an ech géif Iech och proposéieren - Här Haas, Dir hutt jo déi Fro gemaach iwwert déi direkt Zich - datt ech och an der Korrespondenz déi Fro mat eriwwer huelen, well do sinn eng ganz Rei Punkten, déi sech iwwerschneiden, sou datt ech an enger Kéier déi ganz Kommunikatioun ka maachen.

Mir hate wéi gesot den 2. Mee déi Entrevue mam Transportminister, wou am Kader vun der Reorganisatioun vum Schinnenetz och Diddeleng sollt betraff ginn, dat aus der Argumentatioun wéi mir héieren hunn, och vu Vertrieder vun der CFL, datt d'Zuel vun den Utilisateure vum Zuch an de leschten 10 Joer, 50% gestigen ass, datt zousätzlech Schinne weider net bäikomm sinn, an datt alles sech ronderëm d'Stad konzentréiert, datt generell zimlech vill Retarden accumuléiert goufen, an a punkto Pénktlechkeet ze wënschen iwwereg léist.

Dofir hunn d'CFL an de Ministère eng ganz Rei Moossname geholl, sou wéi se eis dat erkläert hunn, wou si sech och vun engem Schwäizer Büro begleede gelooss hunn, a wou se ab dem Joer 2018 Moosnamen huelen, déi op enger ganzer Rei Linne wäerte stattfannen an eng vun deene Linne soll dann och hei Diddeleng betreffen.

Dir wësst, mir sinn an der aktueller Situatioun, datt mir 6 direkt Zich an d'Stad hunn, mueres zwee, mëttes een an owes dräi, fir vun der Stad zeréck op Diddeleng, an déi Propos, déi mir do gemaach kritt hunn, par rapport zu der Modifikatioun fir d'Joer 2018, ass déi, datt 1 direkten Zuch mueres soll erhale bleiwen, an een direkten Zuch owes soll erhale bleiwen. Dat heescht, vu sechs direkten Zich géife mir op zwee erof goen, also zwee Drëttel manner.

Wat engersäits dobäi kennt, dat soll während enger Period stattfanne vun 2018 – 2022. Firwat déi Period? Well engersäits dat zweet Gleis gebaut gëtt vun der Stad bis op Beetebuerg, an och duerno d'Gare zu Beetebuerg jo soll moderniséiert ginn.





Dat ass och de Kader dee steet, mir hunn awer an deenen doten Diskussioune ganz kloer och de Vertrieder vun der CFL an dem Minister matgedeelt, datt mir als véiertgréisst Stad et awer wichteg fannen, datt déi direkt Zich erhale bleiwen, datt ee sécherlech an enger Période transitoire kann iwwer verschidde Suppressioune schwätzen, mä datt een op mannst mueres déi zwee direkt Zich behält. Do sollt jo wéi gesot een ewech falen, mir hunn eis do awer staark gemaach fir déi zwee direkt Zich, dat heescht, dee wou erhale soll bleiwen ass deen, dee moies um 6 Auer 55 hei fortfiert a mir hunn eis staark gemaach fir dee vun 7 Auer 40, well net jidderee kuerz no 7 ufänkt mat schaffen, an dee wou erhale soll bleiwe fir owes, dat ass den Zuch vu kuerz no 17 Auer.

Déi Analyse ass gemaach ginn, mir hunn och déi Doleancen dem Ministère an der CFL mat op de Wee ginn, a mir sinn esou verbliwwen, datt mir eis och nach eng Kéier virun der Summervakanz gesinn, well si nach eng Kéier déi ganz Analyse op de Leescht huelen Dat heescht ab 2018 op verschidde Linne gëtt da mat Navettë geschafft an si hunn eis och gesot, wa mat Navettë geschafft gëtt, wat d'Korrespondenz ugeet, datt do och déi Pufferzon eropgesat géif gi vu 6 Minutten op 8 Minutte wat d'Ëmsteigen ugeet. Nach wësse mer, mir hate schonns d'Diskussioun hei, datt och op der Beetebuerger Gare, datt dat eng Gare ass, déi zimlech al ass, déi sécherlech muss moderniséiert ginn, mä dat steet och nach am Raum.

Dat ass déi Informatioun, déi ech lech hei wollt matdeelen. Wat awer och do mat afléisst, ass déi Fro, déi vum Här Haas komm ass, an do ginn ech op verschidde Punkten an. Wéi gesot freet hien, ob mir déi Sitzung haten, ob mir consultéiert gi sinn? Also, de Schäfferot gouf informéiert, dat war den 2. Mee. Si mir domadder d'accord, mat där Analyse, déi de Ministère gemaach huet? Ech hunn lech gesot, datt mir eis staark gemaach hu fir datt awer nach eng Rei direkt Zich erhale bleiwen.

D'Fro ass, ass dat en Aus fir d'Streck definitiv oder gi weider Linnen agesat? Wou mir hei dru schaffen, dat ass, datt mir an Zukunft méi direkt Zich fir an d'Stad kréien. D'Iddi ass, datt dat am 15-Minutten-Takt soll agefouert ginn hei an Diddeleng, a fir dat ze maache brauche mir den Ausbau vun der Streck Lëtzebuerg - Beetebuerg. An op där anerer Säit awer och d'Modernisatioun vun der Beetebuerger Gare.

Déi aner Fro ass, halen déi Navetten zu Beetebuerg an Näerzéng? Déi Buslinne sollen och d'Zuchlinnen zu Diddeleng ersetzen. Momentan si keng Navetten an deem Sënn virgesinn. Wat ass den Impakt vun där Décisioun op de Stroosseverkéier? Dat kann ech lech haut hei net soen, well déi Froen, déi Dir hei stellt, déi decouléiere jo vun enger Question parlementaire, déi gestallt ginn ass a wou den ADR seng Satisfactioun net dra fonnt huet. Ech mengen, et wier awer och normal gewiescht, datt dann den ADR eng Rei aner Froen, déi en dem Gemengerot hei stellt, och nach eng Kéier deem zoustännege Minister hätt kéinte stellen.

An d'Fro ass, wéivill huet d'Gemeng Diddeleng schonns an de Park & Ride bezuelt zu Volmerange? Dat si Käschten, déi sinn integral deemools vum Transportministère iwwerholl ginn, do war weider keen Invest.

Dat fir déi verschidde Punkten anzegoen, wat dat dote betrëfft. Wéi gesot, dat heiten ass en Dossier dee wäert eis sécher nach eng Kéier beschäftegen, a wa mir weider Donnéeën hunn, komme mir ganz gär domat an de Gemengerot zeréck.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Wann ëmmer vun Navettë riets ass, a well vill Leit dat falsch verstanen hunn, d'Leit mengen déi Zuchlinn géif ofgeschaaft ginn, an do géif e Bus amplaz kommen.

Wann de Minister vun Navettë schwätzt, sief et am Sproochgebrauch oder an enger Question parlementaire, dann ass dat eng Navette vum Zuch, dat heescht, déi Navette déi kënnt vu Volmerange-les-Mines iwwer Diddeleng op Beetebuerg, en Zubringerzuch eigentlech, dat mengt hie mat Navette, an da steigst de ëm.

Dat heescht, et huet näischt domadder ze dinn, datt et eng Busnavette ass. Dat eenzegt, wat de Minister och nach an d'Gespréich bruecht huet, dat ass, well mir wëssen, datt et eng Partie Leit ginn, déi mëttlerweil hiren Auto op Näerzéng stellen, an do den direkten Zuch huele fir an d'Stad, do huet de Minister an d'Spill bruecht, datt een eventuell kéint eng Busnavette maache fir d'Leit op Näerzeng ze bréngen, woubäi een och do muss soen, ech weess net ob dat d'Léisung ass, well fir ee vu Butschebuerg wier dat jo genial, dee klëmmt do an de Bus a klëmmt zu Näerzeng an den Direktzuch ëm, wann een awer op der Schmelz wunnt, dann ass dat fir dee kee Gewënn.



An dat anert, wat ech nach wollt bäifügen, dat ass d'Gare zu Beetebuerg, de Buergermeeschter huet dat richteg gesot, déi Gare ass eng Corvée, dat ass e Krampf fir Leit, déi mussen ëmsteigen, déi Tuten hunn, eeler Leit, respektiv Leit déi verletzt sinn oder Kanner dobäi hunn.

Mir hunn hinnen och nach eng Kéier mat op de Wee ginn, ob een net kuerzfristeg kéint driwwer nodenken, iergendeppes an der Beetebuerger Gare ze maachen, do ginn et Saachen, do ginn et kleng Rulltrapen, fir de Leit et dann awer och wierklech méi liicht ze maachen do wou et keng direkt Zich ginn, ëmzesteigen.

Och dat huelen se nach eng Kéier mat op de Wee, well mir wëssen, och wa bis d'Streck ausgebaut ass a mir méi direkt Zich hunn, mir wäerten ëmmer nach eng Rei Zich hunn, déi net direkt sinn, an da mussen d'Leit awer zu Beetebuerg ëmsteigen an déi Gare ass dann nach net fäerdeg, dat heescht do bleift nach bëssen Aarbecht.

Dofir hu mir hinnen nach mat op de Wee ginn, si solle préiwen ob een net kuerzfristeg eppes kann an der Gare verbesseren, fir datt d'Leit sech besser a méi sécher villen, an datt et méi einfach ass, ëmzeklammen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia, et kann een och bäifügen, et ass dervu geschwat ginn, datt e Bus soll agesat gi vun Diddeleng bis an d'Stad, mä dat ass zimlech schwiereg aus deem Grond, wann een dann den ëffentlechen Transport hëlt an et fiert een iwwert d'Autobunn, dann hänkt een nawell am Stau. Dat heescht, och dat gëtt net evident, mä et sinn eng Rei Analysen, déi den Transportministèrë wäert maachen a mir wäerten och dem Gemengerot en fonction vun der Entrevue, déi mir virun der Summervakanz nach wäerte mat de Responsabelen hunn, kloer erhalen. Dat wäert en Dossier sinn, deen Diddeleng nach wäert eng Zäitche beschäftegen.

Dat wier et zu der Korrespondenz.

[Onverständlech Fro ouni Mikro]

Claudia Dall'Annol (LSAP – Schäffin): Jo, dat ass awer déi Linn, déi fiert net duerch den Zentrum. Dat wier eng Linn, déi de Ministère och net duerch den Zentrum wëll maachen, well e selwer seet, doduerch kritt e Retard. Deen Zuch géif dann iwwer Beetebuerg, Kockelscheier iwwer d'Cloche d'Or fueren. Jo déi solle kommen, mir hunn d'Busarrête gestëmmt, mä mir hunn nach ëmmer keng Autorisation de voirie vun de Ponts et Chaussées. Elo hu mir awer emol d'nächst Woch nach eng Kéier e Rendez-vous mam Här deen sech ëm de Bus këmmert vum RGTR, op der Plaz, fir nach eng Kéier mat dem ze kucken, datt deen Drock mécht.

Et ass jo alles ee Betrib, datt ass och dat, wat mech rose mécht, et ass alles ee Betrib. Dat heescht, mir hunn den 9. e Rendezvous am Service de circulation, mat deem Här, dee sech ëm d'Busse këmmert, datt mir mat dem nach eng Kéier zesumme kucken ob dat esou OK ass, wéi mir eis dat virstellen an da kënne mer nach eng Kéier zesumme mat him Drock maachen, well dee Bus soll jo eigentlech fir d'Rentrée fueren, mä sou laang keng Autorisation de voirie ass, kënne mir net ufänke mat bauen, mir kënnen héchstens eppes "zeechnen", e Strich maachen a soen, dat ass eise Busarrêt an ech brauch Iech jo net ze soen, datt wa mer keng Autorisation de voirie hunn an do gëtt een iwwerrannt, dann ass d'Bëtchel fett.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och nach fir déi Präzisiounen, ass nach e Punkt an der Korrespondenz? Neen, dat ass net de Fall, dat war och dat Eenzegt wat mir Iech haut matzedeelen haten, mä dat war vum Contenu hir net onwichteg an da bleiwe mer bei der Mobilitéit an do hu mir zwee Verkéiersreglementer.




## 2.VERKÉIERSREGLEMENTER

**2.1.Confirmatioun vun engem dréngenden temporairë Verkéiersreglement - Kaylerstrooss (N31)**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dat eent ass eng Confirmatioun vun engem Règlement d'urgence, dat de Schäfferot den 21. Abréll geholl huet, an och do direkt den Avis vun der staatlecher Verkéierskommissioun gefrot huet, dee koum dunn och positiv den 24. zeréck. Et geet dorëms, datt mir mussen en Zebrasträifen an der Kaylerstrooss maachen, e bëssen erof do wou mir schonns virun engem Joer ee gemaach haten, deemools war et 127, an elo ass et 125. Firwat? Dir wësst, datt mir nach ëmmer de Chantier an der Aloyse Kayser Strooss hunn, den Entrepreneur hat ugefangen do Borduren a Pawee ze maachen, dofir hu mir missen deen Zebrasträifen dohinner maachen, mä mir kruten elo gesot vun der Ponts et Chaussées, datt d'Créos an d'Eltrona mussen eng Traversée maachen, fir d'Haaptleitung, mä Ponts et Chaussées konnt eis nach net soe wéini genau déi géifen do ufänken, an de Chantier selwer géif sécher nach bis zum Ufank vum Congé collectif goen, sou datt mir besser hätten, deen Zebrasträifen elo ze reglementéieren an och sinn ze loossen a wann et geet, och bis zum Enn vum Chantier, fir datt mir en net nach eng Kéier mussen ewech huelen, an zeréck maachen.

**2.2.Approbatioun vun engem definitive Verkéiersreglement – Parkverbuet fir Gefierer, déi fir den Transport vu Sache bestëmmt sinn, op bestëmmte Parkingen**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Den zweete Punkt, do hate mir am virleschte Gemengerot laang a breet driwwer diskutéiert, an do hat ech lech ënner Correspondance gesot, datt déi Hären déi sech un eis gewannt hate wéinst de Parkplaze vun de Camionnetten, datt si eis en zweete Bréif geschriwwen hate wou den Toun normal war, dovunner konnt dir lech selwer iwwerzeegen, well de Bréif louch am Dossier, datt si nach eng Kéier un eis erugetratt wären.

Mir hunn se du getraff, mir hunn e Rendezvous mat hinnen ausgemaach dat ass geschitt, an hunn och hir Proposen nach eng Kéier iwwer eis Servicer iwwerpréift. Mir kënnen hinnen, wann de Gemengerot domadder d'accord ass, an der Beetebuerger Strooss entgéint kommen. Dat ass dee Parking niewent dem Gaswierk, hannert dem Gaart an Heem-Sall, do kéinte mir hinnen 17 Plazen zur Verfügung stellen, an an der Kayler Strooss, dat ass dee Parking wann een hannen aus der Schortgen Strooss eropkënnt, do kéinte mir hinnen nach eng Kéier 2 Parkplazen zur Verfügung stellen.

Eis Servicer sinn och amgaangen eis Beliichtung nach eng Kéier nozekucken, wat mir do kënne verbesseren, fir hinnen entgéint ze kommen. Et ginn eng ganz Partie Grënn firwat mir hinnen net iwwerall do konnten entgéint kommen, op deene Parkingen, déi si an hire Bréiwer opgezielt haten, ech nennen der elo just e puer: Déi eng leien an engem Wunnquartier, déi aner ginn owes an de Weekend gebraucht, sief et well et no bei eiser Sportshal oder eise Schwämmen ass, a mir kënnen och net riskéieren, datt déi Camionnettë während dem Congé collectif fest do géife geparkt ginn a guer net méi ewech geholl géife ginn, well mir déi Plazen awer och brauche fir aner Saachen, net nëmme fir déi Leit, déi do wunnen.

Mir hunn deemools - éier mir an de Gemengerot komm sinn deemools mat deem Reglement iwwer d'Camionnetten - e puermol den Tour duerch Diddeleng gemaach, fir aner Méiglechkeeten ze fannen, mir hunn awer leider keng fonnt, wéi déi wou schlussendlech zeréckbehale gi sinn. Mir hu keng 100 Plazen an




Diddeleng, déi sech eegene fir grouss Quantitéiten u Camionnetten owes ofzestellen, respektiv de Weekend, well déi meescht Parkplaze vun den Awunner gebraucht ginn, a mir hunn näischt aneschters gemaach wéi vill Gemenge virun eis, an och vill Gemengen no eis.

De Succès huet eis Recht ginn, d'Situatioun huet sech a munche Stroossen entspaant an Dir sidd sécherlech genee esou gutt wéi ech drop ugeschwat ginn, datt dat eigentlech eng gutt Saach war.

Mir hunn also zu der Zefriddenheet vun de Bierger geschafft, nach wëlle mir deene Leit hei entgéint kommen, well mir wëssen, datt et och fir si net einfach ass, mir wëllen a kënnen awer eis Decisioun net zeréckzehuelen, an dofir probéiere mir eben do wou et geet entgéintzekommen, mat deenen 17 Parkplazen an der Route de Bettembourg an déi 2 an der Route de Kayl, an nach eng Kéier mat hinnen zesummen d'Beliichtung ze iwwerkucken, an do wou et néideg ass, nach eng Kéier déi ze verbesseren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol fir déi doten Ausféierungen. D'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Friedrich (CSV ): Merci, mir sinn am Kader vun där doten Deliberatioun natierlech d'accord, dat ass e gutt Entgéintkomme fir déi Leit, déi dat gefrot hunn. Dat Eenzegt wat mir wollte froen, dat ass déi Plaz beim Kierfecht, wou nach ëmmer ganz vill Leit eng Plaz sichen, vu datt elo déi Camionnetten net do betraff sinn, déi kënne jo dann op där anerer Plaz parken, mä et ass op där Säit wou d'Leit op de Kierfecht ginn, do si ganz vill Leit déi eng Parkplaz sichen, ass et net méiglech eng oder 2 Plazen ze halen, wou Kuerzzäitparking wier, datt déi Leit kënnen eng 20 Minutten oder 30 Minutten op de Kierfecht botzen oder nätze goen an erëm zeréck.

Déi zweet Fro ass einfach déi, ass et méiglech och do eng Behënnerteplaz ze maachen, well jo och vill Leit net gutt ze Fouss sinn. Wier eng Méiglechkeet do fir dat ze maachen, Jo oder Neen? Dat wier eng Fro vun eis.

Dann hate mir och nach eng Kéier gefrot ob et méiglech wier, eng Lëscht ze kréie wéivill Behënnerteplazen et iwwerhaapt hei zu Diddeleng gëtt, ob dat méiglech ass, ob mir dat eng Kéier kënne kréien. Dat fält elo net an deen heite Kader eran, mä wéi gesot, et ass einfach eng allgemeng Fro.

An eppes wat och elo net direkt an dëse Kader fält, ech hat dat de Moien an der Boîte leien, déi Saach vum Smartphone, sinn dat zousätzlech Käschte fir d'Gemeng, a mussen d'Pecherten dann och e Smartphone kréie fir dat iwwerhaapt kënne richteg ze iwwerwaachen? Dat wollt ech kuerz nofroen. Merci.

Marc Lazzarini (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, fir d'éischt ass et ze begréissen, datt do de Kontakt gesicht ginn ass mat deene Leit, déi de Bréif geschriwwen hunn, dat war eng gutt Saach, datt dat gemaach gouf, an datt mir elo hei proposéiert kréien, Plaze bäizekréie fir d'Camionnettë wou ganz kloer e Besoin do ass, ass och ze begréissen, wann ee kuckt wéivill Camionnetten iwwerall stinn, da kann ee sech virstelle wéivill Parkplazen elo fräi sinn an deene verschiddene Quartieren, wat menger Meenung no d'Liewensqualitéit wiesentlech méi einfach mécht fir all Mënsch.

Elo zu där Idee do, villäicht wier eng Léisung och einfach e Kuerzzäitparking ze maache vir beim Kierfecht bei der Route de Luxembourg.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Da fänken ech direkt mam Kuerzzäitparking beim Kierfecht un. Mir ass et opgefall dass de do ganz schlecht bäi kënns. Just eppes, d'Camionnetten ass geduecht fir owes, déi huelen de Leit keng Parkplazen ewech, déi op de Kierfecht ginn.

Eis ass dat och zougedroe ginn, mir ass et och opgefall, et gëtt just e Problem mam Kuerzparken, dat ass de Contrôle, da missten eis Agente permanent dorobber kucke goen, ob do och ee sech drun hält. An ech muss lech jo net soen datt mir dat esou net fäerdeg bréngen, well et awer bëssen aus der Welt ass, an datt kee sech wäert drun halen.

Wat mir awer amgaange sinn ze maachen ass, Dir wësst, datt mir gesot haten, mir géifen eng Partie Méint, nodeems datt de Parking résidentiel agefouert ginn ass, mir krute vun den Experte gesot, d'Leit





missten sech dru winnen, d'Leit bräichten minimum 1 Joer fir sech drun ze gewinnen.

Mir waren awer och der Meenung datt een no 6-9 Méint awer schonns déi éischt Schléss keint zéien, sou datt mir elo nächste Mount ufänken duerch Diddeleng ze goen, an Zielunge maachen, an och ze kucke wéi et do op där Plaz ass, an da kucken ob mir kënnen anescht nobesseren, ob mir do kënnen zum Beispill Parking payant op där Schlaang maachen. Da muss deen, deen op de Kierfecht geet, bezuelen, mä en ass awer sécher, datt en eng Parkplaz kritt.

Nach, wéi gesot, wëll ech deenen Zielungen net virgräifen, mir musse kucke wat do eraus kennt, mä déi Kuerzzäitparken, et wier schéi wann dat d'Léisung wier, mä ech fäerten, wann et net kontrolléiert gëtt oder net regelméisseg kontrolléiert gëtt, dann ass dat eng zousätzlech Plaz, wou Leit sech dohinner parke ginn an an d'Stad schaffe ginn. Eis ass et och opgefall an et ass e Problem fir virun allem wann e Begriefnes ass.

Dat anert ass, mir haten eng Behënnerteplaz beim Kierfecht bäigemaach, awer op där anerer Säit, an der Lëtzebuerger Strooss, do hate mir eng bäigemaach, et sinn der och um grousse Parking, route de Bettembourg, mir kënnen awer duerchaus préiwen ob et Sën mécht, nach eng op der Beetebuerger Strooss beim Kierfecht ze maachen, firwat net.

E Listing vun de Behënnerteplazen, dee missten se och elo fäerdeg hunn, well Dir wësst jo, datt se amgaange sinn, eise Verkéiersreglementer ze digitaliséieren, fir datt een alles méi liicht erëm fënnt, an doranner kommen dann och all déi Behënnerteplazen, déi mir hunn, an soubal dat fäerdeg ass, kann een och kucke wou nach Plaze feelen, well dann hu mir den Iwwerbléck.

Ech kann awer kucken ob de Service de la Circulation en elo schonns fäerdeg huet an eis dee ka ginn, da loossen ech Iech deen zoukommen. An dat anert war den OPnGO, do hunn d'Pecherten op hirem Apparat, mir hate jo nei Apparater um Budget stoen, well hir al waren an dat ass einfach eng Software méi wou drop ass, méi Käschte wéi d'Gemeng, dat war just den Artikel deen am Budget stoung, dat waren 13.000 Euro, déi mir mam Budget gestëmmt haten, dat war u sech alles wat doranner investéiert ginn ass.

Si hunn dat op hirem Smartphone, op hirem neien Apparat drop, si hunn elo net en zweeten Apparat oder esou. Mir hate jo am Budget nei Apparater stoe well hir schonns etlech Joeren um Bockel haten, an dunn hu mir gekuckt, datt deen neien Apparat een ass wou d'Software vum OPnGO och kéint drop goen, sou datt se nëmmen een Apparat hunn. Ab de Méinden ass et eréischt en vigueur, an da gesi mir ob alles esou klappt wéi mir eis dat virstellen. Et ass getest ginn, do huet et gutt geklappt, mä dir wësst jo, datt dat ëmmer alles gedëlleg ass.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, mir ass et wéi wann ech eppes net richteg verstanen hätt, Madame Dall'Agnol, ech hunn Iech esou verstane wéi wann Dir gesot hätt beim Kierfecht spillt déi Saach net, well et ass jo fir nuets. Déi Parkingen hei fir d'Camionnettë si jo awer net fir nuets.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Et ass esou: Am Dag dierfen d'Camionnettë jo do stoen, well mir jo dovunner ausginn, datt déi bei engem schaffen, an nuets dierfen se net méi an de Stroossen an op de Parkinge stoen. An hire Problem ass jo nuets, well eng ganz Partie Leit net wëssen, wou se hir Camionnette sollen ofstellen. An dofir wëllen si fir nuets Parkplaze wou se se kënnen ofstellen, a wou se moies erëm domadder fortfueren.

[onverständlecht Gespréich ouni Mikro]

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da mussen se op déi goe wou et erlaabt ass. Si kënnen net déi aner Parkplazen zousetzen, si sech owes just op déi Plaze kënne ze setzen, déi ausgewisen si fir Camionnetten. Déi 17 Plazen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Et ass net de ganze Parking op. D'Schëlter maache mir dobäi fir datt et méi einfach ass. Et ass ëmmer den Text, deen zielt.

[onverständlecht Gespréich ouni Mikro]

Also, dat éischt ass, du dierfs vu méindes-samschdes vun 8-18 Auer um ganze Parking parken. An dat zweet ass, déi 17 Emplacementer, do dierfs de am Dag jo souwisou parken, an och nach owes, also och nach no 18 Auer.

[onverständlecht Gespréich ouni Mikro]



Jean-Paul Gangler (CSV): Da misst dach éischter do stoen, op dëse Plazen ass et erlaabt, datt dir nuets hei stitt als Camionnette. Dat Schëld do, datt een ënnert 3,5 Tonnen och nuets dierf do stoen, dat seet jo guer net aus, datt d'Camionnette elo op eemol awer dierf do stoen, well d'Reglement vun Diddeleng seet, um ganzen Terrain vun Diddeleng dierfen se dann net um Parking stoen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Jo, mä wa kee Schëld do ass, wann net do steet "jour ouvrable vun 8-18 Auer", dann dierf en och nuets do stoen, soss dierf ee just vun 8-18 Auer do stoen. Well de Rescht vun der Zäit ass de Parking op.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): De Parking, sou wéi en am Moment ass, ass jo accessibel just fir Autoen an net fir Camionnetten. An hei gi mir d'Autorisatioun, datt och owes do Camionnetten dierfe parken. Am Moment si mir jo an där Logik, mir zeechne just déi Parkingen aus, wou owes dierfe Camionnettë parken an, par exclusion ass dat op deen anere Parkingen, wou dat net ugezeechent ass, exclu.

An hei gi mir an e Parking eran, wou mir et autoriséieren.

Jean-Paul Gangler (CSV): Da misst déi Logik awer ausgeprägt gi bei deem ënneschte Schëld: do misst e Schëld dobäi stoen datt d'Camionnetten erlaabt sinn, fir ze weisen datt si d'Ausnam maachen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dat do ass d'selwecht wéi et och an dem anere Verkéiersreglement ass, a wéi mir et och virgeschloe kruten ze maachen. Mir maache just bei den Deliberatioune d'Schëlter dobäi, fir eis, fir datt mir heibannen et besser verstinn. Dat wat zielt ass ëmmer nëmmen den Text, a mir mussen et dobausse richteg signaliséieren, an et ass iwwerall esou signaliséiert, datt iwwerall just dat klengt Schëld do ass, datt nëmmen erlaabt ass vun 8-18 Auer deemno ass et duerno net méi erlaabt, dat ass a kenger Stad anescht oder net, datt ech wéisst.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Also bei dem Ënneschte géif ech awer och dobäi schreiwen, "destiné au transport de choses", well soss ass et awer effektiv net kloer.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ma neen, du hues eben net dat selwecht. Dat Schëld, wat et just vun 8-18 Auer ass, ass jo ënnendrënner net méi do. Wat mir nach eng Kéier kënne maachen, mir kënnen d'Experte vun der staatlecher Verkéierskommissioun froen, ob si eis erlaben och nach esou e Schëld dohinner ze maachen, da kënne mir, wann dat méi kloer ass, och a ganz Diddeleng esou ophänken. Mä fir d'éischt musse mir froen ob et esou e Schëld gëtt, an ob mir dat dierfen, mä bis elo muss ech lech soen, hunn ech nach keen esou e Schëld gesinn.

Jean Friedrich (CSV): Wier et dann e Problem wann een do géif ënnendrënner schreiwen, vun 18- bis Moies 8, da wier et jo kloer bis wéini se dierfen do halen op deenen 17 Plazen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Wéi gesot, mir froen. Mir kënnen an d'Deliberatioun schreiwe wat mir wëllen, fir datt et méi kloer ass, mir kënnen och an eisen Deplianten et esou erklären, mä op d'Schëlter net, mir dierfe keng Schëlter erfannen, mir musse wierklech froen, ob mir dat Schëld kënnen esou ophänken. Ech wëll dat elo net soe mir maachen et well ech weess net ob mir dat esou genehmegt kréien.

Victor Haas (ADR Conseiller): Merci, ënnert wat steet dann elo d'Camionnette vun de Minibussen?

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dat ass Transport de personnes, dat fält net hei drënner.

Victor Haas (ADR Conseiller): Da kann ech mech also dohinner stellen. Da soen ech lech villmools Merci.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Jo, nach ganz kuerz, déi 17 Plaze si reservéiert.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Neen, net reservéiert. Wann een anere vir ass, dann ass e vir, dat ass wéi um Skatepark och, wann zum Beispill Cliente vum Här Lazzarini do stinn, dann ass deen éischte vir. Do däerfen se stoen.





Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Mä dat ass awer dann d'Erklärung, dat heescht do dierfen och Autoe stoen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Natierlech däerfen do och Autoe stoen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Also et ginn elo zwou Méiglechkeeten, entweder mir kucken dat nach eng Kéier no an da vertage mir de Punkt oder mir stëmmen hei of a mir klären dee Punkt.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech hunn hei dee klengen Depliant, dee mer gemaach hate fir d'Camionnetten, do hu mir esou e brongt Schëlt, Parking Camionnette gratuit, den hu mir beim Skatepark, deen hu mir beim Boulodrome a bei der ARBED. Wier et dann net méi gescheit esou e Schëlt? Well dat Schëld muss et jo awer ginn.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Mä mir kënnen net op offizielle Schëlter eppes drumaachen, mir kënnen op eise Parking e Schëld maachen, wou mir soen do kanns de deng Camionnette Parken, mä mir kënnen net op en offiziellt Schëld, wat reglementéiert ass vum Code de la Route, en neit Schëlt drop maachen. Mir kënnen net e Schëlt erfannen. Mir kënnen op eisen Depliant drop maache wat mir wëllen, dat heiten ass d'Deliberatioun, wéi se ëmmer ass, a wéi se an all aner Stad och ass, a wéi se ugeholl gëtt vum Ministère, ech kann nach eng Kéier froen ob mir en anert Schëlt kënnen op déi offiziell Schëlter bäimaachen, mir kënnen och wann et da méi kloer ass, nach e Saz an d'Deliberatioun schreiwen dann ass se zwar anescht wéi soss, mä dat kënne mir maachen. Mä dat doten ass selon les régles de l'art, wéi mir et virgeschriwwe kréie vun eisen héijeren Instanzen. Do kann ech beim beschte Wëllen net vill drun änneren.

A vum 11. Juli ass et genee d'selwecht an dat hu mer esou akzeptéiert.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech géif proposéieren datt mir deen doten Text bäibehalen, datt mir verschidde Saachen nach préiwen, mä datt mir och zum Vote géifen iwwergoen, fir déi dote Plazen esou auszeweisen, fir deene Leit entgéint ze kommen, déi mir empfaangen hunn, wou mir och eng gewëssen Ouverture maachen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Mir kënnen et net verschibe well da kréien se keng Parkplazen oder bis an den nächste Gemengerot. Ech wéisst net wisou mir et sollte verschiben, well den Text hei bleift ëmmer d'nämlecht. Dat eenzegt wat ech ka froen ass ob mir dierfen op eis offiziell Schëlter e Schëld drop maachen, a vu datt d'Schëlter déi an der Deliberatioun sinn, u sech just fir eis als Informatioun sinn, datt déi un sech kee reglementaire Wäert hunn, wier dat moutarde après dîner.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech géif proposéieren, datt mir zum Vote iwwer ginn, datt mir déi dote Parkplaz esou kënne reglementéieren, datt Demandeuren an alleguerten déi Leit, déi Camionnetten hunn, och kënnen do parken.

Kënne mir déi zwee Reglementer gemeinsam ofstëmmen oder wëllt der et separat? Gutt, separat dann.

**Da fänke mir mam Règlement d'urgence un, wien ass mat deem averstanen? Dat ass unanime.**

**An dann dat zweet Reglement mat den neie Parkplaze fir d'Camionnetten, wien ass domadder averstanen? Dat sinn d' Stëmme vun LSAP, déi Gréng an ADR. Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.**

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Mir hunn eis enthalen och wa mer am Prinzip net dergéint sinn, well et eis net ganz kloer ass a well et eng Confusioun mécht a mir hätte léiwer de Vote verschiibt bis wa mir déi richteg Schëlter hätten. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, mir huelen déi dote Remarquen am Kader vun der Diskussioun zur Kenntnis. Da géife mir eriwwer goen op d'Gemengefinanzen



# 3.GEMENGEFINANZEN

### 3.1.Approbatioun vun der Kapitalerhéijung vun der Société Société Nationale des Habitations à Bo marché (SNHBM)

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et geet drëm, d'Approbatioun ze kréie fir d'Augmentation de capital vun der SNHBM, der Société Nationale des Habitations à Bon Marché, déi et jo säit bal 100 Joer elo gëtt - 1919 ass se gegrënnt ginn - a vun där d'Gemeng Diddeleng ee vu villen Aktionären ass. D'SNHBM ass wéi och de Fonds de Logement, e Promoteur public an hat och eng Rei Projeten zu Diddeleng, déi lescht an der rue des Romains an an der rue des Champs.

Hei geet et em d'Augmentation de capital, de Moment ass si eng S.A. an huet e Kapital vu 56 Milliounen Euro, an iwwert déi Augmentation de capital vun 10 Milliounen Euro soll se kënne 66 Milliounen Euro kréien.

Firwat ass déi Demande gemaach ginn, respektiv wat ass hei d'Prozedur ?

Et ass esou, datt hei natierlech d'SNHBM an och mam Logementsministère déi Approche huet, datt se par rapport zu der aktueller Situatioun am Wunnengsbau vill méi aktiv wëll ginn, a wann se dat wëll maachen niewent deem chargéierte Programm, deen se schonns huet, brauch se eng Augmentation de capital fir kënnen Acquisitiounen ze maache vun Terrainen an och vu Steeën, well wann si eng Acquisitioun mécht, muss alles prefinanzéiert ginn a si kritt herno en Deel vun de Suen zeréck am Kader vum Wunnengsbau deen se mécht.

Dat ass de Kader, dee gesat ass.

D'SNHBM, wann se Wunnenge baut, mécht se Vente a Locatif an déi Terrainen, déi se zur Verfügung stellt, déi lafen oft iwwer de Bail emphytéotique an iwwer dës Augmentation de capital - wann déi gréng Luucht kritt - kann d'SNHBM eng Rei Opportunitéiten huelen, wat d'Acquisitioun vun Terrainen ugeet.

Natierlech, fir datt déi Augmentatioun ka stattfannen, brauch een den Avis favorable vun all den Aktionären. Fir lech nach eng Kéier ze soen, wien all déi Aktionären sinn: d'Gemeng Diddeleng ass dee klengsten Aktionär mat 1,42%, Haaptaktionär mat 51% ass de Staat, de Fonds de compensation, d'Spuerkees, Esch, Lëtzebuerg, Déifferdeng. Wéi gesot, Diddeleng ass an deem Sënn dee klengsten Aktionär.

Natierlech huet d'SNHBM d'lescht Joer sondéiert bei den Aktionären ob se averstane wiere fir an déi dote Richtung ze goen, si huet och do den Optrag kritt vum Verwaltungsrot, an no der Réckmeldung vun enger ganzer Rei Aktionären, déi positiv ware fir dee Wee ze goen, mir hunn dëse Montant jo och hei am Budget stoe gehat, en ass ugeholl ginn an do ass de Wee fräi fir déi Augmentation de capital ze maachen. Nach muss eng Generalversammlung stattfanne fir datt dat och kann iwwert d'Bühn goen.

Dir hutt gesinn, déi Courrieren déi mir geschéckt kruten, do war der SNHBM e klenge Feeler ënnerlaf wat de Montant ugeet, mir hunn am Budget stoen 142.000 Euro, et sinn der elo 142.857,14 do ass eng Approbatioun gemaach ginn, mä mir sinn hei an engem Crédit non limitatif, sou datt een dat och hei kann esou presentéieren an och esou dem Vote ginn.

Dat ass e bëssen d'Erklärung, engersäits d'Grënn firwat d'SNHBM déi Augmentatioun braucht, respektiv wéi d'Prozedur ass, fir datt deem ka gréng Luucht gi ginn, fir datt d'SNHBM an deene nächste Joren hir Politik, wat Acquisitioun vun Terrain an accessibele



Wunnengsbau ugeet, vun där och Diddeleng a deene leschte Joer profitéiert huet, ka maachen.

Dat als Erklärung firwat mir dat haut um Ordre du Jour hunn an d'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, ech mengen all Mënsch weess, datt déi Haaptproblematik hei zu Lëtzebuerg de Logement ass, an d'SNHBM ass e wichtegen Acteur fir de Problem vun der Wunnengsnout ze verbesseren.

Dir hutt et grad gesot, och hei zu Diddeleng sinn an der Lescht e puer flott Saache gebaut ginn. Ech denken, et ass net einfach fir en normale Bierger, en Terrain oder en Haus sech kënnen ze leeschten.

Am Office social gesi mir wéivill Leit an der Rei sti fir eng Sozialwunneng ze kréien, an hei ass awer mengen ech och en anere wichtegen Acteur, deen hëlleft, datt mir där grousser Problematik awer e bëssen eppes entgéint ze weisen hunn.
Meng Fro ass just, ass elo konkret eppes zu Diddeleng an noer Zukunft geplangt, wat d'SNHBM wëll realiséieren? Dat ass och eppes wat d'Leit dobausse géif interesséieren.

Mir sinn absolut d'accord fir hei e gudden Invest ze maachen, well ech denken als Gemeng selwer musse mir jo soen, ware mer nach net esou aktiv fir hei normal Terrainen ze kafen oder op de Marché ze gi fir ze bauen, an hei hu mir awer e seriöse Partner, deen eis och hëlleft, datt zu Diddeleng bezuelbaren Terrain geschaaft gëtt an op de Maart kënnt a mir ënnerstëtzen dës Proposition.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci, mir sinn natierlech och der Meenung, datt dat do eng gutt Saach ass, a mir sinn d'accord fir dat Kapital ze erhéijen. Déi Gesellschaft soll kënnen am Sënn vum Wunnengsbau hei zu Diddeleng agéieren an och op anere Plazen, well dat ee vun den Haaptproblem ass géint dat eppes muss ënnerholl ginn. Et ass och fir eis méi interessant, net e ganzen Apparat mussen opzebaue fir als Gemeng selwer aktiv ze ginn, Terrainen ze kafen, Wunnengen ze bauen an och ze geréieren, an dofir ass dat heiten eigentlech eng ganz bequem Léisung, déi net esou schrecklech vill kascht.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, also ech menge mir hate schonns beim Budget doriwwer Rieds, et ass wéi gesot zu Diddeleng e wichtege Partner, mir hu flott Projeten, mir hunn deen an der Rue des Champs, an deen zu Butschebuerg an natierlech solle mir dat ënnerstëtzen.

Wat ech awer wëll soen, mir ware villäicht Joere laang net sou aktiv am Beräich vum Wunnengsbau, muss awer soen datt mir elo an deene leschte puer Joer awer trotzdem vill Wunnenge kaf hunn, a vill Wunnengen amenagéiert hunn an dat heiten ass e Partner mat deem mir hoffen an Zukunft vill Wunnengen ze aménageieren. Also, et ass eng Entwécklung an dat doten ass e Puzzlestéck vun där Entwécklung – mir gesinn dat jo am Office social – a mir kréie Wunnenge bäi an ech ënnerstëtzen dat komplett.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dofir, ech si frou datt mir hei iwwer d'Bänken der SNHBM feu vert gi fir d'Augmentation de capital.

Et ass eng ganz gutt Fro an déi hunn ech mir och gestallt, och onofhängeg vun der Augmentation de capital, mä d'Augmentation de capital gëtt engem eng Rei zousätzlech Méiglechkeeten, respektiv och der SNHBM.

Wat sinn zousätzlech Terrainen, déi een hei zu Diddeleng ka mobiliséieren?

Do si mir hei zu Diddeleng dee Wee gaangen, ze kucke wat kënne privat Baulücke sinn, déi ee ka mobiliséieren? Wat sinn Terrainen, déi mol am Différé leien, wou een dann och kann eng aktiv Approche maachen, engersäits als Gemeng, wou een als Gemeng de Terrain keeft, oder awer hei an der Optik vun der SNHBM, datt si den Terrain ka kafen.

Do si mir intern amgaangen ze kucke wat et fir Méiglechkeete ginn, hei ass en Dossier dee mir aktiv weider dreiwe fir e weidere Wunnengsbau.

Mir hu jo eng gewëssen Dynamik an deene leschte Joere gehat, a mir wëllen dat dann zesumme weiderféieren.

**Ass den Gemengerot mat där doten Augmentation de capital wat d'Stad Diddeleng ugeet averstanen? Dat ass unanime,** da soen ech lech och do villmools Merci.



**3.2.Avis betreffend den Notärsakt vun enger Servitude tëschent der Kierchefabrik vun Diddeleng an der Aktiegesellschaft Creos Luxembourg S.A.**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mer weider op en Acte de constitution vun enger Servitude, dat ass méi en eeleren Akt, et ass e bësse moutarde après dîner, nach gi mir als Gemengerot saiséiert fir hei en Avis ofzeginn, well an dësem Acte notarié de constitution de servitude, deen am Januar 2012 ënnerschriwwe gouf, d'Kierchefabrik déi mat dran ass, an d'Gesetzgebung gesäit fir, datt bei all Akt oder Vente oder Terrain déi d'Kierchefabrik mécht, datt do en Avis vum Gemengerot néideg ass. Mir haten déi selwecht Situatioun virun e puer Méint, ronderëm de PAP an der rue Pasteur, bei der Kapell, och do huet de Gemengerot säin Avis misse ginn, wéi d'Kierchefabrik do en Terrain kaf huet.

Hei geet et haaptsächlech em eng ganz Rei Parzellen an der Rue de Lebork am Ribeschpont, wou engersäits de Promoteur Wickler Frères, déi do entwéckelen, en Akt gemaach mat enger Rei Privatleit, an d'Kierchefabrik déi do Terrainen huet, wann si do net Terraine gehat hätt, wier dat e klasseschen Akt, deen net an den Gemengerot géif kommen, mä deen tëschent Personnes morales am Kader vun der Entwécklung vun engem Site géif gemaach ginn.

Mä wéi gesot, hei ass d'Kierchefabrik och mat dran, an et geet hei ëm déi verschidde Parzellen, déi an dem Akt vun 2012 sinn, fir der CREOS do eng Servitude ze ginn, fir hir Postes de transformation drop ze maachen, 6 bis 7 Schief, respektiv déi Kabelen déi ënnerierdesch sinn, do kritt CREOS eng Servitude fir datt déi ëmmer accessibel bleiwen am Kader vun der Entwécklung vum Site. Et ass och dat, wat een hei an de Klauselen erëm fënnt, datt déi Accèse garantéiert bleiwen am Kader vun den Installatioune vu CREOS.

Déi Parzellen ëm déi et hei geet, dat sinn nëmmen déi wou d'Kierchefabrik ugeet, wou mir hei en Avis sollen ofginn, net ëm déi Parzellen déi an eng Hand vu Privatleit sinn. Et gesäit een am Akt, do si méi Parzellen dran, dofir sot ech wann elo hei d'Kierchefabrik keng Parzelle gehat hätt, wier dat e klasseschen Acte tëschent engersäits de Propriétairen, Personnes morales an der CREOS. Dat ass den institutionelle Kader, an deem mer eis hei befannen.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, do ass am Fong näischt dogéint ze soen. Et ass just, datt der sot wann elo d'Kierchefabrik engagéiert ass, muss de Gemengerot matschwätzen.

Ech stelle mir just d'Fro, wéi ass dat an der Eventualitéit wann et eng Kéier keng Kierchefabrik méi gëtt, a wann et e Fonds gëtt, da muss d'Gemeng jo net méi dobäi sinn oder?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Nee absolut net, da gëtt et jo, wann dat Gesetz duerchkënnt, gëtt d'Kierchefabrik ofgeschaaft an duerch e Fond ersat an da spillen normalerweis dës Dispositiounen net méi, ausser d'Gesetz géif geännert ginn, an et géif esou formuléiert ginn, datt mir nawell nach mussen en Avis ginn, wann dann de Fond géif Acquisitioune maachen. Dat ass elo awer reng hypothetesch an am Moment si mir an dëser Situatioun a mussen nach ëmmer en Avis ginn.

**Ass den Gemengerot mat dësem Acte averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

**3.3.Approbatioun vun engem Devis estimatif an Héicht vu 40.000 Euro fir Ëmännerungsaarbechten an der Portierswunneng um um Stade J.F. Kennedy, am Kader vu Logementsprojeten**

**3.4.Approbatioun vun engem Devis spécial an Héicht vu 40.000 Euro fir Ëmännerungsaarbechten an der Portierswunneng um um Stade J.F. Kennedy, am Kader vu Logementsprojeten**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir weider op en aneren Devis, engersäits en Devis estimatif vu 40.000 Euro, e Crédit spécial vu 40.000 Euro, dat betrëfft Aarbechte wat d'Transformatioun vun der fréierer Portierswunneng ugeet beim Stade John F. Kennedy. Ech hat Iech kuerz ugedeit an engem vun eise viregte Gemengeréit, datt mir de Gemengerot nach eng Kéier géifen domadder befaassen, dat maache mer elo, dat heiten ass e Projet dee stellt sech an an déi weider Zesummenaarbecht vum Projet Perspective mat der Croix Rouge, also sech konkret an d'Solidaritéit aschreift, well et dorëms geet déi dote Portierswunneng ëmzewandelen an 2 Logementer an 2 Wunnunitéiten, haaptsächlech fir allengerzéiend Familljen.





Dat heescht, hei setze mir en Accent fir déi Familljen, an natierlech déi éischt Etapp, déi mir an Ugrëff mussen huelen, ass d'Transformatioune vum Haus, wou allkéiers dann een Elterendeel kann dohinner komme mat Kanner. Do ass engersäits virgesinn, 2 Wunnengen, mä awer och eng gemeinsam Kichen an e gemeinsamt lesszëmmer, allkéiers 2 Schlofkummeren an e Buedzëmmer an e Bureau fir dat edukatiivt Personal vun der Croix Rouge fir de Suivi op der Plaz ze maachen.

Et ass och virgesinn, datt mir hei vun der Geleeënheet profitéiere fir den Daach ze isoléieren, also keng gréisser Interventiounen, déi musse gemaach ginn, dofir ass de Budget 40.000 Euro, mä et ass keen esou konsequente Budget wéi bei aneren Transformatiounen, déi hei gemaach ginn.

Et sinn am Haus selwer e puer Wänn, déi mussen eraus geholl ginn, déi mussen dohinner gemaach ginn, en fonction vun der Konfiguratioun, mä ech mengen datt dat heiten e Projet ass, dee virun der Summervakanz ka fäerdeg ginn, an da maache mir natierlech, wéi mir och schonns hei déi Diskussioun haten, déi nächst Etapp wäert da sinn, datt mir eng Conventioun hu mat der Croix Rouge, wou mir déi zwou Wunnunitéiten zur Verfügung stellen, wou dann d'Croix Rouge d'Selektiou mécht vun der Famill, wou mir sécherlech och deenen zwou Familljen, déi hei aus Diddeleng kommen, kënnen eng Prioritéit ginn.

Dat ass d'Suite logique wann d'Aarbechte bis gemaach ginn, mir wäerten nach mat enger Conventioun an de Gemengerot kommen, fir datt och déi sozial an edukativ Aarbecht mat de Famille-monoparentalle ka gemaach ginn.

Dat als Erklärung, wat deen dote Projet ugeet, wou ganz flott zousätzleche Wunnraum geschaaft gëtt, wou d'Solidaritéit am Vierdergrond steet. Mir wëssen - an et sinn och national Etüde gemaach ginn - datt den Aarmutsrisiko bei Famille-monoparentallen am gréissten ass, an och d'Kolleege vum Office social, déi hei eemol am Joer hire Rapport maachen, do gesäit ee kloer an den Zuelen, datt do eng Prekaritéit besteet, an dat kann den Ufank vun enger ganzer Rei Initiative sinn, wou mir deen dote Wee aschloen.

Dat ass dat, wat ech zu dësem Projet wollt soen an d'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir fannen dat doten natierlech eng super Saach, mir froen eis elo just, geet déi Wunneng do dann och an de Pool vun eise Sozialwunnenge vun der Gemeng iwwer? An déi aner Fro: Leet d'Croix Rouge do och eppes bäi oder musse mir dat alles bezuelen?

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Also hei gesäit een, datt et erëm e weidere Schratt ass fir Sozialwunnengen ze schafen. D'Monoparentauxe sinn effektiv ëmmer déi, déi am schlechsten dru sinn, an am meeschten Aarmutsrisiko hunn, si stinn och nach alleng do, ganz oft ouni Famill a mat heiansdo engem Mindestloun kann een da keng Normal Wunnenge méi um Marché fannen, dat heiten ass mol rëm eng Kéier gewisen, no dem Projet dee mir gemaach hu fir Jonker, maache mir e Projet fir Monoparentauxen, datt mir hei an eng Richtung ginn, wou mir de soziale Wunnengsbau ënnerstëtzen an hei ass dann de Partner d'Croix Rouge, wat ech begréissen. Beim Senior Plus war et eng aner Firma, elo ass et d'Croix Rouge, ech si ganz frou datt dat sou ass, a mir ënnerstëtzen dee Projet. Merci.

Colette Kutten (Déi Gréng): Mir schléissen eis deem och un, mir fannen och, datt dat eng ganz wichteg Saach ass fir d'Monoparentauxen ze ënnerstëtzen. Et ass jo och esou, datt och aner Gemengen op dee Wee gaange sinn. D'Gemeng Monnerech zum Beispill huet esou eng Initiativ geholl, dat war méi am Sënn vun zwee Fraenhaiser fir Fraen, déi aus enger Situatioun vun haislecher Gewalt kommen. Déi hu jo dann dee Projet gemaach fir deene Fraen eng Wunneng zestellen.

Meng Fro ass, firwat fuere mir zesumme mat der Croix Rouge, gi mir automatesch dovunner aus, datt déi Leit eng Betreiung brauchen?

An ass déi Wunnengszäit wou eng Famill an der Wunneng dra bleift begrenzt bis se d'Méiglechkeet hunn, op deen normale Marché ze komme fir datt méiglechst vill Famillje kënnen dovunner profitéieren? Sinn déi Rahmebedingunge scho kloer bei dësem Projet, dat wollte mer nach wëssen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, soss nach weider Wuertmeldungen? Nee dat ass net de Fall, da ginn ech op déi verschidde Punkten an.

Wat hei ass, d'Gemeng ass a bleift Proprietaire vun där doter Wunneng, a mir behuelen eis och als Proprietaire, sou datt mir dat alles finanzéieren.

Mir kruten nach keng Réckmeldung vum Logementsministère, mir hunn nogehaakt ob mir am Kader vun den Transformatiounsaarbechten e Subsid kënne kréien, mä mir sinn hei klassesch an enger Situatioun wou d'Gemeng Propriétaire bleift an d'Croix Rouge gëtt och wéi bei deenen anere Projete Locataire, an den Avantage ass, datt wann e Proprietaire bleift, an d'Zesummenaarbecht géif ofgeschloss ginn an duerch en anere Projet ersat ginn, dann hu mir ëmmer déi doten zwou Wunnengen zur Verfügung. Dat ass den Avantage, wann ee Propriétaire bleift.

Ouni elo wëllen zevill der zweeter Phas virzegräifen, mir waren eis séier eens, esouwuel d'Croix Rouge wéi och d'Diddelenger Gemeng, datt mir och vis-à-vis vun de Monoparentauxe sollen e Projet maachen, an hei ass et d'selwecht Philosophie, wéi och bei anere Projeten, hei ass eng begrenzten Zäit wou ee kann dra wunnen.

Hei gëtt och e Projet de vie gemaach mat engem Suivi, villäicht si jo Familljen – et ass un der Croix Rouge fir dat ze kucken – déi méi Suivi brauchen, anerer manner an dofir sinn si professionell opgestallt fir dat kënnen anzeschätzen, mä och do gëtt dann eng Selektioun gemaach wéi och beim Projet Perspective, wou dann déi verschidden Elementer a Parameteren era kommen am Kader vum Suivi, dat läit am professionellen Ermiesse vun der Croix Rouge.

Mä d'Iddi ass schonns, datt et eng Phase ass, déi net déi ganz Zäit ass, fir och do e Roulement eranzekréien. Dat ass och d'Iddi, déi mer generell mat eise Projeten hunn, nämlech datt mir punktuell do si fir de Leit ënnert d'Ärem ze gräifen, datt si ënnerstëtzt ginn, fir herno kënnen eegestänneg an autonom ze liewen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech hu just eng Zousazfro: Wéi ass d'Zesummenaarbecht mat eisem Office social, ginn do prioritär och déi Leit berücksichtegt, déi schonn zu Diddeleng sinn, grad bei Famillemonoparentallen, do si villäicht och Kanner déi aus engem Fraenhaus hei an de Schoule sinn, oder déi aus soss enger Prekaritéit eraus an eng Situatioun kommen, wou se esou eng Wunneng mussen unhuelen, wou d'Kanner villäicht schonn hei an der Schoul sinn, gëtt do och gekuckt datt mir do als Diddelenger eng gewësse Prioritéit hu fir d'Besetzung oder fir d'Locatioun vun deene Wunnengen? Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wéi gesot, déi Zurverfügungstellung ass fir 36 Méint an et ass kloer, datt mir den Diddelenger eng Prioritéit solle ginn.

Da géif ech Iech proposéieren, datt mir zum Vote iwwer ginn, engersäits den **Devis estimatif vu 40.000 Euro,** awer och de **Crédit spécial vu 40.000 Euro.** Kënne mir déi zesummen ofstëmmen?

**Wien ass mat deenen Devise averstanen? Dat ass unanime.** Villmools Merci.

### 3.5.Approbatioun vun engem Crédit estimatif an Héicht vu 400.000 Euro fir d'Mise en conformité vun de Gemengenatelieren

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert dësem Punkt geet et ëm den Devis vu 400.000 Euro, dee mir virleien hu fir d'Mise en conformité vun de Gemengenatelieren.

Déi Mise en conformité musse mir maache well mir eng ganz Rei Prescriptioune mussen erfëllen, och um Niveau vun der ITM. Et ass virgesinn an deem dote Budget, datt mir d'Vestiairen an d'Toilettë getrennt mussen amenagéiere fir Damen an Hären. Dann ass do nach e gemeinsame Réfectoire, wou mussen nach Aarbechte gemaach ginn, wat d'Heizung an d'Isolatioun ugeet, an dës Aarbechte gëlle fir 100 Leit. Et ass wichteg, datt mer de Consideratioune gerecht ginn. Déi d'Aarbechter an eise Regiebetriber betreffen

Dat zu den Erklärunge firwat mir hei e Budget vu 400.000 Euro virleien hunn, an dee Budget ass jo och am Budget vun 2017 virgesinn, mä e muss och hei den Aval vum Gemengerot kréien.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Et ass schonn en uerdentleche Chiffer, 400.000 Euro fir eng Mise en conformité, wann Dir elo sot et sinn Toiletten an Openthaltsräim, mir sinn e bësse skeptesch ob dat nach néideg ass well mir ëmmer gesot hunn, mir maachen en Ëmbau, en Ausbau oder en Neibau oder wat och ëmmer.

Wéi sinn do d'Projeten, wat ass elo geplangt do?



Zum Beispill war jo eng Kéier d'Iwwerleeung ob mer en Atelier op Neischmelz maachen, oder wann elo zum Beispill d'Pompjeeën eraus ginn ob een do eventuell deen Terrain kéint mat eraus huele fir d'Atelieren allgemeng e bëssen auszeweien oder zesummenzeleeën, well dat heiten ass en Invest, wa mir wëssen datt mir d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer do eraus plënneren, dat wier dann e bësse blöd.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass net esou, datt Diddelenger Regiebetriber an deenen nächsten 2-3 Joer op Neischmelz wäerte plënneren, wa mir wëssen, den Timing, an do wäert dëse Gemengerot och sécher nach méi wéi eng Kéier solicitéiert ginn, wann déi éischt Aarbechten ufanks 2019 kënne gemaach ginn, wat Neischmelz ugeet, an och driwwer eraus, bis d'Regiebetriber definitiv kënne plënneren, dat wäert nach eng Zäitchen daueren.

D'Realitéit ass awer esou datt mir Leit do hunn, déi do schaffen, an déi am Alldag do an an aus ginn, an déi Lokaler notzen, dofir ass dat e wichtegen Invest, dee mir hei maache mussen, well mir musse konform sinn a bleiwen. Am Alldag gëtt do geschafft, do halen sech Leit op an dofir musse mir déi Mise en conformité maache well et wier net gutt wa mir Leit do schaffen hätten an d'Prescriptioune wieren net agehalen.

Dat heiten ass en Invest, deen néideg ass, well an deenen nächsten 2-5 Joren d'Regiebetriber nach ëmmer wäerten do sinn, wann een awer kuckt, Neischmelz 10-15 Joer, dofir ass dat heiten en Invest dee mir net nëmme kuerzfristeg maachen, a wéi gesot am Alldag ginn déi Lokalitéiten awer gebraucht.

Da géif ech proposéieren, datt mir zum Vote kommen.

**Wien ass mat dësem Devis averstanen?**
**Dat ass unanime.** Merci.

### 3.6.Approbatioun vun engem Crédit estimatif an Héicht vun 300.000 Euro fir d'Mise en conformité vum Foyer Minettsdäpp

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir weider op en anere Punkt, wou mir och mussen en Devis stëmme vun 300.000 Euro, dat och duerch nei Bestëmmungen déi stattfonnt hu generell an de Structure-d'accueillen an an de Crèchen. Dat huet domadder ze dinn, datt jo och laut den neie Prescriptiounen d'Crèchen an d'Kommodo-Klass 3 A falen, an do gëtt d'ITM eng ganz Rei Prescriptioune virginn, an do muss och am Foyer Minettsdäpp, wou d'Gemeng Propriétaire ass vun de Gebailechkeeten, eng ganz Rei Aarbechte gemaach gi fir d'Mise en conformité an awer och eng Rei Modifikatioune stattfannen, wat d'Gruppen ugeet, well dës Crèche ebe Kanner huet am Alter vun 0-4 Joer, do si 35 Kanner, do sinn an de leschte Joere Gruppen ofgebaut ginn, an et soll och eng Extensioun vun de Puppelcher kënne stattfannen, vun 0-18 Méint, dat ass en neie Moment an der Struktur, an do mussen eng Rei Aarbechte gemaach ginn.

Wéi gesot, verschidde Prescriptioune sinn ze erfëllen, nei Brandmelder, eng Noutbeliichtung, de Compartimentage Brandschutz muss gemaach ginn, aus Sécherheetsgrënn an aus hygienesche Grënn, an och an der Diskussioun mat der ITM, de Puppelchesgrupp war ëmmer um 1. Stack, dee gëtt elo erofgesat op de Rez-de-chaussée, do mussen also eng Rei Ëmbauaarbechte gemaach ginn. An der Kiche ginn eng Rei Aarbechte gemaach, dat heiten ass en Haus, do sinn am ganzen dräi Gruppen, d'Aarbechte sollen - wa mir hei de Feu vert ginn - am Juni ufänken an am September ofgeschloss ginn, déi Aarbechten kënnen och am Laf vum Betrib gemaach ginn, och dat ass an Ofstëmmung mam Personal beschwat ginn.

Dat ass, wat hei dësen Devis ugeet, Dir gesitt hei wat vun Aarbechte musse gemaach ginn, mir kommen net dolaanscht, mir hunn och e Courrier gemaach well dat heiten ass eng nei Discussioun am Gemengerot, mir haten déi selwecht och mat der Diddelfamill a mir hunn och e Courrier gemaach, do waarde mir op hir Réckmeldung vum Educatiounsministère wat d'Prise en charge vun deene Fraisen ugeet, well dat heiten ass jo eng nei Prescriptioun vum Ministère, esou datt och d'Prise en charge zu 100% vum Ministère ass.

Mir hunn do e Courrier gemaach a waarden op eng Réckmeldung, dat ass och eng Informatioun, déi ech dem Gemengerot net wollt vir enthalen, well et awer och an dem Sënn e konsequente Budget ass, dee mir hei engagéieren, nach gëtt dat virfinanzéiert, fir datt mir fir d'Rentrée am September déi Aarbechten kënnen ofschléissen an en neien Accueil ka gemaach gi fir d'Kanner.

Esouvill als Erklärungen. Si Froen dozou? Dat ass net de Fall.

**Wien ass fir den Devis?**
**Dat ass unanime. Da soen ech Iech** Merci.



**3.7. Ännerung vum Kapitel XXVIII – Verkaf vun Drocksaachen a kommunalen Audio- a Videodokumenter – vum allgemengen Taxereglement**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer zu der Modifikatioun vun engem Taxereglement, an dat wäert eis Frënn, déi Geocaching maachen, ganz vill Freed maachen, an dofir géif ech dem Loris Spina d'Wuert ginn.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Merci Här Buergermeeschter, léif Leit aus dem Schäffen- a Gemengerot, d'Taxereglement wëlle mir hei upasse well et en neie Moment gëtt, mir hate schonns emol e Geocoin an eisem Taxereglement gestemmt, wou deemools e Mega-Event hei zu Diddeleng war, wat och an e flotte Succès war, well effektiv, zu Diddeleng ginn et vill Leit déi dem Hobby noginn.

Hei ass eng Initiativ déi vun der Maison-relais ginn ass, am Kader vum Familljendag, wat sécherlech e grousse Succès wäert ginn, an si wäerten och do Aktiv mat partizipéieren, an an deem Kader organiséieren si och eng Actioun ronderëm de Geocaching, an dofir hu mir hei déi zwee flott Coine ronderëm d'Thematik vum Superjhemp, och dat huet an deem Sënn en trauregen Nogeschmaach, well et eent vum Roger Leiner senge leschte Wierker ass, wou e produzéiert huet an déi zwee Coine ginn hei ënnerschiddlech an der Vente verkaf, deen ee kascht 15 Euro, dat ass dee Faarwegen an dee vu 18 Euro ass dee Schwaarz-wäissen.

Ech wëll awer och den Event selwer eraushiewe well dat eng ganz flott Iddi ass am Kader vum Familljendag. Déi Kanner, déi do matmaache mat hire Familljen, am Kader vun dem Geocaching, déi ginn natierlech déi Geocatchen do sammelen, an déi ginn och ronderëm, a maachen eng Botzaktioun, also ënnerwee profitéieren se fir den een oder aneren Dreck deen se fannen ze sammelen, sou datt mir do de Spassfaktor, de Geocatch an d'Botze vun Diddeleng kënne matenee verbannen, also eng ganz flott Initiativ, wou ech dann hoffen datt déi hei och Zoustëmmung fënnt. Merci.

Jean-Paul Gangler (CSV): Also als deklaréierte Superjhemp- a Roger Leiner-Fan muss ech mech froen: muss ech Geocatch matmaache fir deen do kënnen ze kréien oder kann ech en hei an der Gemeng kafen?

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Am léifste géif ech jo soe "Maacht mat", mä Dir kritt och esou een ze kafen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech proposéieren, datt mir zum Vote iwwer ginn, fir datt mir dat kënne konkret ëmsetzen.

**Wien ass mat der Ännerung averstanen?**
**Dat ass unanime.** Merci.

**3.8. Approbatioun vun Dekonte vun ausseruerdentlechen Aarbechten**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir iwwergoen op eng Rei Dekonten, et sinn am ganze sechs Stéck.

Dat sinn d'Acquisitioune vun den Defibrillatore fir eis Gemenggebaier, respektiv fir eis ëffentlech Plazen, dat war en Devis vun 129.000 Euro, dat Ganzt huet eis 128.918,66 Euro kascht, an dee Projet mat den Defibrillatoren huet sech erstreckt vum Joer 2011-2016, also iwwer gutt 6 Budgetsjoren, wou mer déi Acquisitioune gemaach hunn.

Wat eist d'Drénkwaasser ugeet, do hu mer missen eis Kanalisatioun verstäerken iwwert de Roudebierg, dat war en Devis vun 150.000 Euro, an dat huet 148.306,87 Euro kascht. Dat war 2015 an 2016.

Da war et e Camion, dee mir kaf hu fir de Service Voirie, dat war en Devis vun 150.000 Euro an et huet eis 147.718,35 Euro kascht.

Den Devis fir de Müllwon, dee mir kaf hunn, war 270.000 Euro, an en huet eis 268.647,33 Euro kascht. Dat war 2015 an 2016.

Den Éclairage public, déi nei Chrëschtluuchte mat LED-Biren, déi mir kaaf hunn am Joer 2016, dat war e Montant vu 64.250 Euro, déi mir am Budget haten, an et huet eis am ganzen 63.766,57 Euro kascht.

An dann de leschten Devis, den Ticketing-System fir an déi verschidde Servicer ze goen hei an der Gemeng, wou d'Leit en Ticket kënnen huelen a wou se dann orientéiert ginn an d'Servicer, dat war en Devis vu 70.000 Euro, an déi effektiv Dépense war 69.824,45 Euro.





Dat zu deene sechs Dekonten, déi Dir hei virleien hutt, si Froen dozou op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech wollt just eng kleng Remarque maachen, ob mir kënnen d'Chrëschtbeliichtung eraus huelen, well mir waren deemools net averstane mat der Chrëschtbeliichtung well mir fonnt hunn - well mer souwisou dee ganze Shared Space do amenagéiert hunn - datt dat Sue sinn, déi zur Fënster eraus gehäit sinn, well et net néideg gewiescht wär do virdrun nach déi Beliichtung do ze kafen.

An ech wollt nofroen, mat den Defibrillatoren, déi zwee lescht, déi hate mer jo iwwer Leasing kaf, an déi aner hate mir esou kaf, an do huet et geheescht, do wier och d'Wartung mat dran, mat der Acquisitioun.

Meng Fro ass: Wéi sinn elo d'Erfahrungswäerter? Sinn se iwwerhaapt schonns gebraucht ginn? An zweetens, hu mer se missen ersetzen, war eppes futti gemaach ginn, ass Abus domat gemaach ginn?

Dat wier net oninteressant ze wëssen, ob do zousätzlech Käschten op eis zou kommen? Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wann ech richteg verstanen hu wëllt Dir iwwer den Dekont mat de Luuchte separat ofstëmmen? Ok kee Problem.

Mir hunn déi doten iwwer Leasing kritt an elo si mir Propriétaire vun all eisen Defibrillatoren, dat ass den een deel. Ganz wéineg Interventiounen hu stattfonnt an si si respektéiert ginn, et ass ganz wéineg Vandalismus bedriwwe ginn, heiansdo gouf et mol déi eng oder aner Meldung déi ee kritt huet, datt eng Feelfunktioun war, mä elo an de leschte Jore war am Fong weider näischt.

Mir hunn natierlech separat e Contrat d'entretien, dee mir lafen hunn, dat si ronn 250 Euro pro Defibrillator pro Joer.

Mä wéi gesot, déi Wartung ass net onwichteg well déi musse jo ëmmer funktionéieren.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Ech wonnere mech awer elo, heescht dat dann, datt mir déi Chrëschtbeliichtung elo net méi wäerte benotzen?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dach, wat d'Madame Kayser gefrot huet, dat ass datt mir iwwert den Dekont separat ofstëmmen. D'Madame Kayser ass der Meenung, datt se net noutwenneg ass, mir denken awer schonns well nach ass se dëst Joer, also 2016 opgehaange ginn a si wäert och nach eng ganz Rei Joren opgehaange ginn, bis de Shared Space fäerdeg ass an et ass en Invest deen net verluer ass.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Dat heescht an anere Wierder, si gëtt awer elo nach déi nächst Joere benotzt?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Jo an och doriwwer eraus.

Da géif ech proposéieren, datt mir déi Dekonten ofstëmmen, dee wat d'Chrëschtbeliichtung ugeet, huele mir eraus, dat heescht mir huelen déi éischt fënnef.

**Wien ass mat deenen Dekonten averstanen? Dat ass unanime.**

Da komme mir zum **Dekont vun der Chrëschtbeliichtung, wien ass domadder averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP an déi Gréng.**

**Wien enthält sech? Dat ass d'CSV an den ADR.**

**3.9.Verdeelung vun uerdentleche Subsiden un déi lokal Veräiner fir d'Joer 2016**

Merci dofir an da gi mir weider op eis ordinär Subside fir 2016 déi mir un eis Diddelenger Veräiner ausbezuelen, an do ginn ech hei eisem Schäffe Loris Spina d'Wuert.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Alle Jahre immer wieder, Dir hutt virun Iech leien datt verschidde Sparten, wou eis Associatiounen eben täteg sinn. Ech muss och soen, datt mir jo elo den Tour vun de Generalversammlungen hannert eis hunn an dëst Joer hate mir net eng Interventioun wat d'Subsiden ubelaangt, sou datt mir dovunner ausginn, datt de Prinzip dee mir hei zesummen erschafft hunn, gutt akzeptéiert ginn ass an dobaussen och gutt ukënnt bei deene verschiddenen Associatiounen.

Et gesäit een hei, datt eis gréisser Veräiner d'selwecht behandelt ginn, no deem Schlëssel, dee mir ausgeschafft



hunn, datt och eis ganz aktiv Scouten d'selwecht subsidiéiert ginn, an et erkennt een och, datt deen een oder aneren Neien dobäi ass, dat heescht, d'Veräiner musse jo 1 Joer hei agedroe sinn éier se kënnen an de Genoss vun den ordinaire Subside kommen.

An et ass awer och den een oder anere Veräin deen decidéiert huet, net drop ze äntwerten, wéi se de Courrier kruten, well se einfach mengen, datt hir finanziell Situatioun esou gutt ass, datt se net mussen op de Gemengesubsid zeréckgräifen.

Minimal Variatioune kann ee feststelle par rapport zu deene Jore virdrun, dat ass dann ëmmer doduerch bedéngt, well d'Aktivitéite geännert hunn, respektiv well déi aktiv Memberszuel entweder no ënnen oder no uewen sech développéiert huet, an awer och d'Encadranten, déi mol méi oder manner gebraucht ginn, respektiv d'Ausbildung vun deenen eenzelnen Encadranten sech verännert huet, dat erkläert wisou d'Montante bei verschiddenen deelweis liicht geännert hunn.

Domat ass d'Diskussioun op, oder Dir kënnt direkt soen, datt Dir d'accord sidd.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, dann ass et alt schonns erëm e Joer hir, datt mir hei iwwer déi Subsiden diskutéiert hunn. De Schäfferot hat eis schonns 2015 erklaert, datt mir déi Subsidenaktioun net sollten iwwerbewäerten, ëmmerhi wier et jo nëmmen eng ganz kleng Minidrëps vun der Ënnerstëtzung, déi d'Veräiner hei an der Gemeng kréien, an och d'lescht Joer gouf eis dat selwecht gesot, obschonns vill Veräiner frou si fir all Euro deen se kréien, och wann dat nëmmen e klengen Deel ass vun der Ënnerstëtzung, déi d'Veräiner zu Diddeleng kréien.

Awer och wann de Schäfferot dat als eng kleng Ënnerstëtzung ugesäit, dierf een net vergiessen, datt mir 2012 en Aarbechtsgrupp geschaf haten, dee sollt dofir suergen, datt dës kleng Ënnerstëtzung sollt méi gerecht a méi transparent gi wéi déi Joerzéngten dovun, an et dierf een der Opposition am Gemengerot et och net schief huelen, wann se sech virgeholl huet, all Joer ze kontrolléieren ob déi ugestrieften Transparenz a Gerechtegkeet dann och wierklech erreecht gouf.

A mir wëlle wéi all Joer virausschécken an ënnersträichen, datt mir net wëlle Veräiner géinteneen ausspillen, mir wëlle just, wéi dat sech fir d'Opposition gehéiert, dem Schäfferot seng Aarbecht analyséieren a kommentéieren.

Déi lescht 3 Joer hu mir vun der Oppositioun déi Subside geschlossen net matgestëmmt, wat jo wuel weist, datt mir dem Schäfferot seng Aarbecht mat de Subsiden net als immens transparent ugesinn hunn.

Et gouf e Veräi genannt deen hei zu Diddeleng 1 vun 26 Sectiounen am Land duerstellt, an sech am Subsid vun 770 op 2.000 Euro erop geschafft hat, dobäi hat hei banne kee verstane wéi dat gerechtfäerdegt war.

De Schäfferot huet awer gemengt, hien hätt dat unhand vun héije Memberszuelen, déi ufanks falsch ageschat goufen, verstanen. Dee Veräi kritt souvill wéi eis traditionell Scoutsveräiner, deenen hir eenzeg Aufgab jo d'Jugendaarbecht ass, ouni dass dee besote Veräin awer bei wäitem déi selwecht Jugendaarbecht opweises huet, wéi d'Scoutsveräiner.

Da misst de Schäfferot sech mol froe wat säin Zil ass: héich Memberszuelen ze belounen, déi dem Veräin souwisou en héije Montant u Cotisatiounen abréngen, oder d'Jugendaarbecht gezielt ze ënnerstëtzen an ze förderen, wéi et an der Schäfferotserklärung vun 2011 ugefouert gouf?

Wann dat lescht Zil sollt ugestrieft sinn, dierf et jo net sinn datt just héich Memberszuelen engem Veräin esou vill abréngen, wéi de plafonéierte Betrag vun engem traditionelle Jugendveräin. An dat huet den Informatiksprogramm, deen deemools opgebaut gouf, net virgesinn.

Mä am Fong huet de Schäfferot eis jo d'lescht Joer erklärt firwat mir déi Gerechtegkeet, no där een hei sicht, net erëm fannen:



Ech zitéieren aus dem Gemengerot vum 10.06.2016: “Elo ass et esou, datt mir als Schäfferot, sou wéi dat och virdrun ëmmer war, déi Formel do als Basis huelen, eis awer eng gewësse Flexibilitéit loosse fir de Subsid unzepassen, sou wéi dat eben och virdrun de Fall war, virun där ominéiser 2013 Aarbechtsgrupp. Dat gesot, hu mir awer mëttlerweil Tableauen ausgeschafft, respektiv déi Calculen, déi eng gewëssen Transparenz bruecht hunn, déi mir viru Joren net haten.”

Mä dat gesi mir anescht.

Firwat, weist eis d’Analys vun den Zuelen, déi dëst Joer virleien. Do tauchen zum Beispill zwee nei Sportsveräiner op, déi bis elo nach net opgefouert waren. Den ee kritt 560 Euro, deen anere 700 Euro, dee lescht genannte Veräin ass 2009 zu Schëffleng gegrënnt ginn ass awer no eegenen Aussoen 2013 op Diddeleng komm, well eis Gemeng hie besser ënnerstëtzt. Dat geet also duer, fir datt de Veräin säi Sëtz verleet fir kënnen an d’Ville du Sport ze kommen.

Mä an anere Kategorien, am Sozialen an am Scoutismus sinn awer och zwee nei Zougäng ze verzeechen, déi awer nëmmen 185 respektiv 370 Euro solle kréien. Déi zwee Veräiner hu sécher net manner Membere wéi dee Sportsveräin vu virdrun, mä si maachen awer erwisen op d’mannst grad esouvill Jugendaarbecht, awer do ass den éischte Subsid, mat deem se souzesoen am Club opgeholl ginn, mol net hallef sou déck wéi dee vun den neie Sportsveräiner.

Sou ginn all déi Zuelen déi eis hei virleien, andauernd erop an erof.

Bei deene 34 Sportsveräiner kréien der just 5, déi net plafonéiert sinn, dat selwecht wéi d’lescht Joer, 11 kréien der méi, 5 kréien der manner.

Bei deene 37 Veräiner aus deene 6 anere Kategorie fanne mir der 13 net plafonéierter, déi dat selwecht kréie wéi d’Joer virdrun, 13 déi manner kréien an nëmme 4, déi méi kréien. An déi Fluktuatioune gi bis zu 20% wat kaum nach mat schwankende Memberszuelen oder mat schwankenden Zuele vun Encadranten ze erklären ass.

Wann de Schäfferot behaapt huet, dee Kuch deen ze verdeele wier, wier all Joer dee selwechten an et géif just bannen an deem Kuch jee no den Angabe vun de Veräiner ëmverdeelt ginn, da stëmmt dat och net.

An de leschten 6 Joer zwëschent 2011 an 2016 ass dee stattleche Betrag deen ausbezuelt gëtt un d’Veräiner vu 47.500 op 56.800 Euro erop gaang, dat si 17%.

D’Sportsveräiner hunn an deene 6 Joer 35,79% méi u Subside kritt, Veräiner aus deenen anere Kategorien an der Moyenne 59,43% manner.

Insgesamt sinn an de leschten 6 Joer 311.000 Euro u Subsiden ausbezuelt ginn, dovunner 186.000 un d’Sportsveräiner.

Et ginn also manifest Schwankunge vu Joer zu Joer an deene verschiddene Kategorien, an awer och ënnerschiddlech Variatiounen tëschent deene verschiddene Kategorien.

Fazit: et weist sech all Joer, datt dat Ziel vun enger transparenter a gerechter Verdeelung vun de Subsiden net agehale gouf.

Dem Schäfferot seng sou genannte Flexibilitéit mécht, datt d’Efforte vun deem Aarbechtsgrupp, dee gegrënnt gouf, net déi Friichten dréit, déi erwaart goufen.

Mir vun der CSV wëllen eis awer net domadder offannen, a mir wäerte wuel mussen all Joer deen Exercice hei maachen, deen eis schlussendlech dozou bréngt, datt mir déi Subsiden net matstëmmen.

Am Kloertext, fir datt kee sech soll verflicht fannen, eis eppes virzegeheien, wat mir net gesot hunn:

Éischtens, mir wëlle keng Veräiner géinteneen ausspillen, dofir hu mir och alt erëm eng Kéier keng Nimm genannt a mir vergonnen all Veräi seng Subsiden.

Zweetens, mir gestinn och an, datt de Betrag deen d’Gemeng an d’Veräiner bezillt, ganz beträchtlech ass. Drëttens, mir sinn eis och bewosst datt d’Subsiden net déi eenzeg Ënnerstëtzung vun der Gemeng un d’Veräiner sinn, an dat ass och gutt esou.

Véiertens, loosse mir net vergiessen, datt et Veräiner gëtt, déi sech och vun décke Sponsoren zolidd ënnert d’Ärem gräife loossen oder substantiell ausseruerdentlech Subsiden am Gemengerot kréien, zousätzlech zu deenen ordinären. Dat vergonne mer hinnen och, mä déi Chance hu vill Veräiner net.



Fënneftens, mir wëssen och, datt de Schäfferot deen ausgeschaffte Verdeelungsschlëssel iergendwéi als Basis hëlt, mä mir vermëssen eng logesch an transparent Uwennung vun deem Schlëssel.
A sechstens, eis Iwwerleeunge gi kloer aus den Zuelen ervir, déi um Dësch leien. Merci.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter, also ech muss soen, ech ka mech dem Här Gangler senger Skepsis uschléissen, well mir schwätze wéi all Joer iwwer d'Verdeelung vun den uerdentleche Subsiden, déi un d'Veräiner ginn, an erëm sinn déi Montante schwéier novollzéibar, wéi och schonns déi lescht Joeren. Et sinn Ofännerunge par rapport zum leschte Joer ze verzeechnen, an d'Erklärungen dozou waren awer erëm extrem vague.

De Problem besteet säit 2013 säit gesicht ginn ass no engem neie Verdeelungsschlëssel vun deene Subsiden. Och wann de Kuch vun de Subsiden net grouss ass, soll awer gerecht opgedeelt ginn. Zënter 2013 probéiere mir, erauszefannen, no wéi enge Kritären déi Subside schlussendlech festgeluecht ginn, firwat se erop ginn oder erof.

Et ass verständlech, datt de System vun der Berechnung net zevill kompliziéiert soll sinn, datt eng gewësse Flexibilitéit soll do sinn, an datt och net Äppel mat Biere bei deene Veräiner verglach solle ginn. Et ass och evident, datt net all Cent muss genau gerechtfäerdegt ginn. Et misst awer méiglech sinn, schrëftlech Prinzipie vun der Verdeelung vun de Subsiden duerzeleëen. Da kéint een och d'Upassungen all Joer villäicht verstoen. D'lescht Joer hat ech och verschidde grouss Linne méi oder manner gutt verstanen. Dat hu mir elo bestätegt kritt, den Här Spina huet déi och rëm ugefouert. Et bleift awer erstaunlech, datt d'Subside vun deenen enge Veräiner all Joer änneren, no uewen oder no ënnen, villäicht och net vill, an anerer net.

Firwat ginn déi eng dann un d'Memberszuele gebonnen, an déi aner net?

Schued, datt et lech net méiglech ass, eis eng Leitlinn vun Äre Berechnungen zoukommenzeloossen.

Well dir eis nach ëmmer net den Abléck an déi Rechnungen erméiglecht, kënne mir och net einfach dat doten elo ofseenen. Mir enthalen eis dofir och wéi déi Jore virdrun. Merci.

Bob Claude (LSAP): Vun eiser Säit gesinn ass et jo net esou schwiereg, a mir hunn do net sou vill Beanstandungen ze maachen. Also ech war jo och vun Ufank un an dem Aarbechtsgrupp dobäi, an do hu mir allen 3,4,5, wou mir an dem Aarbechtsgrupp aktiv geschafft hunn, gesinn wéi kompliziéiert dat Ganzt ass.

Datt dat doten elo déi plakeg Zuelen do erauskommen, verstinn ech, datt verschidden Zuelen lech dann net esou gefalen, oder dir kënnt lech se selwer net explizéiren. Mä ech huelen awer un, an do hu mir vollt Vertrauen an de Schäfferot an an déi Servicer, déi déi Subside verdeelen, datt déi dat awer wierklech gutt wëlle maachen, an déi dat och richteg maachen, an da kommen esou Zuelen eraus. Et si jo och Veräiner, déi plafonéiert sinn, well wann no deene Kritäre geschafft géif ginn, wéi am Ufank ugefange gouf ze fueren, da géifen déi jo nach dat Duebelt kréien.

Ech denken och besonnesch un de Fussballveräin, wat dee gréisste Sportsveräin ass, dee mir hei hunn, dee géif quasi dat Duebelt kréien. An da géifen sech hei Leit och opreegen.

An dann nach eng Remarque zu där Saach. Jo et si Veräiner, déi méi Suen hu wéi anerer, mä och esou Veräiner, déi huelen all Euro gär un, an ech géif och mengen, datt déi dote Suen dee Moment an deene Veräiner och an d'Jugendaarbecht ginn, well deelweis komme jo déi grouss Zuele vu Membere vu Jugendlecher. Also jiddefalls, mir op eiser Säit wäerten där dote Subsideverdeelung zoustëmmen.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Merci fir Är kritesch Stellungnahmen. Et ass e bësse wéi den Här Claude et seet, et muss een net vergiessen, datt mir e laange Wee hannert eis hunn, viru Joere war do vill manner transparent wéi elo, an dee Schlëssel deen elo en vigueur ass - wat och ëmmer perfekt soll sinn – ass net perfekt mee dat bescht wat mer zesummen hikritt haten an dem Aarbechtsgrupp. Mir hu vill Sitzunge matenee verbruecht, an dat ass dee beschte Kompromëss gewiescht, dee mir do als Aarbechtsgrupp zustane kritt hunn. Nach bei aller Kritik an allem kriteschen Denken, wat jo Äert Recht ass, feelt mer dann awer hei déi konkret Proposition, wéi dann dee Schlëssel soll ausgesinn, datt jidderee gerecht soll behandelt gi wat och ëmmer dat sollt sinn. Woubäi dat heiten en Deel vun der Ënnerstëtzung ass, a bei de Veräiner an der Veräinswelt, egal wéi eng Veräiner, ass dat doten acceptéiert,



an déi verstinn och de Schlëssel deen se hunn, also déi Leitlinn déi d'Madame Goergen vermësst, déi hu mir hei awer schonns méi wéi eemol erwänt, ech mengen ech hunn och virdru gesot, datt dat d'Aktivmemberzuelen, d'Jugend, d'Encadranten, wéi sinn d'Encadrante forméiert, huelen déi Veräiner un den Aktivitéite vun der Gemeng drun deel, un de Cortègen, also ech mengen, dorunner huet sech näischt geännert, mir hunn eng kloer Transparenz, a mir hunn do kloer Fixpunkten, déi dann de Berechnungsmodus erkläre vun deem Schlëssel.

Wat den Här Gangler seet, e géif zwar d'Veräiner net géinteneen ausspillen, an awer mécht een et iergendwéi well een da seet, verschidde Veräiner déi méi Subside kruten, wéi déi Joere virdrun, do wieren souguer Vereiner déi zum Beispill keng Jugendaarbecht maachen.
A mir géifen als Schäfferot awer d'Jugendaarbecht ënnerstëtzen, also déi zwou Saache sinn och am Schlëssel erëm ze fannen, dat weess e ganz genee, well e war am Aarbechtsgrupp ganz aktiv dobäi.

Déi Veräiner, déi aktiv Memberen ënnert 18 Joer hunn, déi kréien Extrapunkten an deem Berechnungsmodus, mir hu wuel dat gemaach wat mir soten, datt mir d'Jugendaarbecht extra ënnerstëtzen, nach ginn et Veräiner déi vun hirer Essenz hir keng Jugendaarbecht maachen, dat ass eben esou, wann dat hiren Objet ass zum Beispill mam 3. Alter Aktivitéien ze maachen, da kënne mir déi awer net bestrofen, well dat d'office net méiglech ass, datt se Jugendaarbecht maachen, an dofir mussen och déi Veräiner mat hire Memberen, och wann déi en aneren Alter hunn trotzdem ënnerstëtzt ginn.

An da ginn et Veräiner, déi trotzdem datt se net regelméisseg wéi d'Scouten beispillsweis all Woch am Jugendberäich aktiv sinn, trotzdem iwwert d'Joer e puer flott Aktivitéite maachen. Sief et Vakanzekolonien oder soss Donatioune maache fir mannerbemëttelt Kanner oder Familljen, sou datt dat net esou einfach ass, wéi den Här Gangler dat elo hei gesot huet. Ausserdem muss och soen, datt déi Haussen, déi ugeschwat ginn, och ganz transparent hei am Gemengerot ugeschwat gi waren, mir hunn zweemol gesot, mir géifen 10% an de Subsiden an d'Luucht goen, an ass och de Kuch mat gewuess, an et ass awer och richteg datt mir ronderëm den ordinäre Subsid nach niewelaanscht verschidde Budgeten hunn, wéi d'Coupe d'Europe oder Patronagen oder och Material de Veräiner zur Verfügung stelle wou mir natierlech och dat mat berécksichtegen, an dat gëtt eng gewësse Varianz, sou datt een do net vun Ontransparenz ka schwätze mä et ass wéi den Här Gangler seet, alle Jahre immer wieder, a mir sinn nach ëmmer iwwerzeegt, datt dat doten e gudden transparente Schlëssel ass, deen an der Veräinswelt méi wéi acceptéiert gëtt. Mir spille ganz kloer mat offe Kaarten, a wéi gesot, nach hu mir näischt Besseres virleie vun de Leit, déi sech hei kritesch domadder ausernaner setzen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Also wann de Schlëssel jo soll esou transparent sinn, firwat kréie mir deen dann net virgeluegt?

An zweetens, eng Propose, villäicht fir datt mir méi Satisfactioun kréien, firwat leeft den Aarbechtsgrupp net weider, a firwat leeft et net sou datt wann Demande vun de Veräiner kommen, datt en Aarbechtsgrupp mat alle Parteien hei um Dësch sech nach eng Kéier zesumme setzt, an dann en toute transparence nach eng Kéier d'Verdeelung mécht.

Eis kënnt et eben esou fir wéi wann hannert zouenen Dieren eppes verdeelt gëtt. Wann ech kucke wéi transparent mir bei der Verdeelung fir d'Schüler an d'Studente sinn, do gëtt all Dossier eenzel gekuckt, do gi mir eis alleguerten eens, dat war ni e Problem. Firwat wëllt dir net, datt deen Aarbechtsgrupp soll weider existéieren, datt een dann dee Schlëssel, deen en ausgeschafft huet, dann och ugewannt gëtt, an dann hu mir déi Diskussiounen net am Gemengerot.

Mä esou wéi et am Moment leeft, kënne mir net zefridde sinn, a wann dir sot, d'Situatioune si minime, den Här Gangler huet et gesot, déi eng kréie 35% méi, déi aner kréien 59,4% manner, dat si keng kleng Fluktuatioune fir verschidde Veräiner.

Wat eis e bësse berouegt, dat ass, datt ee grousse Veräin iwwert déi Joere vun 700 op 2.000 Euro erop gaangen ass, wou mir och monéiert hunn, datt dat net ganz logesch war, genee déi 2.000 Euro, an en Don ëmgewandelt hunn, an déi 2.000 Euro déi se vun der Gemeng kruten un d'Stëmm vun der Strooss weider ginn hunn.

Villäicht haten se souguer e schlecht Gewëssen, wou se geduecht hunn, firwat kréie mir elo sou vill Sue méi? Dat ass just eng kleng Klamer, mä wéi gesot, firwat net en Aarbechtsgrupp asetze wou all Joer wann d'Rentrée kennt, datt dat einfach gekuckt gëtt, all zesummen un engem Dësch, an dann ass dat eng



Transparenz, an dann hu mir net déi Diskussioune well mir sinn net géint d'Subside fir d'Veräiner, mä eis iergert déi Vun-uewen-erof-Decisioun vum Schäfferot, fir d'Veräiner, an dat ass dat wat mir, an ech schwätzen och am Numm vun de Gréngen, et ass genee dat wat mir net gutt fannen. Merci.

Jean-Paul Gangler (CSV): Wann ech dierft nach eppes soen, den Här Spina weess och ganz genee, datt dee Programm, dee mir deemools zesummen opgestallt hunn, deen huet ganz vill Variatiounen op deene verschiddenen eenzele Kritären erlaabt.

Dat heescht, bei all Rubrik, ob dat Memberszuelen, ob dat d'Zuel vun de Jugendlechen, d'Zuel vun den Encadranten, oder d'Diplomer vun den Encadranten ass, bei all deene Kritäre konnt een uewen e Facteur asetzen, deen déi ganz Zuelen da beaflosst huet. Da konnt ee schonns soen, et ass mir méi wichteg, datt e Veräi jonk Memberen huet, an et konnt een eventuell dann och soen, et ass mir manner wichteg datt e vill Encadranten huet, oder ëmgedréint, et waren onheemlech vill Méiglechkeeten do, an dat erkläert och firwat et einfach ass ze soen, mir huelen dee Schlëssel a mir applizéieren en, a jiddereen ass zefridden domadder, mä am Fong war de Schlëssel vun deemools mat souvill komplexe Variatiounméiglechkeete versinn, datt een net konnt direkt objektiv handelen.

Alles wat do sollt vun objektiven Handlunge kommen, dat ass emol direkt ofgeblockt ginn.

An dann erënneren ech mech och un e Saz aus dem Aarbechtsgrupp, wou sech erausgestallt huet, datt zum Beispill d'Scoutsveräiner grad esou vill Memberen oder méi Memberen hu wéi d'Sportsveräiner a méi diploméiert Encadranten hunn, an du koum et zu dem Saz; „ Ech kann dat net zouloossen datt e Scoutsveräi méi kritt wéi e Sportsveräin".

Dat stoung deemools an der Luucht, an dunn ass et zu dem Plafonnement vun de Scoutsveräiner komm, an zwar net um selwechten Niveau wéi déi deck Sportsveräiner, mä soe mir mol zwee Drëttel vun deem. Do ass net alles ganz objektiv gehandhaabt ginn, a mat där Saach do humpele mir elo all Joer hei virun, a wann den Här Spina seet, do ginn et Veräiner déi maache Kolonien, dann huet e villäicht vergiess, datt d'Scoute Campe maachen, am Ausland, wou mir keng Ënnerstëtzung dofir kréien.
Ech mengen ech hätt dann alles gesot. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat zu der objektiver Diskussioun, ech wëll awer hei nach präziséieren: dat eent ass de Calcul deen ee mécht, wat d'Verdeelung vun de Subsiden ugeet, dat anert ass d'Verdeelung vun de Subside selwer. Dat sinn zwou verschidde Saachen, den Aarbechtsgrupp huet sech mat de Kritäre beschäftegt, wat d'Verdeelung awer selwer ugeet vun de Subsiden, dat ass net d'Aarbechtsfeld vun engem Aarbechtsgrupp, mä dat ass en zoustännege Service, deen dat mécht. Ech wëll dat hei awer nach eng Kéier kloer präziséieren, dat eent ass de Kader fir eppes auszeschaffen, an dat anert ass den exekutive Kader, d'Gemengservicer, déi dat dann och exekutéieren. Dat ass Comptabilitéit.

Also, et ass net un engem Aarbechtsgrupp ze soen, dee Veräi kritt esouvill, dee kritt esouvill, et ass net un him dat ze decidéieren, et ass un him ze soen, wéi kéinten d'Kritären ausgesinn. An duerno gëtt et exekutéiert.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Ech wëll dat just opgräife wat den Här Gangler gesot huet, dat weist am Fong wéi schwéier dat Ganzt ass, hie seet, d'Scoute maache vill a gutt Jugendaarbecht an dat ass richteg. Wa mir elo de Veräin huelen deen den Här Claude ernimmt huet, de Fussball, deen och vill a gutt Jugendaarbecht leescht, wa mir dann awer kucken, wéi oft d'Scoute Jugendaarbecht maachen, déi kommen 1 mol d'Woch zesummen, an déi maachen da ganz flott Saachen, wou se déi Jonk ënnert anerem op d'Liewe virbereeden, respektiv nach 3-5 extra Aktivitéiten zousätzlech wéi en Camp oder Ähnleches. Dat ass wierklech eng gutt Aarbecht wou déi maachen. An da wëll hien dat vergläiche mat engem Sportsveräin, well e seet, déi maachen och Jugendaarbecht. E Kand wou am Fussball 8 Joer huet, geet 2-3 mol d'Woch an de Veräin, ouni de Weekend d'Deplacementer fir de Match ze vergiessen. Wéi solle me dat matenee vergläichen? E Scoutsveräin, deen eemol d'Woch zesumme kënnt an do flott a wichteg Formation mécht, an e Sportsveräin, deen seng Kanner dräi- bis véier Mol d'Woch gesäit? Dat war ee vun de Knackpunkte vun dësem Aarbechtsgrupp a mir hunn eis ëmmer erëm dorunner gestouss. Déi eng kommen dräimol d'Woch zesummen, déi aner kommen drëssegmol d'Woch zesummen, wann een alleguerten d'Kategorien zielt. A wann een do dat da wëllt gläich verdeelen, wéi se sech da mat de Kanner ofginn, do si mer net erauskomm. Wéi soll een e Scoutsveräin an e Sportsveräi matenee vergläichen, wou béid Associatioune méi wéi gutt Aarbecht



leeschten? Mir sinn do net erauskomm an ech weess och net wat mer solle maachen. Wéi wëllt der dat dote vergläichen? Wann een d'Léisung huet, kann en eis se gären zoukomme loossen a mir berücksichtegen dat dann. Dat ass zum Beispill e ganz kritescht Beispill fir dat wat den Herr Gangler hei erwänt huet, dat weist, wéi schwéier et ass, Subside gerecht ze verdeelen. Wat ass gerecht? Een, deen d'Kanner eemol gesäit oder een, deen se fënnef Mol an der Woch gesäit?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Éischtens, zu deem leschte Punkt, et muss een och bedenken, bei de Sportsveräiner ginn d'Trainer bezuelt an d'Cheffen, déi preparéieren hir Versammlung gratis, déi si gratis an der Versammlung a gi gratis mat op d'Campen, a mussen se deemno wéi nach selwer bezuelen, deemno wou se logéieren, fir dat just ze soen.

Mä wann ech dat elo richteg verstanen hunn, Här Buergermeeschter, wann Dir sot de Service Comptabilitéit mécht d'Verdeelung, dat heescht déi kréien einfach dee Schlëssel an da maachen déi nach Gutdünken oder wéi si dat dann era kréie vun de Veräiner...

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ma Neen, ma Neen, mir hu jo Kritären!

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Dir hutt jo gesot, d'Verdeelung ënnersteet de Gemengeservicer. Wat mir jo virwäerfen, dat ass datt den Schäfferot dem Service d'Weisung gëtt, souvill gëss de, du kanns mir net erzielen, datt dat de Service Comptabilitéit vu sech aus decidéiert, wie wat kritt.

Dofir, firwat net wéi beim Service Subsid bei de Studenten, treffe mir eis alleguerten iwwerparteilech zesummen an da kucke mir dat eng Kéier duerch, a wann dir dann erkläre kënnt firwat deen een esouvill an deen aneren esouvill kritt, ass dat jo keen Thema.

Mä déi Intransparenz, Dir verstitt net wat de Problem ass, et ass déi Intransparenz, a wann dir elo einfach sot, mä dat ass einfach de Service Comptabilitéit, dee verdeelt dat nom Schlëssel, esou blöd si mir och net, datt mir dat gleewen datt en den Här Poull ass, deen decidéiert wie wat kritt. Dir musst awer schonns éierlech sinn: Neen, mir maachen dat, mir kucken dat, an dann dréie mir un de Schrauwe wéi dat eis passt.

Wann Dir eis dat mol eng Kéier géift kloer soen, da wéisste mer, wéi et ass.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Also et gëtt hei keng Intransparenz, och wann d'CSV déi Schinn säit enger halwer Stonn probéiert opzebauen a konsequent duerchzezéien. Hei si Kritären, hei war och en Aarbechtsgrupp deen am Krees gedréint ass, an en fonction vun deene Kritäre ginn och d'Subsiden ausbezuelt, an den Här Spina huet hei den Appel gemaach, mir hu jo hei iwwer verschidden Diskussiounen, déi vun der Majoritéit a vun der Oppositioun gefouert ginn, gesinn, wéi schwéier datt et ass. Wann natierlech Proposen um Dësch leien, fir dat dann Ärem Ermiessen no méi equitabel ze maachen, nach muss et méi équitabel sinn, da verschléisse mir eis hei net. Nach muss et méi équitabel sinn.

Da géif ech proposéieren, datt mer zum Vote iwwer ginn.

**Wien ass domadder averstanen datt d'Veräiner déi 56 820 Euro ausbezuelt kréien?**

**Dat sinn d'Stëmme vun LSAP an ADR.**
**Wien enthält sech? Dat sinn d'CSV an Déi Gréng.**

### 3.10.Verdeelung vun ausseruerdentleche Susiden

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir zu den extraordinäre Subsiden, déi mir hei ginn, an dat sinn der fënnef am Ganzen:

Dat sinn 1.250 Euro fir de Centenaire vun der Association nationale des arbitres.

Dat sinn 1.000 Euro fir den HBD, deen d'Véirelsfinale vum Challenge-Cup gewonnen huet.

Dat si 500 Euro fir den CAD fir d'Coupe d'Europe, fir d'Männer.

An nach eng Kéier 500 Euro fir d'Dammen.

An 150 Euro fir d'Cotisatioun bei der ALMA, dat sinn d'Mediateuren.

**Dat sinn déi fënnef extraordinäre Subsiden, ass de Gemengerot domat averstanen?**




Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech wollt nach just eng Fro stellen: Well mir elo hei iwwer d'Subside fir d'Veräiner schwätzen, mir hu jo och de Prix du Bénévolat, mir kruten elo eng Invitatioun, datt mer sollten do op déi Präisiwwerreechung kommen. Wéi eng Kritäre sinn do ugewannt ginn a wéi eng Leit kréien déi Subsiden? Do si mir och net an der Transparenz informéiert ginn, dat ass och eppes, wat mer bedaueren. Hei handelt et sech jo awer ëm 5.000 Euro, déi am Budget stinn. Dat passt hei an dee Kader, et wier flott do eppes gewuer ze ginn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Och dat ass en toute transparence gemaach ginn, well am Kader vun de Budgetsdebatten, am Kader vum Syndicat d'Initiative, an och am Courrier, deen eraus gaangen ass, gouf en toute transparence gesot, datt d'Veräiner, respektiv de Comité kënnen eraus wielen, wien si wëlle geéiert hunn als Benevole vum Veräin, an déi Aarbecht huet de Veräi gemaach, an d'Gemeng mécht sech de Pleséier fir dee Benevole, deen de Veräi selectionéiert huet, ze éieren.

Alleguerten d'Veräiner goufen ugeschriwwen, all déi 200 Veräiner, an ëm déi 30 Veräiner hunn eis eng Réckmeldung ginn an e Benevole virgeschloen an déi kréien elo e Cadeau vun der Gemeng. Et ass jiddereen zeréckbehale ginn, mir maache keng Selektioun, hei ginn all déi Leit geéiert déi d'Veräiner eis virgeschloen hunn.

Da komme mer zum Vote.

**Wien ass mat deene fënnef Subsiden averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

## 4. BENENNUNG VUN ENGER ËFFENTLECHER PLAZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et geet hei ëm d'Plaz Tony Neuman, wann dir Iech kënnt erënneren ass dat déi Plaz déi een hat wann een an de fréiere Parking bei der Poste era gefuer ass, rietser Hand. Déi Plaz ass dem Projet geweecht, an hei si mir an der Situatioun datt mir en Acte de donation hu vum Tony Neuman, deen eis déi Donatioun gemaach huet, mam Virbehalt, datt déi Plaz déi mir do kréien net ka verbaut ginn, datt do eng Aire de repos ass mat Verdure.

Am Kader vun den Aarbechte mam Projet Am Duerf ass deen doten Deel mat an de Projet agefloss a mir hunn eis en contrepartie verflicht vis-à-vis vun der Famill Neuman, eng equivalent Plaz ze proposéieren, wou och eng Aire de repos ass, wou och kënne Leit sech ophalen, wou och e bësse Verdure ass, an am schrëftleche Courrier, an Telefonaten an och am E-Mail-Austausch hate mer der Famille Neuman zwou Plaze proposéiert, engersäits hannert der Gemeng, eise Mäerchebësch, datt dat d'Plaz Tony Neuman kéint genannt ginn, respektiv déi aner Plaz, dat ass déi nei Plaz, déi elo entsteet an der Entrée vum Parking, déi amenagéiert gëtt, dat war jo am Projet virgesinn, wou och eng Plaz amenagéiert gëtt mat Bänken a Gréngs. Wéi gesot, de Mäerchepark kennt dir, déi aner Plaz ass direkt an der Entrée vum Duerf, an der Rue de l'Étang, direkt vis-à-vis vun der Entrée vum Parking, respektiv vun der Brasserie Am Chalet.

Dat waren déi zwou Plazen, déi mer proposéiert hunn, d'Famill Neuman huet sech dat och ugekuckt an eis matgedeelt, datt si mat der Plaz am Duerf averstane wier an datt déi sollt als nei Plaz Tony Neuman soll genannt ginn.



Mat dësem Avis favorable, dee mir kritt hu vun der Famill Neuman, huele mir dat mat an de Gemengerot, well déi Plaz muss dann offiziell nomméiert ginn, dat muss hei duerch de Gemengerot goen, éier se amenagéiert gëtt, da kënnt herno och nach eng Plack dohinner, wou déi Plaz dann esou genannt gëtt. Esouvill zu den Erklärungen, wat d'Benennung vun dëser Plaz ugeet.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, ja mir waren natierlech ëmmer d'accord datt deen Handel do sollt stattfannen, mir hunn den Nokomme vun der Famille ëmmer agestanen, datt dat hiert gutt Recht war, dat hei och nach notariell verbrieft fir esou eng Plaz amplaz ze kréien.

Meng Fro ass elo: Déi Surface vun der Plaz déi mir do sollen ëmbenennen, huet déi och genee déi Surface, déi deemools am Acte stoung, dat heescht déi 3,01 Ar oder huet déi manner?

An da wollt ech just bemierken: ech weess net ob d'Famill Tony Neuman domadder d'accord war, datt déi Plaz soll dohigemaach ginn, mä wann een elo an den Texter kuckt, wou steet, do soll eng wichteg Verdure gemaach gi fir Diddeleng, a wéi och de Buergermeeschter dat deemools erkläert huet, déi "Aire de repos très attractive a aménager autour d'un plan d'eau et pourvue d'un banc", dat ass awer elo villäicht e bëssen Zukunftsmusek, well wann een sech déi Plaz ukucke geet, wann se 3 Ar huet, dann ass do dra schonns en Terrain vun 2 Ar dran, deen nëmmen aus Beton besteet, deen herno villäicht e bësse mat Waasser opgefëllt gëtt, da si 25 Meter mol aacht Meter Beton an da bleift ronderëm eng minimalistesch Sträif vu Gréngs, wou et awer hochnäseg ass, do vu Verdure ze schwätzen. Dat hätt eng Kéier sollen esou ausgesi wéi dat heiten [Weist e Bild]. A wat do de Moment ass, dat ass haaptsächlech Beton. Ech wëll just bemierken, dee Pabeier deen esou Saache versprécht, deen hält dat net ëmmer.

Well mir awer enk verbonne si mam Shared Space, erlaben ech mir nach e puer Froen ze stellen, déi op soss kenge Punkt vum Gemengerot stinn...

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Neen, Neen, mir bleiwen awer hei am Kader vun der Place Neuman, soss maache mer eng Diskussioun op a da kënne mer...

Jean-Paul Gangler (CSV): Wéi gesot, mir sinn d'accord fir déi Plaz do esou ëmzenennen. Mir fanne just datt se net dat hir gëtt wat deemools versprach ginn ass. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Nach weider Stellungnahmen? Ech mengen, mir hunn hei den Accord virleie vum Reginald Neuman, an et ass dat wat zielt. Den Här Neuman ass domat averstanen. Ech sinn am Kontakt mat him, en hat Abléck an déi verschidde Parzellen, et ass en Avis favorable, hien ass domadder averstanen, an dat ass dat wat hei ze respektéieren ass an dozou wëll ech net méi soen

**Wien ass mat der Benennung vun der Place Reginald Neuman averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

**Huisclos.**



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 26. MEE 2017

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e schéine gudde Moien. Wëllkomm hei an der Gemengerotssëtzung, déi bal komplett ass. D'Romaine Goergen wäert duerch professionell Grënn eréischt géint 9 Auer kënnen antreffen. Wat den Ordre du jour vun haut ugeet, do sinn nach 3 Ajouten déi dobäikommen, fir den Ordre du jour ze kompletéieren. Dat ass engersäits eng Motioun vun deene Lénken, déi erakomm ass. Dat ass anerersäits eng Resolutioun vun der LSAP. An deen anere Volet ass dann iwwert den Enseignement fondamental, do ass nach e Changement an der Schoulorganisatioun.

Ass dann de Gemengerot mat deenen 3 Ajouten, déi en cours de route bäikomm sinn, averstanen? Jo. Da soen ech Iech Merci an da géif ech proposéieren, dass mir op den éischte Punkt iwwer ginn ënnert Korrespondenz.

## 1. KORRESPONDENZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dir hutt jo matkritt via d'Press, den 8. Mee hat jo den Aarbechtsminister d'Intentioun, e Projet-pilote ze lancéieren, wou souwuel d'Gemengen, déi am PRO-SUD Member sinn, an dann natierlech och d'Gemeng Diddeleng mat, fir Aarbechtsmesuren ze schafen, fir Leit, déi am Laangzäitchômage sinn. An an deem Kader ass natierlech och Diddeleng betraff. Diddeleng ass eng Gemeng, déi scho säit Mëtt 90er Joren e Service Emploi huet an och do de Volet vun der Initiative sociale spille léisst, wéi och eng ganz Rei ASBLen hei um Territoire vu Lëtzebuerg. D'Diddelenger Gemeng ass déi eenzeg hei am Land, déi sou e Service Emploi huet. Dëst gesot ass awer elo virgesinn, dass den Aarbechtsministère eng Plattform an d'Liewe geruff huet, wou am Fong déi jeeweileg 11 PRO-SUD-Gemenge kontaktéiert gi sinn, fir an där Plattform matzeschaffen, fir awer och ze kucken, wat déi verschidde Besoinen an de Gemenge sinn. Nieft där Plattform, wou d'Gemengen zesummekommen, huet den Aarbechtsministère awer och déi Suerg, bei all eenzel Gemeng ze goen, fir mat hir dann och bilateral ze diskutéieren, wat d'Besoinen um Terrain sinn, fir dat effektiv kënnen opzehuelen, fir dee Projet dann och mëttelfristeg kënnen ze realiséieren. E Projet, deen also och d'Gemeng Diddeleng wäert beschäftegen a wou mir natierlech zum gegebenen Zäitpunkt och nach eng Kéier hei wäerten dorop zeréckkommen, wann dee Projet-pilote um Territoire vum PRO-SUD deementspriechend ëmgesat gëtt.

Dat einfach zur Info an ech menge bei der Korrespondenz, bei de Kolleegen hei vum Schäfferot huet d'Claudia nach en Ajout ze maachen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Den 10. Mee hat den Transportminister an enger Froestonn an der Chamber gesot, et kéim eng direkt Buslinn Beeteburg-Diddeleng, déi an engem Mount, dat wär dann Juni, sollt operationell sinn. Ech sinn dee Moment dovunner ausgaangen, dass dat dann déi ominéis Buslinn 200 war, wou mir schonn e puer Mol hei am Gemengerot Rieds haten a wou mir och zweemol domadder befaasst waren, fir déi respektiv Busarrêten ze schafen. Op de sozialen Netzwierker huet de Minister och gesot, dat war ëm den 21. Mee, do huet e vun enger Expressbuslinn an d'Stad geschwat an e schreift, ech zitéieren en "gëtt de Busreseau a Richtung Diddeleng ausgebaut, sou kënnt zum Beispill eng Expressbuslinn





a Richtung Stad an de Spëtzestonne bäi". Bon, ech sinn nach ëmmer dovunner ausgaangen, dass dat dann déi ominéis Linn 200 wär an no ganz villem Hin an Hier, an ech muss och soen, mat ganz vill Drockausübung mengersäits zanter deem 10. Mee, krut ech dunn dëse Mëttwoch, also den 23., e puer Infoe vu Responsabelen aus deem Ministère. An zwar hate si net virgesinn, eng Linn ab Juni fueren ze loossen, well dat an där kuerzer Zäit guer net méiglech wär. Geplangt wär awer ab der Schoulrentrée am September d'Linn 305 fueren ze loossen. Dofir huelen si dann och elo mat eisem Service Circulation Kontakt op, d'Horairen hätte si scho bal fäerdeg an déi wäerten si eis dann och matzäit ginn, fir dass mir se kéinte kommunizéieren. Bon, "matzäit", wat och ëmmer dat heescht. Si géifen dann am Moment préiwen, am Dezember eng Direktverbindung vun Diddeleng op de Kierchbierg anzesetzen, an de Minister wäert och doriwwer e Méindeg an der Infoversammlung eppes soen, déi hei zu Diddeleng an der Gemeng ass.

Meng Fro, et wäert lech net wonneren, war wat dann elo aus där omineiser Linn 200 ginn ass, déi se ufanks Februar d'lescht Joer, also 2016, schonn ugekënnegt haten. Du sot dann deeselwechte Responsabel vum Ministère mir, dass si der Meenung sinn, dass et am Moment net sënnvoll wär an dass se dofir géifen déi Linn 305 ëmbauen an déi als Direktlinn fuere loossen. D'Linn 200 géif den Awunner vun Diddeleng näischt bréngen, well se do vill am Stau géife stoen an en plus iwwert d'Beetebuerger Gare misste fueren an do d'Korrepondenz mam Zuch ofgewaart misst ginn, sou dass d'Reeszäit fir d'Diddelenger Bierger net attraktiv wär mat där Linn 200. Ech froe mech just, firwat se dat net éischter woussten. Et géing dann ebe méi Sënn maachen, mat der Linn 305 op d'Gare Beetebuerg ze fueren an do entweder, ...also Madame Kutten, dat dote sinn déi Informatiounen, déi de Responsabel seet, wat seng Meenung ass, ech ginn se just sou weider, net dass Dir herno sot, dat wär meng Meenung...., an do dann entweder an den 200 oder an den Zuch ëmzeklammen. An déi Leit, déi dann op der Cloche d'Or schaffe géingen, déi kéinte jo am Dezember mat der neier Gare CFL Howald dovunner profitéieren a mat där direkter Linn op de Kierchbierg hätten se dann och eng besser Offer fir déi Leit, déi um Kierchbierg oder an der Uewerstad géife schaffen.

Dat sinn elo mol déi Infoen, déi ech e Mëttwoch krut. Ech hoffen dann, dass deen 305 an déi Expresslinn dann och wierklech iergendwann eng Kéier Realitéit ginn an dass den Timing dann och villäicht e besseren a méi séieren ass an net iergendwann eng Kéier genau sou gestuerwen ass wéi dann elo déi Linn 200. Dat sinn déi Infoen, déi ech am Moment hunn. Wann neier bäikommen, deelen ech lech déi natierlech am nächste Gemengerot mat.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech wollt hei och nach kuerz opgräifen, effektiv e Méinden den Owend um 7 Auer ass am Festsall hei vun der Gemeng Informatiounsversammlung vum Nohaltegkeet- an Transportminister François Bausch, deen am Kader vu senge regionalen Touren iwwert d'Stroossesécherheet ageet an dofir mécht hien dann nächste Méindeg um 7 Auer hei zu Diddeleng am Festsall halt.



## 2. GEMENGEFINANZEN

**2.1. Approbatioun vum Hondsrôle fir 2017.**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass deen éischte Rôle an dee beleeft sech op 40.040,- Euro, dat sinn 1144 Hënn um Diddelenger Territoire. Do kënnt jo nach am Laf vum Joer de Rôle supplémentaire nach dobäi.

**Ass de Gemengerot mat deem Hondsrôle sou wéi e virläit averstanen? Ass dat unanime? Jo.**

Merci villmools.

**2.2. Accordéiere vu Subsides extraordinaires**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wéi all Joer hu mir eng Demande vun SOS Détresse, fir dass se ënnerstëtzt ginn an hirer Aarbecht iwwert den Telefonsdéngscht, deen se online ubidden. Do wier hei d'Propos hinnen e Subsid ze gi vun 100,- Euro.

**Ass de Gemengerot och domadder averstanen? Jo. Ass dat unanime? Jo.** Merci.

## 3. AUTORISATIOUN FIR VIRU GERIICHT ZE ZÉIEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Zwee Dossieren, wou mir de Gemengerot froen, fir kënnen op d'Geriicht ze goen, respektiv op d'Geriicht ze zéien. Et sinn zwee Dossieren, déi mat Verkéiersaccidenter ze dinn hunn, wou all Kéiers, zweemol, de Fuerpark vun der Gemeng beschiedegt ginn ass. Ech géif da mam éischten Dossier ufänken.

**3.1. Stad Diddeleng géint den Här Patrick Goldschmitt**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass den Dossier, wou mir als Gemeng Diddeleng iwwert eisen Affekot, de Maître Rodesch, d'Assurance Allianz virun d'Geriicht huelen, well am Kader vum 24. Mäerz géint 7h15 ee vun eise Mataarbechter mam Camion wollt ofbéien an dat war ganz kloer ugedeit, andeems hien och de Winker erausgemaach hat. Op der Plaz selwer ass e Constat gemaach ginn, wéi dat eben falls de Fall ass, dat gesäit een och an den Ënnerlagen, déi Dir deementspriechend kritt hutt. Dat heiten ass en Accident, dat an der Wuelmerengerstrooss stattfonnt huet, wou de Chauffer de lénkse Winker erausgemaach huet, fir da lénks ofzebéien, fir kënnen ze parken. An deen Autosfuerer, deen hannendru war, huet natierlech lénks iwwerholl, sou dass dee Moment, wéi eise Camionschauffer do wollt parken, et automatesch do zum Accrochage komm ass mat der Camionnette. Et ass e Constat op der Plaz gemaach ginn. Dann natierlech sinn d'Assurancen am Spill. An Dir gesitt och am Kader vun eisem Dossier dee Courrier, deen tëschent deenen 2 Assurancegesellschafte war, engersäits eis Assurance, dat heescht engersäits La Lux, respektiv der Allianz. Do gesäit een awer och an dësem Dossier,





wéi och an deem nächsten, dass natierlech och do eng zimlech bornéiert Haltung ass vun der Assurance vun deem, wou den Accident gemaach huet. Normalerweis geet een ëmmer dovunner aus, dass grad fir sou Montanten, et ass wierklech e ganz klenge Montant, hei geet et ëm gutt 2.720,- Euro, et ass just beim Materialschued bliwwen, dass do natierlech d'Assurancen ënnert sech eens ginn, dass se en Terrain-d'entente fannen. Hei gesäit een awer ganz kloer an deem heiten Dossier eraus, dass d'Assurance der Meenung ass, dass d'Verhale vu sengem Assuré dat richtegt war um Niveau vum Code de la Route. Där Meenung si mir awer net. An trotz Interventioune vun engersäits eisem Affekot, hirem Affekot an den Assurancen bleift d'Assurance bei hirer Haltung. An ech mengen, dass mir awer sou e Verhalen, engersäits vun engem Chauffer, dee säi Verhale legitiméiert, an awer och vun enger Assurance, déi absolut guer net wëll alenken, an hei awer nawell Schued entstanen ass, Gott sei dank nëmme Materialschued, awer hei dann de Wee sollten aschloen, fir eng Situatioun virum Friddensgeriicht ze maachen, normalerweis dann d'Friddensgeriicht vun Esch.

Dat war d'Presentatioun vun deem éischten Dossier. Ech géif soen, dass mir d'Diskussioun hei opmaachen, éier mir op deen zweeten Dossier iwwer ginn.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech hätt eng Fro. An deenen zwee Fäll ass de Schued, deen u Gemengeween entstanen ass, wierklech kleng. Am éischten Dossier 1.484,- Euro an am zweeten 2.720,- Euro. An den Dossieren, déi d'Gemeng eis zoukomme gelooss huet, konnt ech liesen, dass d'Gemeng e Contrat de protection juridique bei der Luxembourgeoise hätt fir d'Prise-en-charge vun de Fraisen an Honorairë vum Affekot fir 10.000,- Euro. Meng Fro ass einfach ze wëssen, déi 10.000,- Euro ass dat pro Affär oder pro Joer? Well ech fannen et ëmmer e bësse komesch, virun d'Geriicht ze goen, wann herno den Affekot méi deier kascht, wéi de Fong vun der Affär. Dat war eigentlech meng Fro.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass eng ganz berechtegt Fro. Mengens Wëssens, ech kann et awer nach eng Kéier iwwerpréiwen, ass et 10.000,- Euro pro Joer. Ech kann dat awer nach eng Kéier iwwerpréiwen, fir op Nummer sécher ze goen an Iech dat matzedeelen. Summa summarum sinn ech hei der Meenung, dass duerch déi Fraisen, déi hei entstinn, wa mir hei op d'Geriicht zéien, bei deenen zwou Affären, mir heimat zesumme souwisou ze dinn hunn, wou largement d'Assurancen ënnert sech hätte kéinten eens ginn an eis vill Saachen hätte kéinten erspueren; déi ganz Prozedur virum Geriicht, déi ganz Affekotskäschten, eisersäits an der Partie-adverse, fir dee Materialschued, deen hei entstanen ass an deenen zwee Fäll, hätt en Arrangement à l'amiable ënnert d'Assurancen eis vill méi bruecht, wéi dee Wee, dee mir hei elo ginn.

Ass de Gemengerot bei deem heiten Dossier averstanen, dass mir viru Geriicht zéien? Ass dat unanime?

Colette Kutten (Déi Gréng): Also, mir froen eis eben och, de Fall gesat mir verléieren, ob dat eis dann net ggf. méi deier gëtt, wéi wa mir elo einfach géifen dee Schued bezuelen? Dat war e bëssen déi Fro, déi ech mir gestallt hunn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Déi Fro, déi ech mir stellen, ass, wann eise Chauffer en règle ass an en anere Chauffer de Code de la Route net respektéiert, a mir do als Gemeng Materialschued hunn an eng Assurance hunn, déi e bornéiert Verhalen huet, ob mir dat sollen einfach sou hin huelen. Ech stelle mir dann déi Fro, ob dat richteg ass. Ech mengen net.

Wat d'Prozedur ugeet a wat d'Fraisen ugeet, gët et eis sécherlech méi deier, mä dat anert ass, mengen ech, och e bëssen e moralescht Verhalen.

Mir géifen dann zum Vote iwwer goen.

**Wien ass domat averstanen, dass mir hei viru Geriicht zéien? D'Stëmme vun LSAP, CSV an ADR. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Déi Gréng an Déi Lénk.**

### 3.2. Stad Diddeleng géint den Här Benedek Lavrencsik an de Bureau luxembourgeois

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann den zweeten Dossier, wou mir och d'Autorisatioun vum Gemengerot froen. Och do, ee vun eise Chaufferen, deen an der Parkstrooss mam Winker ugedeit huet, fir an d'Strooss ofzebéien, dat war den 28. Mäerz 2017. Hie wollt an d'Weirichstrooss lénks ofbéien an do war och en Autoschauffer hannendrun, dee probéiert huet z'iwwerhuelen, d'selwecht wéi am viregte Fall. Och do ass et zu engem Accrochage komm. Et ass, Gott sei



dank, nëmme bei Materialschued bliwwen. De Code de la Route gesäit vir, dass een net soll lénks iwwerhuelen. En plus war hei nach d'Situatioun, dass hei en Zebrasträife just virdru war, also nach eng zousätzlech Gefor, déi hätt kéinten entstoen, wann do een eriwwer gaange wier. Gott sei dank war keng Persoun do, sou dass et nëmme beim Materialschued bliwwen ass.

Hei ass deeselwechte Prinzip. Et gouf e Constat à l'amiable op der Plaz gemaach, sou wéi dat Usus ass. Duerno gouf et de Courrier tëschent den Assurancë par rapport zu der Prise-en-charge. Och do säitens der Assurance vum Chauffer e Verhalen, wou éischter an déi Richtung geet, dass de Chauffer ënnerstëtzt, dass säi Verhale richteg war, wou awer laut dem Code de la Route net richteg war an awer eisem Ermiessen no an och deem vum Maître Rodesch. An hei froe mir dann de Gemengerot, ob mir kënne virun d'Friddensgeriicht zéien, fir deen dote Schued kënnen ersat ze kréien.

Jean-Paul Gangler (CSV): An deenen zwee Fäll kann een einfach soen, mir sinn hei virum Spigelbild vun eiser Gesellschaft wéi se haut ass, wéi dobausse gefuer gëtt. Ganz séier, ruck zuck eng Camionnette iwwerholl, well et ass ee jo presséiert, et muss ee jo méi séier virukomme wéi dat do, an dofir sinn dat effektiv, do kann ech Iech Recht ginn, keng Fäll, wou et einfach nëmmen ëm Montante geet, mä hei muss wierklech eng Kéier opmierksam gemaach ginn, dass de Verkéier dobaussen zimlech barbaresch ass. Dat heiten ännert zwar elo näischt um Fuerverhale vun de Leit, wa mir viru Geriicht ginn, mä et ass awer richteg, dass mir dat net sollen onbedéngt alles astiechen. Et gesäit ee schonn, wou den Trend higeet, dat ass relativ markant.

Joseph Thill (Déi Lénk): Deen hei Dossier ass, fannen ech, méi kloer, wéi dee virdrun. Recht hunn a Recht kréie virun engem Geriicht, dat sinn zwou verschidde Saachen. Do maachen ech nach eng Formatioun a Mediatioun. Virum Geriicht ass et herno einfach ganz schwéier ze beweisen, ob dee Winker eraus war oder net. Dat ass d'Problematik an dofir bleiwen ech bei dësem Punkt, quitt dass ech Är Iwwerleeunge verstinn, bei därselwechter Positioun wéi déi virdrun, dat heescht, mir enthalen eis och op dësem Dossier.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Thill. Mir ginn dann zum Vote iwwer.

**Wien ass hei der Meenung, dass de Gemengerot gréng Luucht soll ginn, dass mir hei virun d'Friddensgeriicht zéien? Och rëm d'LSAP, d'CSV an den ADR. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Déi Lénk an Déi Gréng.**

## 4. KLASSEMENT VUN ZWEE HAISER AN DER RUE BELAIR AM INVENTAIRE SUPPLÉMENTAIRE.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir op deen nächste Punkt iwwer. Hei geet et ëm d'Erhalung vun Diddelenger Bausubstanz. Hei geet et drëms, dass zwee Haiser, en Haus op Nummer 15 an en Haus op Nummer 17 an der Rue Belair op den Inventaire supplémentaire vun de Monuments nationaux kommen. Et ass esou, dass de Kulturministère eis den 29. Mäerz 2017 proposéiert huet, dass déi zwee Haiser op den Inventaire supplémentaire solle kommen. Dat nodeems den Här an d'Madame Anton Sibenaler selwer d'Initiativ geholl hunn, fir hiert





Haus Nummer 15 klasséieren ze loossen. Natierlech sinn déi Responsabel vum COSIMO, vun der Commission des Sites et Monuments nationaux, op d'Plaz kucke gaangen, fir sech e Bild ze maachen iwwert d'Haus Nummer 15 a wéi se op der Plaz waren, waren se och der Meenung, dass d'Haus Nummer 17 sollt mat klasséiert ginn. D'Haus Nummer 17, wou d'Demande net vun de Proprietairë kënnt. D'Nummer 15 war méi aktiv, dat heescht, si hu selwer d'Klassement gefrot, mä beim Nummer 17 ass dat net de Fall. Et ass och en Haus, wat de Moment an der Vente ass an och um Internetsite vun enger Agence immobilière. Mä wa mir hei vun der Bausubstanz ausginn, an och hei den Avis vu Sites et Monuments liesen, seet ganz kloer, dass d'Haus Nummer 15 an Nummer 17 an der Rue Belair, dat sinn zwee Haiser, déi 1928 gebaut goufen, dass een och gesäit, dass dat en Ensembel ass an et ass och de Fall, well ech war och selwer an d'Haus virun e puer Deeg eng Visite maachen an do gesäit ee ganz kloer, dass dat e Ganzt ass, dass se jumeléiert sinn an dass am Fong och identesch gebaut gouf. Am Fong, wann een déi Fassaden effektiv gesäit, ass et eigentlech nëmmen eng eenzeg Fassade ginn, well se och zesummenhängend sinn, wat natierlech charakteristesch ass och fir déi Haiser, déi zu deem Zäitpunkt gebaut goufen, fënnt een am Haus och en Terrazzo, do fënnt een natierlech och eng ganz Rei Stuckoen, déi bannendran och erhale goufen an och erhalenswäert sinn, et fënnt een och déi original Trap mat hirem Gelänner. Am Haus Nummer 15 ass och ganz flott tëschent modern, an och en Interêt historique, wou erhale blouf. Natierlech sinn dës zwee Haiser och Témoin vun deem wat nom éischte Weltkrich e bësse maassgebend war um Niveau vum Bau. Si hunn also natierlech och eng gewësse Raritéit. Dir gesitt hei d'Biller vun deenen zwee Haiser. Si hunn och sou e "Bow-window" wéi een dat am Fachjargon seet, dee ganz typesch ass fir déi Zäit. Och ganz symmetresch um Niveau vum Bau, also eng ganz Rei Punkten, fir se deementspriechend z'erhalen. Am Detail hutt Dir jo och hei den Avis virleie vum COSIMO, sou dass ech hei proposéieren, dass mir dat heiten op den Inventaire supplémentaire solle setzen. Wat natierlech och heescht, dass wann déi Haiser solle renovéiert ginn, an d'Nummer 15 wëll natierlech och kloer op eng Renovatioun goen, well se dat Haus schonn 20 Joer hunn, 20 Joer Proprietaire vun deem Haus sinn, hunn se natierlech dann och déi Méiglechkeet nieft der Konservatioun, wéi mir dat jo och scho bei engem anere Gebai haten, wou mir viru kuerzem och en Avis positif uginn hunn, dat war an der Gaffelterstrooss, hunn hei d'Proprietairen d'Méiglechkeet, fir e Subsid vum Staat ze kréien, wann se hei déi néideg Konservatioun maachen.

Dat zu den Explikatioune wat d'Klassement ugeet vun deenen heiten 2 Haiser. D'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt just en Detail froen. Ech erënnere mech, bei der Briller Schoul, do hat Dir eis gesot, et géifen 2 Niveaue vu Klassement vu Monumenter ginn: deen een ass méi strikt an deen aneren ass méi large. Ass dat bei deenen heite Fäll och? Oder war dat just deemools bei der Briller Schoul?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Also hei ass et just e klasseschen Inventaire supplémentaire, deen ass manner strikt, an dann hutt Dir klassesch Monument national, wéi zum Beispill eis Kierch oder d'Gemengenhaus hei, déi sinn um Inventaire supplémentaire, dat ass schonn e bësse méi strikt, awer manner strikt wéi wann et en nationalt Monument ass, well et jo och Gebaier sinn, an deene gelieft gëtt an déi eng gewësse Funktionalitéit brauchen. Do ass een am Fong net sou strikt. Et muss een natierlech verschidde Kritäre respektéieren. An hei ass et ganz kloer den Inventaire supplémentaire, well et en Haus ass, wou dra gelieft gëtt.

Colette Kutten (Déi Gréng): Mir fannen natierlech och, dass erhalenswäert Gebaier solle wierklech geschützt ginn. Et ass jo och esou, dass dann d'Demande oder zumindest den Accord vun de Besëtzer vun den Haiser muss gi sinn. Dat hat Dir eis jo och d'lescht Kéier geäntwert. An d'lescht Kéier, wou mir och schonn déi Diskussioun haten, hat Dir geschwat vun enger Lëscht oder enger Bestandsopnam vu schützenswäerte Gebaier hei an der Gemeng, déi zesumme mat Sites et Monuments gemaach gi wier. Mir denken, et wär gutt, wann dat nach net geschitt ass, dass zumindest mol déi Proprietairë géingen doriwwer informéiert ginn, dass hir Gebaier eben dee Statut kritt hunn an dann bei hinnen nofroen, ob se och bereet sinn, mat op dee Wee ze goen, well dat ass jo dann eng Viraussetzung, fir dass eppes ka passéieren. Dofir wollte mir virschloen, op dee Wee ze goen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech kann am Fong do direkt anhaken. Meng Fro ass nämlech esou, wann elo d'Demande hei gemaach ginn ass vum Haus 15, wat géif elo geschéien, wann de Proprietaire vum Nummer 17 seet, hie wier awer net domadder averstanen? Kann dee forcéiert ginn, awer dee Statut... oder ass



dee Statut dann irrémédiablement un dat Haus gebonnen? Dat wier villäicht awer nach eng interessant Fro. Well eben och wat d'Madame Kutten gesot huet, wann aner Proprietairë géifen avertéiert ginn, dass hir Haiser schützenswäert sinn, wann se awer domadder net averstane sinn, wéi eng Méiglechkeet hu mir do?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Just villäicht fir op déi lescht Fro anzegoen, respektiv op dat, wat d'Madame Kutten gefrot huet. Et ass natierlech ëmmer gutt, wann d'Proprietairen domadder averstane sinn, mä de Kulturministère kann natierlech d'office Gebaier klasséieren. Deen huet déi Fakultéit, dat kënnen ze maachen. Déi schützenswäert Gebaier, déi mir hei opgeholl hunn, och déi, wou mir einfach mol notéiert hunn, wou keng juristesch Valeur hunn, wéi se lo hei an dësem Kader kréien, natierlech sinn déi repertoriéiert ginn, nach muss ee mat de Proprietairë schwätzen, ob si dat och esou gesinn. Et hat ee jo mol scho Situatiounen, wou Haiser d'office klasséiert goufen, ouni dass den Avis vun de Proprietairë gefrot gouf. Nach ass hei awer ëmmer eng Gradwanderung tëschent deem, wat de Proprietaire gesäit, respektiv wat eben deemententsprechend schützenswäert ass. Ech hat villäicht virdru vergiess ze soen, dass et hei schonn Diskussioune goufen, an dofir ass et wichteg, dass déi zwee Haiser hei klasséiert ginn. Beim Haus Nummer 17, wou de Moment an der Vente ass mat enger Agence immobilière, waren Diskussiounen opkomm, dass d'Haus soll ofgerappt ginn. Dofir ass et, mengen ech, hei awer och wichteg et mat ze klasséieren, niewent dem Fait, dass et e Ganzt ass. Also et ass engersäits e Ganzt an anerersäits, wëll een awer e bëssen e Garant ginn, fir dass et net soll ofgerappt ginn. Nach ass et awer esou, och wann de Kulturministère d'office ka klasséieren, ass et jo eng Décision administrative, dat heescht, och wann de Proprietaire vum Haus Nummer 17 aus iergendwellech Grënn, decidéiert dat doten ofzerappen, fir doraus eppes anescht ze maachen, en Immeuble ze maachen, Appartementer ze maachen, ass et, wann et klasséiert gëtt, net méi méiglech. Wann dat d'Intentioun wär, dann hunn natierlech hei Proprietairen nach ëmmer d'Fakultéit, vu dass et eng Décision administrative ass, op d'Verwaltungsgeriicht ze goen an do déi Decisioun probéiere réckgängeg ze maachen. Nach misst een hei awer nach aner Argumenter um Verwaltungsgeriicht duerleeën, wann se déi Richtung wëlle goen, wéi elo ze soen, Ofrappen an nei Appartementer bauen. Ech mengen, dass awer do d'Argumentatiounsbase ganz geréng wier, well mir hei awer vis-à-vis vun 2 Gebaier sinn, déi gebaut goufen an och eng Valeur historique hunn.
Ass de Gemengerot domat averstanen, dass mir hei mol e positiven Avis ofginn, wat d'Klassement vun deenen doten 2 Gebaier ugeet? Déi nächst Etapp ass, den Avis gëtt weidergedroen un de Kulturministère an dee klasséiert dann unhand vum Avis vum Gemengerot.

**Ass de Gemengerot mat der Proposition de classement averstanen? Dat ass unanime.**

## 5. AVIS IWWERT DEN AKTIOUNSPLANG GÉINT DE KAMÉIDI.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Den nächste Punkt ass den Avis, dee mir hei als Gemengerot musse ginn, vis-à-vis vum Aktiounsplang géint de Kaméidi. Dat ass natierlech hei d'Diskussioun villäicht ronderëm de generelle Kader, respektiv awer och méi de spezifesche Kader, an deem mir eis hei beweegen. De generelle Kader ass deen, dass mir eis hei beweegen am Kader vum Gesetz vum 21. Juni 1976 iwwert d'Lutte géint de Kaméidi. Do gëtt all 5 Joer eng strategesch Kartographie opgestallt iwwert d'ganzt

Land an och eng Identifikatioun vun enger ganzer Rei Infrastrukturen, déi deementspriechend hei am Land concernéiert sinn. D'Iddi ass dann en Aktiounsplang opzesetzen, wou am Fong dräi Volete sinn: engersäits, de Volet vun der Präventioun géint de Kaméidi, de Volet vun der Reduktioun vum Kaméidi an och de Volet vun der Protektioun géint de Kaméidi. D'Zil ass eng ganz Rei Nuisancen, eng ganz Rei Moossnamen opzegräifen, fir de Kaméidi ze reduzéieren. Et ass effektiv bewisen an et steet an enger ganzer Rei Studien, dat wësst Dir, dass de Kaméidi am Alldag an op sensibele Punkten en Impakt huet op d'Gesondheet an op d'Liewensqualitéit. Et ass virgesinn, dass et zwee Type vu Moossname kënne ginn; engersäits hëlt een d'Moossname baussen oder banne vun deene jeeweilegen Infrastrukturen an et kann een entweder direkt à la source intervenéieren, fir deementspriechend de Kaméidi sou vill wéi méiglech z'ënnerbannen, respektiv kann een och Moossnamen huelen, fir wa Kaméidi entsteet, fir d'Propagatioun ze limitéieren.

Dat ass e bëssen de generelle Kader. Natierlech déi Elementer, déi een huet fir anzewierken, dat sinn Instrumenter um nationale Plang an dat fënnt een och hei am Projet eraus; dat ass engersäits de Mobilitéitskonzept, de MODU, respektiv de Plan sectoriel Transport, wou éischter eng staatlech Kompetenz ass, wou de Staat kann intervenéieren. An da ginn et natierlech déi Instrumenter um kommunale Plang; engersäits d'PAG, d'PAP, respektiv d'Bautereglement, wou een och do deementspriechend kann intervenéieren. An natierlech kënne souwuel déi Gemengeninstrumenter an déi staatlech Instrumenter och zesummen afléissen am Kader vun Diskussiounen.

Dee Volet, dee mir hei hunn, dat baséiert op Comptagë vun 2011, wou gekuckt ginn ass Dag an Nuecht wéi sinn déi jeeweileg Situatioune landeswäit, awer och spezifesch hei zu Diddeleng. Et ass och gekuckt ginn um Niveau vum DB, wat déi verschidde Seuile sinn am Dag, respektiv an der Nuecht. Mir hunn am Fong hei véier Projete virleien, véier Aktiounspläng géint de Kaméidi; deen een, ronderëm de Flughafen, dee concernéiert eis als Gemeng natierlech net; dee ronderëm d'Stad Lëtzebuerg, iwwert 100.000 Awunner, deen an d'Agglomeratioun concernéiert eis och net; dee ronderëm d'Axe-ferroviaire, dee concernéiert eis am Fong och net; awer deen, wou eis concernéiert, ass dee ronderëm den Autosverkéier, alles, wat deementspriechend d'Stroosseninfrastruktur ass, respektiv och Autobunn.

Dat ass e bësse méi de generelle Kader, an deem mir eis hei beweegen an da méi erofgebrach op d'Diddelenger Situatioun, d'Spezifizitéit, déi eis hei ugeet a wou mir och probéiert hunn, Nidderschrëften ze fannen an eisem Avis, wou och hei de Gemengerot befaasst gëtt, fir en Avis ofzeginn zum Projet fir Moossnamen, fir de Kaméidi ze reduzéieren, déi mir och dem Ëmweltministère mussen zoukomme loossen. Do ass natierlech och, wéi d'Prozedur et virgesäit, eng Konsultatioun vum Public virgesinn an och en Aushang gemaach gouf, wou ee gesäit, dass mat der Circulaire, déi och adresséiert ginn ass vun de jeeweilege Gemengen, déi och concernéiert sinn, respektiv dann och un d'Gemengeréit, déi hei eng Stellungnam sollen huelen, schielt sech eraus fir d'Stad Diddeleng, dass engersäits dräi Elementer concernéiert sinn, oder dräi Stroossenabschnëtter concernéiert sinn; dat ass engersäits den CR184, engersäits d'Wuelmerengerstrooss, et ass engersäits d'A3, den Ausbau op zweemol 3 Spueren, also den Ausbau vun der Autobunn, an et ass natierlech och d'A13, Collectrice du sud, mat connexe d'N31, respektiv d'Lëtzebuergerstrooss. Dat ass e bëssen dee méi spezifesche Volet, deen Diddeleng hei ugeet.

Deen Avis, dee mir hei opgesat hunn, mir mussen also en Avis ofginn iwwert déi Projeten, déi den Ëmweltministère an d'Prozedur geschéckt huet. Dir hutt engersäits alleguerten déi Dokumentatioun kritt, wou Dir Abléck hat an dee "Projet de plan d'action contre le bruit des grands axes routiers de plus de trois millions de passages de véhicules par an". Dat ass e Projet vun Dezember 2016, wou generell dorop agaange gëtt, respektiv och gekuckt gëtt, wat kënne Moossname sinn, déi mëttel- oder laangfristeg geholl kënne ginn. Well mir hei natierlech och an eisem Avis deen een oder deen aneren Usaz ginn, fir kuerzfristeg déi eng oder déi aner Moossname kënnen ze huelen, wou mir och déi Recommandatioun un den Ëmweltministère weiderginn.

Wéi gesot, déi Enquête-publique ass gemaach ginn. Do konnten natierlech och vum 8. Februar 2017 bis den 8. Abrëll 2017 d'Leit eis hir Remarquë raschécken. Natierlech huet sech déi ganz Konsultatioun op den Aktiounsplang géint de Kaméidi op den Haaptstroossenachse limitéiert. An natierlech huet d'Initiativ Biereng 21 e Courrier adresséiert un den Ëmweltministère, wat mir awer net woussten a wou mir en passant am Kader vun enger Diskussioun, déi mir mat hinnen hei haten, gewuer gi sinn, dass se dat gemaach hunn. Mir hunn hinnen och nogeluecht, dass se eis hiren Avis awer och sollt zoukomme loossen, fir dass mir och dee kënnen,



déi Punkten, déi eis och hei concernéieren, an den Avis afléisse loossen, fir awer och eng gewësse Kohärenz ze hu par rapport zu dësem Avis. Et wär nämlech net gutt gewiescht, wann dee Ministère mat engem Avis befaasst gi wär, wou mir am Fong an eisem Avis deem net hätte Rechnung gedroen. Nach gi mir hei en Avis of, op den Avis vun de staatlechen Instanzen.

Hei ass dann e Plan-d'action, dee soll Moossnamen huelen, déi an den nächste 5 Joer sollen ëmgesat ginn, souwuel vun der Administration centrale, wéi och vun de Gemengen. Dat ass e bëssen sou de Kader, de Kontext, an deem mir eis beweegen; generell, awer och prozedural. An déi 2, respektiv 3 Punkten, déi eis hei concernéieren, wäert also e bësse méi am Detail dorobber agoen.

Den éischte Punkt ass engersäits den CR184, d'Wuelmerengerstrooss, respektiv d'Route de la Libération, wou effektiv no de Miessungen, déi 2011 do gemaach goufen, en Impakt um Niveau vum Kaméidi ass, sou dass den Ëmweltministère, respektiv awer och den MDDI, eng ganz Rei Moossname missten huelen, fir deem entgéint ze wierken. Dat ass och dat, wat mir hei an deem Avis soen. Nach soe mir awer och, dass mir an deenen Diskussiounen, déi mir hu ronderëm d'Entwécklung vum Quartier Neischmelz, an och mat der neier Ubannung vum Quartier Neischmelz un d'Wuelmerengerstrooss, respektiv un d'Liberatiounsstrooss, well de Quartier Neischmelz en Eco-Quartier gëtt, deementspriechend awer och d'Wuelmerengerstrooss de Moment eng staatlech Strooss ass, en CR, dat ass e "Chemin repris" a keng Gemengestrooss, dass mir Wëlles hunn oder dass mir d'Iwwerleeungen tätegen, dass dësen CR soll eng Gemengestrooss ginn, dass och fir dësen CR Iwwerleeunge sinn, dass e soll och wat seng Vitess ugeet, soll zeréckgesat ginn, de Moment kann ee jo mat 50 duerchfueren, also Iwwerleeungen, dass et soll eng Zon 30 gi bei der zousätzlecher Entwécklung vum Quartier Neischmelz; also engersäits soll d'Strooss zeréckgebaut ginn an awer och Vitesslimitatiounen drakommen. Dat sinn Iwwerleeungen, déi mir och de Moment gemaach hunn an déi natierlech och scho mat Ponts et Chaussées duerchdiskutéiert goufen, respektiv awer och schonn do e Préjugé favorable kritt hunn an och dat an déi weider Entwécklung vum Quartier Neischmelz afléisse loossen, respektiv wann och déi jeeweileg PAPe gemaach gi ronderëm de Quartier Neischmelz, och natierlech déi doten Iwwerleeungen an déi dote PAPen afléisse wäerte loossen.

Dat ass natierlech mëttel- a längerfristeg, wann dat ëmgesat gëtt, wou dann natierlech vu staatleche Kompetenzen eriwwergeet op Gemengekompetenz, wou mir och da Moossname kënnen huelen, also och hei dësem Cas-de-figure kënne Rechnung droen, dass och hei da Kaméidisreduktioun ka stattfannen. Nach si mir de Moment an där Situatioun, dass awer d'Wuelmerengerstrooss eng Staatsstrooss ass an och d'Kompetenz vum Staat ass, respektiv vu Ponts et Chaussées. A vue, dass mir déi Miessung awer hei hunn an och mat deem Impakt um Niveau vum Kaméidi fir déi Leit, déi do wunnen, hei en Appel maachen an eisem Avis, dass en attendant que, dass de Quartier Neischmelz sech entwéckelt a mir dat dote kënnen ëmsetzen als Gemeng um Niveau vun eise PAPen, dat hei a staatlecher Hand bleift an de Staat hei opgefuerdert gëtt, elo schonn kuerzfristeg Moossnamen ze huelen, fir hei kënnen déi néideg Initiativen ze huelen, fir de Kaméidi kënnen erofzedrécken. Also hei engersäits eng Vue ginn; court terme, staatlecher Kompetenz, respektiv awer moyen a long terme, wa mir dat ëmsetzen an et an d'Gemengekompetenz iwwergeet, den 184, wann et och eng Voirie vicinale gëtt, dass mir do um Niveau vun eise PAGe awer och un eise PAPen och kënne Rechnung droen. Dat ass den éischte Volet ronderëm d'Liberatiounsstrooss, respektiv virun allem awer och d'Route de Volmerange.

Dann ass natierlech de Volet vun der A3, den Ausbau op zweemol 3 Spuere vum Echangeur Diddeleng-Zentrum/Croix de Gasperich. Dir wësst, dass dat do och viru kuerzem presentéiert gouf vum Transportministère, mä dat ass och eng Fuerderung vun der Gemeng gewiescht, och am Kader vun der regionaler Verkéiersstudie, déi gemaach gouf zesumme mam Nohaltegkeetsministère, mat de Ponts et Chaussées, der Diddelenger Gemeng an der Beetebuerger Gemeng zesummen, wou et fir eis och wichteg war, dass dat gemaach gëtt, och am Kader vun deenen zwee nationale Projeten; engersäits den CFL Multimodal an och de Logistikzenter, dass dat doten d'Méiglechkeet och gëtt, dass och en Délestage stattfënnt an dass d'Camionen dann och iwwert deen dote Wee direkt den Accès kréien an déi zwou national Zonen. Dat par rapport zu der A3, déi een och hei dran erëmfënnt, an dat hei och an deem Sënn ënnerstëtzen.

Dann nach deen anere Volet, dat ass d'Collectrice du sud, respektiv d'A13, respektiv d'N31. Do sinn och am Projet-d'avis vum Staat eng Rei Moossname virgesinn. Do huele mir e bësse méi wäit aus, fir engersäits awer



och ze soen an eisem Avis, dass mir och schonn am Kader vun deene staatleche Projete vun CFL Multimodal hei am Gemengerot jo am Kader vun der Modification ponctuelle vum PAG schonn eng Zone de servitude virgesinn haten, fir deementspriechend och e Mur antibruit kënnen z'installéieren, an dass dat och eng Prescriptioun war, an der Modification ponctuelle ass dat och virgesinn. Wéi een et och an der Presentatioun erausfënnt, soll déi Mauer 3 Meter héich sinn. Dat ass dat, wat virgesinn ass. Dass mir och nach eng Kéier an deem Kontext e Courrier gemaach hunn un den Nohaltegkeetsminister, fir deem awer ganz kloer matzedeelen, dass hien déi Optioun soll iwwerpréiwen, dass dee Mur antibruit op der A13 awer méi laang soll gemaach ginn, nieft der Héicht, dass e méi laang soll gezu ginn, respektiv och déi Iddi opgegraff hunn, fir och Photovoltaik op dee Mur antibruit ze maachen, well dat effektiv och am Ausland eng gängeg Praxis ass, fir do dee Volet am Fong ëmzesetzen. An natierlech hu mir och an eisem Avis, wann ee jo och den Avis hei hëlt vu Biereng 21, war och déi Demande opkomm, dat heescht, och dee Volet hu mir hei an eisen Avis mat integréiert, well mir do déiselwecht Fuerderung erëmfannen.

Dann war och an der Diskussioun, déi mir haten, eng interessant Vue, déi een hei ophëlt an den Avis an och weidergëtt un d'staatlech Instanzen, och am Kader vun der Verkéiersberouegung. De Moment ass d'N31 sécherlech eng Haaptafaartsstrooss an Diddeleng. Dat ass eng Nationalstrooss, do ass natierlech 50 Km/h. Also gi mir och hei de Ball un d'staatlech Stellen, dass se iwwerpréiwe sollen, ob een déi Nationalstrooss, déi Haaptentrée an Diddeleng vu 50 Km/h net kann erofbriechen op 30 Km/h, wat natierlech och en Impakt huet um Niveau vun der Vitess an natierlech och vum Kaméidi, deen do kann entstoen, an dat och e bëssen am Kader vun der regionaler Verkéiersstudie, déi gemaach gouf.

Eng aner Propositioun fir och géint de Kaméidi ze wierken, déi mir opgeholl hunn, wou een och hei an der Formulatioun vun der Biergerinitiativ fënnt, ass e System, deen een an Däitschland fënnt, dee ganz wéineg hei am Land ëmgesat gëtt, dass am Fong eng Vitessreduktioun stattfënnt all Kéiers do, wou eng Sortie ass, fir an eng Stad ze fueren, an dass dat eng Iwwerleeung wär um Niveau vun der Collectrice du sud, vun der A13, um zukünftegen Echangeur Diddeleng/Biereng, mä bis dee mol gebaut gëtt an och driwwer eraus, dass een do eng Kéier d'Vitess soll kënne briechen. Et ass eng interessant Formulatiounsiddi, déi een hei ophëlt, fir och dem Ministère matzedeelen.

Dann hu mir awer och an dësen Avis geschriwwen, dass mir generell hei wat Diddeleng betrëfft am Kader vun der Ausaarbechtung vun eisem neie PAG, dass mir och do natierlech an eise verschiddene Quartieren, déi Diddeleng betreffen, dee Volet vum Kaméidi mat opgräifen an och deen analyséieren. Et ass awer och wichteg hei mat de staatlechen Instanzen ze kucken, deem entgéint ze wierken och op Plazen, wou een hei am Projet d'avis net fënnt vum Staat, mä et ass iwwert de Volet vum PAG, also eng iwwergräifend Approche, déi een hei ka maachen an dass si och Nidderschrëft kënne fannen an eisem neie PAG. A mir hunn och hei den Avis virleie par rapport zu eisem Projet vun eisem Service écologique, och deen huet dann hei dat dote gekuckt an och begutacht.

Dat bëssen zu deene generelle Considératiounen, wat dësen Avis ugeet. Dat heescht, déi Fuerderung, déi mir einfach stellen un d'staatlech Instanzen, dass se engersäits wat den Avis ugeet, mir sinn hei an enger legaler Prozedur, mir mussen also en Avis ofginn zu deem Projet, dee virläit vum Dezember 2016 vum Ëmweltministère, dass mir hei e positiven Avis ofginn zu deem dote Projet, dass mir awer do dobäi natierlech och kucken oder eng Ufuerderung maachen un d'staatlech Instanzen, dass se à court terme verschidde Punkte probéieren ëmzesetzen, notamment zum Beispill d'Wuelmerengerstrooss, dass mir engersäits awer och soen, dass se dee Volet ronderëm d'Écrans antibruits, dass dat soll iwwerpréift ginn, engersäits dass se méi breet sollen opgestallt ginn, respektiv déi Photovoltaikpanneaue sollen installéiert ginn, dass déi Vitessreduktioun op der Collectrice du sud A13 op der Sortie soll iwwerpréift ginn, ob dat méiglech ass an dass och am Kader vum Ausbau vun der A13 a vum Echangeur, deem soll Rechnung gedroe ginn. Dat, summa summarum, nach eng Kéier déi verschidde Formulatiounen, déi mir maachen un déi staatlech Instanzen, wat dësen Avis ugeet. Ech hu probéiert, engersäits déi generell Considératiounen hei an de Raum ze setzen, respektiv déi méi spezifesch Considératiounen, déi Diddeleng betreffen, an elo ass d'Diskussioun op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Wat den éischte Punkt ugeet, de Kaméidi am Beräich Neischmelz, fanne mir et natierlech och wichteg, dass am Avis déi Fuerderung dran ass, dass déi zoustänneg Instanze sollen dozou bruecht ginn, hir geplangte Mesurë schonn e bësse méi fréi virzezéien. Zweetens si mir och selbstverständlech, wéi et am Avis steet, bei dem Ausbau vun der A3 op 3 Spueren d'accord, dass dat eng wichteg Saach ass fir eis



Diddelenger Stad, well se ebe soll de Verkéier duerch d'Uertschaft entlaaschten. Allerdéngs misst een awer och do dobäi soen, dass matt dem Ausbau vum Echangeur Dudelange-Centre net dierft ze laang gewaart ginn, well deen ass iergendwéi domadder gekoppelt, soss gräife villäicht déi Mesuren net esou. Wat awer elo deen éischte Volet ugeet, den 3. Punkt an dësem Fall am Avis iwwert d'N13 an d'A31, do ass et jo sou, dass den Inneministère eis d'Enquête publique iwwert de Kaméidi virugereecht huet, an dass Biireng 21 déi eenzeg Diddelenger waren, déi schlussendlech op déi ëffentlech Enquête, déi ausgehaange war, geäntwert hunn. Hire Katalog vu Fuerderungen doropshin, deen ass iwweraus komplett an och komplex a si ginn och op ganz vill Facteuren an. Dat konnt een alles an eisem Dossier noliesen, déi awer an eiser Enquête elo leider net all kënne berücksichtegt ginn, mä déi awer och villäicht interessant sinn am Hannerkapp ze halen, fir weider Diskussiounen, déi mir hei kréien. Mä hei geet et awer haaptsächlech ëm de Volet Kaméidi an do sinn da just déi Punkten aus hirer Stellungnam erausgeholl ginn, déi de Kaméidi betreffen.

Mir kënnen eis a ville Punkte mat den Iwwerleeunge vu Biireng 21 identifizéieren. Mir wollten awer och nach eng Kéier op déi Ongereimtheeten hei vun der Aktualitéit vun deenen Daten agoen. Déi strategesch Kaméidiskaarten, ëm déi et do geet, déi gi jo all 5 Joer opgestallt, déi lescht bezitt sech also elo op Kaméidismoossunge vun 2011. Do gouf et natierlech am Raum Beetebuerg-Diddeleng nach kee Schantjen am Echangeur Biereng, et gouf nach kee Multimodal, keen Eurohub, keen erhéichte Camionstrafik op der A13 an am Allgemengen och nach net dee grousse Frontaliersverkéier. Et muss een sech also schonn drop gefaasst maachen, dass déi Zuelen de Moment extrem héich sinn. Et muss een sech och bewosst sinn, dass et wichteg ass, dass mir an deem Avis och Saache froen, déi deem kënne Rechnung droen, wann déi nächst Mesuren, déi jo fir dëst Joer ugekënnegt sinn, éiere sollte vill méi héich sinn. Net dass mir hei eppes gefuerdert hunn, wat schonn net méi aktuell ass.

Wa sou Mesuren iwwert de Kaméidisschutzwall zum Beispill laanscht d'A31 gefuerdert ginn, da sollte se jo och méiglechst zügeg realiséiert ginn, an dann ass et bestëmmt wichteg, dass d'Längt, d'Héicht, d'Beschafenheet vun deem Wall, sech op déi aktuell Zuele beruffe kënnen an net op vereelstener, déi der reeller Situatioun keng Rechnung droen. Mëttlerweil muss een sech jo och wierklech op eng vill méi grouss Zuel vu Camionen op der A13 astellen, mä awer och op där anerer Säit vum Wall, do däerf een net vergiessen, dass do d'Siedlung gewuess ass, an déi Zuel vun den Awunner, déi duerch de Kaméidi ka krank ginn ass gewuess. An deenen Etüden hei, do ass en Index agefouert ginn, deen net nëmmen einfach de Kaméidi miesst, deen entsteet, mä op där anerer Säit gëtt och berücksichtegt, wéi de Facteur ass vun der Zuel vu Leit, déi kënnen deem Kaméidi exposéiert sinn. An deen ass op där anerer Säit vum Wall ganz sécher an deene 5 Joer, wou déi Ermoossunge gemaach gi sinn, och gewuess, well do Leit bäigeplënnert sin. Dann ass och dee kumulativen Effekt net ze vernoléissegen: et si jo mëttlerweil net eleng de Containerterminal oder den Triage oder de Multimodal, déi Kaméidi maachen, och net eleng déi méi grouss Zuel vu Camionen, mä et ass dee kumulativen Effekt vun all deene Kaméidiquellen, deen d'Faass iwwerlafe gelooss huet. An an deem Punkt menge mir, dass deen heiten Avis vum Gemengerot, dee mir sollte formuléieren, villäicht net komplett genuch ass. Do misst eventuell och déi Fuerderung dra stoen, dass d'Realisatioun vun all deene geplangte Mesurë misst de Stand vun den aktuelle Kaméidiserhiewungen, déi fir dëst Joer geplangt sinn, berücksichtegen. Fir dass mir och wierklech e kloere Satement ginn an eisem Avis, dass dat wat mir elo hei soen, sech am Fong op Zuele bezitt, déi scho vereelst sinn, an dass mir awer och wëllen, dass déi Mesurë nach an der Héicht ugepasst ginn, zum Beispill wat d'Héicht vun engem Kaméidiswall géif ugoen, wann déi nei Zuele bekannt sinn. Net dass mir eis elo hei op engem ze nidderegen Niveau festleeën.

Déi Propos, déi Biireng 21 hat, fir Beem an Hecken op dee Wall ze planzen, dovu war bis elo nach keng Diskussioun, et huet jo nach keen eng richteg Ahnung wéi dee Wall soll ausgesinn, mä dat ass awer schonn eng Saach, déi ee kéint zeréckbehalen an et freet een sech, kéint een net iergendwéi ëffentlech déi Fuerderung do ënnerstëtzen? Et kann een se villäicht net elo an deen Avis drastellen, well et kann een deene staatlechen Instanzen net soen, wéi si e Wall ze maachen hunn, mä et wier villäicht awer interessant, sou e klenge Wénk ze ginn: "mir sinn och der Meenung, dass wann dee Wall gemaach gëtt, sollt e méi héich a méi laang gemaach ginn, a firwat sollt en net och nach mat Beem an Hecke begréngt ginn?". An deem ganzen zousätzleche Volet, deen dodru gehéiert, fanne mir d'Schadstoffemissiounen (Feinstaubpartikelen a Stéckstoffoxyder), bei deenen et ganz wichteg ass, dass déi duerch des Begringung kéinte gefiltert ginn. Och wann et hei ëm de Kaméidi geet, dat anert hängt jo awer iergendwéi mat drun. Sou dass een dat och scho kéint an eis Fuerderung drasetzen.



Wat d'Ubrénge vun deene Photovoltaïkpanneauen um Kaméidiswall ugeet, sou ass dat natierlech eng ganz sënnvoll Iddi, déi derwäert ass, dass mir se fuerderen. Ech froe mech just - Dir mengt elo bestëmmt erëm dat wier e bësse wäit hiergeholl - ob sou eng kilometerlaang Glasfläch och wierklech onbedenklech ass, wat d'Reflektiounen an der Sonn ugeet. Oder ob daat villäicht kéint zousätzlech zu enger sougenannter Liichtverschmotzung, wéi si hei gennant gëtt, féieren. Oder dass do Accidenter duerch déi Reflektioune vun deene Glasfläche kéinten entstoen. Dir sot, dat do gëtt Gang und Gäbe am Ausland gemaach, mä ech hu mir einfach déi Fro gestallt, ob sech scho Gedanke gemaach gi sinn, ob dat net villäicht ka geféierlech sinn sou eng ganz laang Photovoltaïkanlag, déi an der Sonn blénkt.

Wat déi aner Fuerderunge vu Biireng 21 ronderëm d'N31 ugeet, an zwar d'Vitessreduktioun op der N31 an der A13, sou gesi mir dat och als sënnvoll un. Natierlech ass de Moment souwisou schonn op der A31 bei der Ausfaart Biereng eng Reduktioun vun der Vitess op 70 wéinst dem Schantjen. Et wier an deem Moment ganz einfach ze maachen, wann de Schantje bis riwwer ass, dass een dann net méi op d'Héchstvitess eropgeet, mä dass een et einfach zum Beispill op 90 oder 110 limitéiert. Dee Moment sinn d'Leit scho bal doru gewinnt, dann ass et vill méi einfach, dat duerchzezéien.

Mir huelen natierlech och mat Begréissung zur Kenntnis, dass d'Gemeng wëllt op de Wee goen, fir an eise PAG-Bestriewungen, wa mer dee neie PAG opzesetzen, ëmmer méi op déi doten Aspekter Récksiicht ze huelen, well dat ass bis elo nach net richteg e Problem gewiescht. Dat war schonn e Problem, mä en ass ni richteg erfaasst ginn an en ass ni kloer gestallt ginn. Mir fannen dat awer ganz wäertvoll, dass am PAG och soll de Kaméidi berücksichtegt ginn, net méi wéi fréier, wou einfach drop lass gebaut gouf. De Volet vum Kaméidi muss do berücksichtegt ginn.

Also alles an allem fanne mir, dass dee virleienden Avis d'Situatioune vum Kaméidi gutt analyséiert a raisonnabel Fuerderungen opstellt. Wéi gesot, 2, 3 Iwwerleeungen, an deenen een nach hätt kënnen e bësse méi pickeg ginn an deem Avis, e bësse méi effikass a méi kloer, awer fir de Rescht si mir natierlech gewëllt, deen Avis matzestëmmen, well dat eng gutt Saach ass.

Colette Kutten (Déi Gréng): Just ganz kuerz, well eis Opdeelunge waren esou, dass d'Madame Goergen sollt eppes dozou soen. Eisen Timing war net gutt, gesinn ech elo. Ech kann nëmme just soen, dass mir deen Avis hei och ganz positiv fannen an all Moossnamen, déi dozou déngen, fir de Verkéier ze reduzéieren, si gutt. Mir sinn dofir mat all de virleiende Moossnamen averstanen. Ech fannen et wär och gutt, wéi den Här Gangler gesot huet, ze kucken, vun deenen aktuellen Zuele kënnen auszegoen. Dat wär nach e wichtegen Aspekt. Wichteg ass genau sou, dass mir solle kucken an eisem zukünftege PAG, fir do schonn sou wäit wéi méiglech Kaméidiquellen z'identifizéieren a scho profilaktesch déi richteg Moossnamen ze treffen. Et ass evident, dass mir deem heien Avis natierlech och zoustëmmen.

Joseph Thill (Déi Lénk): Mir stinn engem vun deene Punkte vun deem hei Avis net sou positiv géintiwwer. Ech wëll dann déi 3 Punkten duerchgoen. Wat den CR184, d'Wuelmerengerstrooss, ubelaangt, ënnerstëtze mir voll d'Fuerderunge vun der Gemeng. Mir fannen déi Approche richteg. Ze froen, ob dat kéint eng Gemengestrooss ginn an ob do kéint d'Vitess reduzéiert ginn, do hutt Dir eis voll Ënnerstëtzung.

Wat déi Saache vun der A13 ubelaangt, do hunn ech net ganz verstanen, ob Dir deenen 2 Fuerderunge vu Biireng 21 nokomm sidd. Biireng 21 huet gefrot, dass de Lärmschutzwall méi laang soll gemaach ginn an och méi héich. Ech hu kloer héieren, dass d'Gemeng géif froen, dass de Lärmschutzwall méi laang soll gebaut ginn, do wär ech frou, wann Dir mir kéint soen, ob en dann elo och méi héich gemaach gëtt. Grad sou wéi meng Virriedner si mir d'accord, dass déi Moossnamen, déi geholl ginn, mussen op deenen aktuellsten Donnéeë foussen, also wa méiglech déi vun 2017; säit 2011 huet sech an der Gemeng vill verännert, souwuel wat de Verkéier ubelaangt, wéi och d'Awunnerzuel, also d'Leit, déi betraff si vun deene Moossnamen.

Da kommen ech zum Ausbau vun der Autobunn op zweemol 3 Bunnen. Do steet am Avis, d'Gemeng géif dat begréissen. Mir vun Déi Lénk begréissen dat net, well mir gleewe kee Moment drun, dass wann ee méi Strosse baut, dass een do de Verkéier aus der Uertschaft erauskritt. D'Erfahrung huet nach ëmmer gewisen, dass et deen anere Wee gaangen ass an et deet eis effektiv Leed, dass esou vill Milliounen do erëm an eng Autobunn investéiert ginn an dass déi Suen, eiser Meenung no, vill besser ugeluecht wieren, fir d'Zuchlinn vun Nanzeg/Metz



an d'Stad auszebauen, wéi lo erëm d'Autobunn ze vergréisseren, wat just dozou féiert, dass de Stau e bësse verlagert gëtt op eng aner Plaz, mä un der Situatioun an um Problem grondleeënd näischt ännert. Mir kënnen eis enger Rei Fuerderunge vu Biereng 21, och wat de Rescht ubelaangt, uschléissen. Dir hutt och do d'Dier opgelooss, fir verschidde Punkten nach eng Kéier ze diskutéieren.

Ech wëll awer da vun der Geleeënheet profitéieren, wéi dat ass mat der Agangsstrooss, also mat der N31 an Diddeleng eran, wou een einfach net gewuer gëtt, wéi dat dann elo mat deenen 2 oder 4 Bunnen ass. Den Transportminister seet ganz kloer, d'Strooss géif bleiwe wéi se wier, wann een dann awer am Transportministère nofreet, soen déi, de Plang wär geneemegt mat véier Bunnen. Dofir géif et mech schonn interesséieren, wéi d'Situatioun dann elo wierklech ass.

Josiane Ries-Di Bartolomeo (LSAP): Also ech wëll elo net nach eng Kéier vu vir alles opzielen, wat meng Virriedner scho gesot hunn. Ech wëll awer trotzdem puer Saache lassginn. Éischtens maache mir hei en Avis iwwert en Avis als Gemeng an do ass et ganz wichteg, dass mir do Positioun dozou huelen. Virun allem wann een elo kuckt, déi verschidden eenzel Elementer, wéi d'Wuelmerengerstrooss an d'Liberatiounsstrooss, gëtt sech hei direkt Gedanke gemaach, dass mir à court terme schonn eppes maachen, éier iwwerhaapt de Verkéier entsteet. Dat heescht, mir schaffen hei méi präventiv, well mir do soen, lo maache mir schonn eppes, éier mir iwwerhaapt mol ufänken, dohannen ze bauen. Ech mengen, dat kann een nëmme begréissen. Ech sinn elo net mam Här Thill enger Meenung, 3 Spueren, Diddeleng, Dir stitt net all Moien eng Stonn do am Stau, an ech mengen och, à court terme ass et iwwerhaapt net méiglech, fir eng Bus- oder Zuchlinn "vun", "bis", "op" ze bauen. Dat heescht mir begréissen déi 3 Spueren an ech kann elo net do soen, dass mir de Stau verlageren. Einfach fir Diddeleng an och insgesamt fir d'Grenzgänger ass et ganz wichteg, dass déi Autobunn ausgebaut gëtt.

Natierlech soll een awer do, an dat huet d'Gemeng och gemaach, den Avis vu Biereng 21 och iwwerhaapt bëssen, deen ass jo mat agebonne ginn an dat heite fannen ech ganz wichteg, well déi Leit , déi do an deem Quartier Biereng wunnen, déi sollen och geschützt ginn, déi, wou duerch de Lärmschutz op der A13 oder insgesamt. Ech mengen, d'Verlängerung vun deem Lärmschutz ass och extrem wichteg. Do si mir och mam Avis vu Biereng 21 kloer enger Meenung.

D'Limitatioun vun de Vitessen, dat ass am Fong eppes wat mir zwar effektiv hei zu Lëtzebuerg nach net hunn, mä wann een an Däitschland fiert, all Kéiers wann eng Sortie ass an eng Stad vu Lärmschutz, do gëtt d'Vitess reduzéiert op 100. Ech mengen, dat ass och eppes, wat ee kann absolut an d'A faassen. Den Agang Diddeleng, 30, ech menge wann an der Lëtzebuergerstrooss 30 ass, dat kann ewech mir net richteg virstellen, ech sinn awer iwwerzeegt, dass dat eng gutt Saach ass, obwuel ech mengen, dass do wa vill Verkéier ass, keen op 30 kënnt. Mä och do kann ech nëmme positiv dozou stoen.

Eppes, wat ech awer och an der Rei fannen, wat ech eng gutt Iddi fannen dat ass, dass mir eis op nei Statistike baséieren, net op Statistiken, déi elo villäicht e bësse méi al sinn, mä do kann den Här Buergermeeschter nach eng Kéier drop agoen. Ech fannen dat heiten eng gutt Saach a mir stinn natierlech positiv deem Avis do hannendrun.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt nach just eng Kéier Zousazdetailer ginn zu där Héicht vun deem Wall. Also mir fuerderen natierlech och, dass dee Wall soll méi héich ginn, do muss een awer lo kucken aus wat fir engen Iwwerleeungen eraus. Wann een déi Iwwerleeung vu Biireng 21 kuckt, do steet dee Punkt Erhéijung vun deem Wall bei hinnen ënnen ënnert dem Punkt vun der Liichtpollutioun, wéi een dat nennt. Dat heescht hir Meenung schéngt ze sinn, dass ee mat engem méi héije Wall kéint maachen, dass nuets net sou vill Liicht an d'Uertschaft erandréngt, wou Awunner vu Biereng, Suebelkaul an och nach anere Quartieren immens belaascht sinn, net nëmmen duerch de Kaméidi, mä och duerch dat zousätzlecht Liicht. Ech soe mir awer, wa mir déi Héicht vun deem Wall mussen upassen, dann ass et awer net eleng wéinst där Liichtemissioun, well ech mech froen, ob dat soll wierklech effikass sinn, wann een de Wall e Meter méi héich mécht, dass da manner Liicht duerchkënnt, well dat Liicht gëtt jo gestreet. Zum Beispill bei engem Himmel, dee voller Wolleken ass oder voller Niwwel, da gëtt dat Liicht esou gestreet, dann ass et egal wéi héich de Wall ass. Mä d'Héicht vum Wall ass an dësem Fall éischter wichteg wéinst dem Kaméidi. Grad do brauche mir eben déi nei Zuelen, well et ass gewosst, dass de Kaméidi ëmmer no uewe geet. Dat heescht, dat wier eng Haaptmesure an der Richtung vun der Kaméidisreduktioun an net, wéi se bei Biireng 21 gefuerdert ass, der Liichtpollutioun. Dat ass villäicht net ganz explizit bei hinnen, mä ech hunn et



esou verstanen, dass si et éischter als eng Fuerderung gesinn, fir d'Liichtemissioun erofzesetzen. Also fir eis ass kloer d'Erhéijung vun deem Wall eng Fuerderung, déi an d'Richtung vum Kaméidi geet.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech wéilt da mol hei deene verschiddene Conseilleren, déi Stellungnam geholl hunn zu deem doten Avis, Merci soen, dass se mat enger ganzer Rei vu Punkten hei averstane sinn. Wat d'Ausriichtung vun eisem Avis ugeet, mat e puer verschidden aneren Interpretatiounen, villäicht déi eng ze wäit, déi aner net wäit genuch, summa summarum, stëmmt hei d'Richtung.

Ech proposéieren, herno nach op puer Punkte vum Avis villäicht anzegoen. Ech wollt just op verschidde Punkten awer sou eenzel villäicht agoen. Engersäits déi Iwwerleeung, Här Gangler, vun der Photovoltaikanlag, och dat ass en Thema, wou ech zwar gesot hunn, wou am Ausland gängeg ass. Hei hu mir och eng Formulatioun opgeholl vu Biereng 21, well och si dat proposéiert hunn a well eis interessant schéngt, iwwert deen dote Wee, iwwert alternativ Energiequellen, dat dote mat afléissen ze loossen. Nach muss ebe gekuckt ginn, ob et machbar ass. Effektiv wann och herno nach um Niveau vum Wall aner Mesurë kënne geholl ginn, ass dat mat de staatlechen Instanzen ze kucken. Ech mengen, l'un n'exclut pas l'autre, wa mir lo am Ausland mierken, dass déi 2 och mol méiglech sinn. Dat mol dozou.

Da wollt ech dem Här Thill soen, den Ausbau vun der N31 ass hei keen Thema an dësem Avis. Mir konzentréieren eis hei op en Avis, wou mir vun de staatlechen Instanze sollicitéiert goufen, also prononcéiere mir eis hei net iwwert den Ausbau vun der N31 oder déi zukünfteg Konfiguratioun vun der N31, mä mir droen hei deem Projet, dee mir hei kritt hu "pour avis", Rechnung iwwert verschidde Formulatiounen. A par rapport zum Ausbau vun den 3 Spueren, mengen ech, ass dat net onwichteg mat deenen 2 nationale Projeten, déi hei an dëser Regioun stattfannen, dass och do d'Camionen iwwert deen dote Wee sou schnell wéi méiglech an déi national Zonen fannen. Dat kuerz zu de Stellungnamen.

Lo géif ech awer villäicht nach eng Kéier op den Avis agoen, fir verschidde Punkten awer opzegräifen, déi Dir hei gesot hutt a fir den Avis domadder engersäits ze kompletéieren an de Gemengesekretär huet dat afléisse gelooss. Fänke mir mol mat deem éischten un.

Dat eent wär, dass mir op der leschter Säit, wou mir d'Formulatiounen, d'Revendikatioune maachen, dass mir engersäits, éier mir villäicht an den Detail aginn, dass mir dee Volet vun deenen Donnéeë vun 2011, dass mir do nach en Zousaz maachen, dass een der Evolutioun entre-temps Rechnung dréit. Also schreiwe mir hei: "prie les autorités supérieures, au vu de l'évolution depuis 2011, d'actualiser le nombre de personnes exposées par site". Dass mir do där Formulatioun, dass déi aktualiséiert Donnéeën, dass deem soll Rechnung gedroe ginn, dass mir dat mat afléisse loossen. Dat ass mol déi éischt Propositioun, wou mir nach kënne mat afléisse loossen.

Dann déi zweet ass nach mam Écran antibruit, "à analyser la possibilité de prolonger et d'augmenter la hauteur", dass se einfach mol dat solle mat analyséieren. Wat dobäi erauskënnt, wësse mir net, mä einfach d'Ufuerderung, dass se et mat sollen analyséieren; d'Prolongatioun an d'Héicht. Dat ass deen zweeten Deel.

An deen drëtten Deel, wou ech effektiv virdrun a menger Presentatioun net drop agaange sinn, mä wou awer, mengen ech, och iwwert de Kaméidi an och iwwert déi zousätzlech Belaaschtungen och nach en anere Passus aféieren wollt, quitt dass mir eis hei net domadder befaasst hunn, mä wou awer en Deel ass, och nach villäicht en Ajout dass "attendu qu'il échet de procéder régulièrement à des mesurages de la concentration dans l'air ambiant des oxydes d'azote (NOx) et des poussières fines ("Feinstaub") aux endroits sensibles pour entreprendre des mesures nécessaires le cas échéant, à déterminer d'un commun accord avec les instances étatiques compétentes", dass mir och duerch dee Volet vum Kaméidi deem dote Volet Rechnung droen, well och mol duerch de Kaméidi awer och mol dat heite ka provozéiert ginn. Also Oxyde d'azote, respektiv Feinstaub, och do eng Indikatioun dozou maachen, dass een dat net vergësst.

Joseph Thill (Déi Lénk): Wéi déi aner Parteien och sinn ech lech dankbar fir déi Ajouten, déi Dir do virschlot. Ech fannen dat effektiv ganz nëtzlech. Ech wäert dann och net dogéint stëmmen, mä mech just enthalen, dann ass et nach ëmmer unanime.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech hei dem Gemengerot proposéieren, dass mir iwwert dësen Avis ofstëmmen.



**Wien ass mat dësem Avis mat de Modifikatiounen, déi nir hei abruecht hunn, averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, CSV, Déi Gréng an ADR. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Déi Lénk.**

Merci fir deen doten Avis an ech mengen, dass mir hei eng Rei Usätz mat erabruecht hunn, déi och mëttel- a längerfristeg fir dës Stad an hirer Evolutioun an Entwécklung wierklech wichteg sinn.

## 6. PERSONAL – KREATIOUN VUN ZWEE POSTEN ALS SALARIÉ, DÉI DE STATUT VUM TRAVAILLEUR HANDICAPÉ HUNN ODER REKLASSÉIERT, 40 STONNEN D'WOCH AN DURÉE INDÉTERMINÉE

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mir maachen dat aus deem ganz einfache Fokus eraus, dass mir de Moment op 4,62% si wat d'Zuel vun de Leit ugeet, déi eng Mesure-de-reclassement hunn. Normalerweis ass et esou, dass de Code du Travail virgesäit bei ëffentleche Strukturen, dat heescht d'Stad, d'Gemeng, Etablissements publics, respektiv d'CFL, dass dee Quota op 5% soll goen. Dofir proposéiere mir hei, zwee Posten ze kreéieren, fir erëm op déi 5% ze kommen. Dat heiten ass eng Obligatioun, mir ginn zwar net dofir sanktionéiert, mä et ass awer nawell eng Obligatioun als ëffentlechen Dréier, deem Rechnung ze droen an och do e bëssen e Vorzeigebeispill ze spillen, well mir wëssen, dass dat dote schonn am private Secteur net evident ass, fir dass iwwerhaapt Leit mat engem Handicap agestallt ginn an iwwert déi heiten zwou Créations de poste och da proposéieren, deem Quota vu 5% Rechnung ze droen. Dat heite schreift sech och an an déi Efforten, déi mir iwwert déi lescht Jore gemaach hunn, fir sou Posten ze kreéieren, well et goufen Zäiten, wou mir wäit ewech ware vun deene 5%. Dat ab dem 1. Juli, wou mir dat dann hei sollte kreéieren.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Am Numm vun der CSV-Fraktioun begréisse mir natierlech dës Création-de-poste fir Travailleurs handicapés. Et ass genau wéi Dir sot, mir mussen e gutt Beispill ginn, well effektiv am Privatsecteur ass et net ëmmer méiglech, effektiv 5% vu sengem Personal ze besetzen duerch en Travailleur reclassé oder handicapé. Ech hu just eng Zousazfro: Hu mir do scho Leit bei eis an eisem Staff, déi eventuell kéinten op sou e Poste gesat ginn? A villäicht nach en Zousazdetail: Ass elo scho gewosst, a wéi enge Servicer mir dës Poste géifen affektéieren?

Joseph Thill (Déi Lénk): Mir begréissen an ënnerstëtzen dës Moossnam och. Ech wollt just froen, wann déi zwee nei Poste geschaf ginn, op wat fir ee Prozentsaz d'Gemeng da kënnt? Ob Dir eis dat villäicht kéint soen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Also ech hat virdru vergiess ze soen, dass mir viru kuerzem bei deene 5% waren, mä duerch Leit, déi an d'Pensioun gaange sinn, déi de Statut haten, si mir dunn am Prozentsaz erofgaangen. Mir hunn de Moment Leit, déi an der Commission mixte sinn, wou am Fong eng Demande virläit. Da muss awer elo gekuckt ginn, wat hir Kom-



petenze sinn, wat se nach kënne maachen an ofhängeg dovun, ginn se dann och an d'Servicer reaffektéiert. Där Decisioun kënne mir elo hei net virgräifen, dat gëtt dann herno eben halt zesumme gekuckt.

A wa meng Informatioune richteg sinn, si mir herno bei 5,5% plus-minus, wa mir dat heiten erfëllen.

**Ass de Gemengerot mat deenen zwou Kreatiounen averstanen? Dat ass unanime.**

## 7. OFFICE SOCIAL – APPROBATIOUN VUN DEKONT VUM JOER 2014

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech begréissen hei de President vum Office social, den Här Romy Rech, an och de Receveur, den Här Gilbert Loos, an et geet hei virun allem ëm den Dekont vum Joer 2014, dee mir hei am Gemengerot mussen approuvéieren. Ech soen deenen Häre Merci, dass se haut de Wee hei an de Gemengerot fonnt hunn a géif hinnen dann och d'Wuert ginn, fir op den Dekont anzegoen.

Romy Rech (President vum Office social): Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, et ass eng Formalitéit, déi mir hei um Ordre-du-jour stoen hunn. Mir sollten déi Approbatioun vum Bilan a Compte et Pertes et Profits vun 2014 maachen. Dir wësst, dass deen d'lescht Joer am Mee vum Contrôle de la comptabilité communale guttgeheescht ginn ass. Ech zitéieren nach eng Kéier: "ne donne pas lieu à observations", dat war eng kloer Stellungnam zu de Konten, déi mir presentéiert hunn. Mir hunn awer, dofir sëtze mir haut hei, wann ech dat richteg aschätzen, vergiess, dat am November, wéi mir hei zesumme souze beim Rapport an och bei der Presentatioun vum Budget, dem Gemengerot fir Approbatioun virzeleeën. Et ass net méi an et ass net manner. D'Konten hu mir schonn hei duerchgeknätscht, also geet et effektiv nëmmen dorëms. Et ass also eng Formalitéit. Ech géif Iech och bieden, déi ze stëmmen.

Selbstverständlech wat d'Detailer iwwert den Office social ubelaangt, gesi mir eis jo am November an da kënne mir hei déi néideg Diskussiounen, Froen an alles, wat den Office social an déi nei Konten ubelaangt, dann hei féieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): D'Diskussioun ass op, wa Froen iwwert de Kont sinn. Dat schéngt net de Fall ze sinn.

**Da kënne mir iwwert de Kont vum Office social ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? Dat ass unanime.**




## 8. MOTIOUN VUN DÉI LÉNK FIR MÉI TRANSPARENZ AN ENG MÉI GROUSS PARTICIPATIOUN VUN DE BIERGER BETREFFEND DÉI VUN DE KOMMUNALE SYNDICATEN UGESCHWATEN THEMEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Also d'Ajouten zum Ordre du jour. Mir hunn eng Motioun vun deene Lénke virleien an eng Resolutioun vun der LSAP. Ech géif dann dem Vertrieder vun deene Lénken, dem Här Jos Thill, d'Wuert ginn, fir op seng Motioun anzegoen.

Joseph Thill (Déi Lénk): Demokratie ass eppes Wäertvolles an eppes Wichteges an ech menge ganz vill Leit wëssen iwwerhaapt net, dass d'Awunner vun enger Gemeng och d'Recht hunn, bei de Sëtzunge vun den Syndicats intercommunaux nolauschteren ze goen. Fir dass se dat Recht kënnen ausüben, mussen se natierlech wëssen, wéini Versammlunge sinn a wat den Ordre-du-jour dovun ass, an dofir eise Virschlag, dass dat um Internetsite vun der Gemeng ënnert der Rubrik Syndicats de communes regelméisseg virgedroen an agedroe gëtt.

Wéi ech mir de Site vun der Gemeng ugekuckt hunn, ass mir opgefall, dass do eigentlech zum Beispill de SYVICOL nach net steet. Dat ass wahrscheinlech einfach vergiess ginn. Et wär, well souwisou mussen d'Gemengeréit vun deene Sëtzungen informéiert ginn, fir d'Gemengepersonal och net méi Aarbecht, dat direkt op de Site vun der ganzer Gemeng ze setzen an déi Informatiounen un d'Gemengeréit ze schécken. Wann d'Gemengeréit jo wëssen, dass do d'Lëscht vun alle Versammlunge steet, ass et grad esou séier fir d'Gemengeréit, do nozekucken an dofir eise Virschlag.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Am Numm vun der CSV huelen ech dann elo Stellung zur Motioun vun Déi Lénk. Den Här Thill huet absolut Recht, andeems hie rappeléiert, dass eng Transparenz an en Dialog mam Bierger eng Normalitéit soll si fir eis Gemengeresponsabel. Ee Facteur dovu gëtt hei an dëser Motioun ugeschwat, nämlech d'Informatioun, déi un all Diddelenger sollt weidergeleet ginn, wann ëffentlech Reunioune vun de Gemengesyndikater sinn, fir dass eventuell Interessente kënnen dohinner goen a sech informéieren, wéi eng Decisiounen oder Projeten an de respektive Syndikater ugeschwat ginn. D'CSV begréisst dës Iddi an ob herno vill Bierger dës Reunioune besiche ginn, dat sief natierlech dohinner gestallt, mä d'Recht op d'Informatioun, dass eng Versammlung ass, dat ass Basisdemokratie.

De Gemengerot kritt jo och, wéi den Här Thill gesot huet, ëmmer eng Invitatioun fir all ëffentlech Sëtzung vun de Syndikater. Ech muss och zouginn, dass ech selwer eréischt 3, 4 Mol an enger PROSUD-Sëtzung war, well dat haaptsächlech e Syndikat ass, deem seng Aarbecht ech wollt méi no kenneléieren an ech konnt och a vill anerer net goen, well d'Horairen eben och esou sinn, dass dat während der Aarbechtszäit ass, an ech denken, och hei bannen hält den Undrang fir an ëffentlech Sëtzungen ze goen, wann een net grad Member ass, sech a Grenzen. Mä nichts desto trotz ass et awer gutt, dass een d'Bierger informéiert, wa sou Sëtzunge sinn, an och wéi den Här Thill sot, fannen ech och, dass den Internetsite Dudelange.lu déi richteg Plattform ass. Wat mech awer an der leschter





Zäit op dësem Site stéiert, ass dass et éischter méi e Spaass-Site wéi en Info-Site ass. Et ass ganz schwéier laanscht all déi "On dirait le sud"-Videoen an Expo, Selfie, asw. ze kommen, fir politesch Informatiounen ze kréien. Ech weess net, wéi et dem Här Thill gaangen ass, bei senger Recherche, mir géifen op jiddefall och begréissen, dass méi eng Visibilitéit fir politesch Themen zum Beispill och op eise Site géif afléissen. Et ass zum Beispill net méi evident fir de Video vun de Gemengerotssëtzungen ze fannen, et ass net evident fir de schrëftleche Gemengeninfobericht nozesichen an och den Annuaire vun de Gemengeservicer, do muss een awer vill probéieren a piddelen, fir deen erëmzefannen. Déi Remarque krute mir och vun Diddelenger Bierger gemaach. Zum Beispill sicht emol séier einfach d'Telefonsnummer vun enger Maison-relais, wann Dir wëllt Ärem Kand eng Noriicht zoukomme loossen. Mir invitéieren och nach eng Kéier de Schäfferot, villäicht eng Kéier iwwert de Site selwer ze kucken, fir verschidden Infoen och méi transparent un d'Leit ze bréngen.

Lo kommen ech awer op e Punkt ze schwätzen, deen an eisen Ae méi wichteg ass, wéi d'Doléancen, déi Déi Lénk hei an hirer Motioun virbruecht hunn, deen sech awer an deeselwechte Kader setzt: Wär et net virun allem wichteg no baussen, an domat mengen ech mol virun allem vis-à-vis vun eisem Gemengerot an domat jo och an ëffentlecher Sëtzung indirekt den Diddelenger Bierger dobaussen iwwert de Video oder iwwert de geschriwwenen Gemengeninfobericht, d'Resultater vun de Syndikatsaktivitéiten matzedeelen? De Schäfferot hat viru Jore mol gesot, dass e wëll regelméisseg de Gemengerot informéieren, wat an de Syndikater leeft. Vum SYVICOL kréie mir regelméisseg Berichter vun de Sëtzunge gemailt an dat liesen ech och ëmmer mat groussem Interêt an dat ass och ëmmer ganz gutt esou. Den Här Manderscheid mécht och all Joer bei de Budgetsdiskussiounen e Point, wat an de Syndikater, wou hien Diddeleng vertrëtt, leeft an dat ass och ganz flott esou. A wat déi aner Syndikater ubelaangt, do kréie mir zwar heiansdo e Rapport gemailt, mä et wär awer och ubruecht, wann eis Diddelenger Vertrieder an de Syndikater wéinstens eemol am Joer am Gemengerot géifen e bëssen erzielen, wat an hire Syndikater decidéiert gouf. Zum Beispill vum TICE héiere mir ni eppes. Da vum SIGI, do krute mir dann zum Beispill elo eng Mail iwwert déi offiziell Stellungnam zur Verleumdung an anonym Ligen, déi iwwert den Direkter verbreet gi sinn, mä mir kruten awer zum Beispill net gesot, wat iwwerhaapt an deene Verleumdunge behaapt gouf. Ofgesinn dovu krute mir vum Här Spina och nëmme rudimentär ëmmer Informatiounen, wat am SIGI leeft. Just wat mir verhalen hunn, ass dass mir méi an dëse Syndikat bezuelen. Och zum Beispill wat am PROSUD leeft, wär och interessant. Mir kruten zwar eng déck Broschür wéi eng Projeten de PROSUD huet, mä et wär awer och villäicht heiansdo flott, e Resumé ze maachen. Zum Beispill wou sti mir mam Projet Kulturhaaptstad? Ech weess, nächste Méindeg ass eng Sëtzung a mir haten eng Diskussioun, mä ech soen elo, dee leschte Point zum Beispill konkret wéi e Projet "Esch Kulturhaaptstad 2022" wat elo do leeft? Et wär awer flott elo doriwwer e klenge Bericht ze kréien. Ech weess, e Méindeg ass eng ëffentlech Sëtzung, mä bon déi aner Leit schaffen, do kann een och net ëmmer um 10 Auer higoen. Mä zum Beispill den Här Becker huet eis an der Zäit, wéi en hei am Gemengerot war, iwwert d'Aktivitéite vum CHEM-Verwaltungsrot informéiert, quitt dass ëmmer gesot ginn ass, et ass kee Syndikat, mä hien huet dat awer ëmmer fréndlecherweis gemaach.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Madame Kayser, mat all Respekt fir Ären Elan, hei war eng Motioun vum Här Thill portée à l'ordre du jour, et war keng Diskussioun iwwer alleguerten d'Syndikater, dofir géif ech awer och d'Motioun an den Auteur respektéieren.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech wollt jo just soen, dass een dat awer nach kéint… D'Informatioun, wéini Syndikatsëtzunge sinn ass eppes, awer d'Resultater vun de Syndikatsëtzungen, dass een dat de Leit och matdeelt, ass awer, fannen ech, grad sou wichteg, an dofir ass eisen Appel, dass ee villäicht d'nächst Kéier e Punkt op den Ordre-du-jour setzt, mir kënnen dat och natierlech gär schrëftlech maachen, dass am nächste Gemengerot all d'Leit hei aus dem Gemengerot, déi an engem Syndikat sinn, eng Kéier de Point maachen, wat an hire Syndikater geschitt. Ech fannen, dat ass einfach eng Suite vun där Motioun an dofir hunn ech fonnt, dass dat awer elo hei géif passen.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Ok, gutt, et kann ee soen, mir hunn net vun all Reunioun e Rapport, ech menge mir kréien éischter beim Budget oft Rapporten. Et ass elo net esou, wéi wa mir ni wéissten, wat am TICE géif geschéien. PROSUD, do huet den

Här Buergermeeschter eis e laange Rapport driwwer gemaach. Iwwert de CHEM hate mir och déi lescht Kéier eng Diskussioun. Hei gëtt ëmmer nëmme gesot, dir informéiert net, ech kann awer och soen, mir sinn all Conseilleren, wa mir gären Informatiounen hätten, da géife mir déi kréien. Ech kann nëmmen och do de Ball zeréckginn, wann Dir gären Informatiounen hätt, ech sinn iwwerzeegt, dass mir bei deenen néidege Responsabelen déi Informatioune kréien iwwert déi Syndikater.

Colette Kutten (Déi Gréng): Am Sënn vu méi Transparenz a méi Demokratie ënnerstëtze mir déi Motioun vun Déi Lénk.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech géif mol zeréck op d'Origine goen an dem Auteur vun der Motioun, dem Här Thill, kloer soen, dass mir kee Problem hunn, dass den Ordre-du-jour vun de Gemengesyndikater, déi Sëtzunge sinn ëmmer en Séance publique, si hunn och verschidde Passagen, déi mol am huis clos sinn, mä et ass kee Problem, dass een dat doten op den Internetsite setzt, fir dass natierlech nieft de Conseilleren, déi d'office ëmmer d'Invitatioun kréien, och d'Bierger kënnen Abléck kréien. Mä ech deelen hei Är Meenungen, ob vill Bierger wäerten de Wee fannen an déi Sëtzung, ass eng aner Saach, mä wéi gesot, kee Problem wéi déi verschidde Punkten, déi um Ordre-du-jour sinn, och dat zougänglech ze maachen. Et ass wéi gesot eng Séance publique, d'selwecht wéi hei de Gemengerot, an d'Gemengesyndikater si jo eng Emanatioun aus dem Gemengerot, respektiv aus der Gemeng.

Ech wollt awer keng Diskussioun aféieren iwwert den Internetsite. D'Madame Kayser kritt anscheinend just negativ Réckmeldungen, mir kréien och ganz positiv Réckmeldunge vun Diddelenger Bierger. Dass et e Site ass, dee vill méi userfriendly ass, dass een sech vill méi einfach an dësem aktuellen erëmfënnt wéi an deem viregten. Ech hu mol héieren, ech kann dat gäre weiderginn, mä bon et ass net esou, dass ee kéint resüméieren, dass nëmmen negativ Réckmeldungen kommen. Et kritt een och ganz positiver an natierlech hängt et och ëmmer vun de Leit of, wéi se sech un nei Sitte winnen, déi eng méi schnell, déi aner manner schnell. Mir huelen awer nach eng Kéier déi doten Iwwerleeunge mat op a kënnen dat un d'Servicer deementspriechend weiderginn. Nach ass et, wat d'Gemengesyndikater betrëfft, mir hate verschidde Momenter hei am Gemengerot, wou mir doriwwer diskutéiert hunn, an in extenso ass awer am Kader vum Budget, wou all Schäfferotsmember, respektiv Conseiller, deen an engem Syndikat ass, eng ganz Rei Informatioune gëtt. Nach ass et richteg, d'Rapporte vun de Gemengesyndikater sollt Dir kréien, ausser dee Volet, deen am huis clos ass, deen och do muss respektéiert ginn wéi och hei am Gemengerot, sollt Dir normalerweis d'Rapporte vun de Gemengesyndikater kréien, fir och do deen Informatiounsfloss kënne verwalten ze loossen.

Dat nach eng Kéier op déi verschidde Punkten, wou ech agaange sinn. Et geet wéi gesot ëm eng Motioun vun deene Lénken an hei en Avis favorable fir deem Rechnung ze droen.

**Kënne mir dës Motioun sou unhuelen, wéi se hei steet vum Auteur, ouni Modifikatioun, ouni Ajout? Dat ass unanime.**




## 9. RESOLUTIOUN VUN DER LSAP FIR D'ERHALE VUN DEN DIREKTZICH AN D'STAD

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mir hun hei eng Motioun vun der LSAP virleien, fir d'Erhaalen vun den Direktzich an d'Stad. Ech gin dem Auteur, der Madame Di Bartolomeo d'Wuert.

Josiane Ries Di-Bartolomeo (LSAP): Déi Resolutioun hei, déi kënnt net vun näischt. Mir hunn am leschte Gemengerot hei matgedeelt kritt, dass den CFL Wëlles huet déi 6 Direktlinnen, déi mir elo hunn, op 2 erofzeschrauwen, an dat war fir eis Grond genuch fir do eng Resolutioun ze maachen. Dat soll och vun eis alleguer gedroe ginn. Mir hunn eng Stad, mir sinn iwwer 20.000 Awunner a mir hunn nëmmen nach 2 Direktzich fir an d'Stad. Déi, wou mam Zuch fueren, wëssen dass moies um 6h55 deen Zuch, wann Dir zu Biereng eraklammt, scho strubbelvoll ass bis uewenhinner. D'Beetebuerger Gare, an dat gesi mir och ëmmer erëm, ass guer net méi ageriicht, fir iwwerhaapt nach méi Leit, déi do sollen erausklammen, op déi aner Säit goen, do ass kee Lift, fir keen Handikapéierten, fir Leit, déi net sou mobil sinn. Alles dat huet eis einfach dozou beweegt, fir hei eng Resolutioun ze maachen. Et kann einfach net sinn, dass Diddeleng elo soll hei zeréckstiechen an nëmmen nach 2 Direktverbindungen an d'Stad hunn. Dat ass fir eis einfach onméiglech.

Wann ech da kucken, mir sinn och nach un der Grenz, mir hu ganz vill Grenzgänger, déi moies hei an den Zuch klammen an deen Ausbau vun der Gare dohannen am Quartier, dat ass ganz deemools promovéiert ginn, fir dass méi Grenzgänger sollen hei an den Zuch klammen an da mam Zuch an d'Stad fueren. Alles dat géif also elo erëm zeréckgeschrauft ginn. Mir fänke rëm eng Kéier bei Null un. Dat ganzt kënnt och nach zu engem Zäitpunkt, wou mir den Ausbau vun der Autobunn plangen op 3 Spueren, alles dat ass fir eis net méiglech. Dofir géife mir de Ministère souwuel wéi den CFL opfuerderen, dat doten nach eng Kéier ganz z'iwwerdenken. Mir hunn och scho puer Remarquen, wat ee gesinn huet, vun Esch aus fiert all Véierelstonn een an d'Stad a vun Diddeleng aus géifen dann nëmmen nach 2 Stéck fueren. Wann Esch géif zeréckschrauwen op 20 Minutten, kéint een eventuell mat de Retarden do spillen. Alles dat soll een analyséieren, éier een direkt seet, mir sträichen elo déi Zich. Mir wieren eis dogéint. D'Madame Dall'Agnol huet eis zwar de Moien hei matgedeelt, dass do Busser géifen agesat ginn lo mëttlerweil. Ech muss soen, ech hunn dee Bus Nummer 200 nach ni gesinn. Ech weess och net, wou een do eraklëmmt, ech weess net... et ass mol gesot ginn, et gëtt do e Bus... och do, en ass dout, en ass schonn dout, éier en iwwerhaapt komm ass.

Deen 305, och do gleewen ech net drun, dass dat lo soll déi grouss Reussite ginn, dee Bus muss jo dann awer iwwert d'Autobunn an d'Stad fueren, dat heescht, dee steet dann awer erëm iergendwou am Stau oder fiert e villäicht duerch d'Dierfer, och dat alles soll net sou sinn. Op sou Propositiounen, wéi mir fueren op d'Näerzenger Gare, mir klammen do an en Zuch a fueren dann domadder an d'Stad, bon da muss ee mol nach op Näerzeng kommen, do kann een elo e Bus asetzen, deen op d'Näerzenger Gare fiert, mä ganz éierlech gesot, wann ee moies um halwer siwe muss aus dem Haus erausgoen, fir um 8 Auer an der Stad ze si vun Diddeleng, wat eng Distanz ass vu 17 Km, domadder kënne mir net averstane sinn.

Ech hoffen, dass Dir déi Resolutioun hei matstëmmt, well dat ass wierklech e Réckschrëtt fir déi véiertgréisst Stad aus dem Land kann dat doten net sinn a mir wieren eis dogéint.



Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot. Als éischt soen ech am Numm vun der CSV natierlech, dass mir de Bien-fondé vun der LSAP hire Revendikatiounen absolut net a Fro stellen a mir ënnerschreiwen dat natierlech, mä mir hunn awer e Problem mat der Form. Am Gemengegesetz iwwert de Conseil Communal a seng Fraktiounen, do steet dran, dass eng Partei an eng Fraktioun kënnen am Gemengerot eng Motioun eraareechen, wéi d'Kolleege vun Déi Lénk et grad gemaach hunn, da gëtt déi Motioun diskutéiert an da gëtt am Gemengerot driwwer ofgestëmmt an dann huet de Gemengerot eng Resolutioun geholl. Dat heescht, fir elo als Partei eng Resolutioun ze huelen, menger Meenung no geet dat net an Dir kënnt net einfach dra schreiwen an decidéieren, dass de Gemengerot d'Exekutioun vun dëser Resolutioun sollt huelen. An dësem Fall huet d'LSAP am Fong decidéiert, dass de Gemengerot de Minister Bausch an den CFL invitéiert, fir dëst oder dat ze maachen. Ech denken, dat ass eppes, wat mir bëssen monéieren, well déi aner Parteien hei um Dësch, déi däerf een awer net ignoréieren an net iwwer deenen hire Kapp eng Resolutioun am Numm vun der LSAP huelen. Dofir wär de Wee éischter gewiescht, dass Dir sollt eng Motioun lancéieren, wou Dir de Gemengerot opfuerdert, dass hien dem Schäfferot de Mandat gëtt, am Numm vun alle Bierger beim Minister a bei der CFL z'intervenéieren an nei determinéieren a mat hinnen a Verhandlungen ze trieden. Dat ass just zur Form. Dofir hu mir e bëssen de Problem, dass hei Resolutioun drop steet an net Motioun. Kéinte mir dat villäicht herno nach eng Kéier erklären oder villäicht kënne mir dat dann och esou ëmschreiwen.

Dann ass et awer och esou, wa mir dann eng Motioun ginn an dem Schäfferot Mandat ginn, dann ass de Schäfferot gefuerdert. A Léif Kolleege vun der LSAP, villäicht lauschtert de Schäfferot jo méi op seng Parteigenossen, well wann d'CSV hien opfuerdert méi intensiv mat der CFL ze verhandelen, da gi just d'Ae verdréit an de Kapp gëtt gerëselt. An deene leschten 3 bis 4 Joer hu mir bei all Budgetsdiskussioun a bei all Diskussioun iwwert d'Mobilitéit gesot a mir hunn et zum Beispill 2015 an eisem, do hate mir e Paper gemaach, deen am Bliedchen ausgedeelt gouf, iwwert Mobilitéit zu Diddeleng, d'CSV fuerdert och méi intensiv Verhandelunge mat der CFL, Diddeleng brauch méi direkt Zuchlinnen mat der Stad, d'Diddelenger schaffen haut net méi wéi virun 30 Joer zu Diddeleng op der Schmelz, haut schaffen déi meescht Leit an a ronderëm d'Stad, et ass néideg, dass dat lästegt Ëmklammen an der Beetebuerger Gare ewechfält an domat de Leit den Trajet erliichtert gëtt, wéi gesot, ech schwätzen elo September 2015. Mir hunn ëmmer nees widderholl, dass eis Gemengeresponsabel méi Drock musse maachen, méi Drock vis-à-vis vun der CFL, méi Drock beim Ministère an sech net däerfen iwwert den Dësch zéie loossen. Dir hutt virdrun, wéi mir den Avis ofginn hunn zum Plan-d'action "Lutte contre le bruit", gesot, mir mussen präventiv schaffen, mir musse méi séier kucken, dass virdrun eppes geschitt. Hei lafe mir elo bëssen hanner dem Won hier. Den Här Buergermeeschter huet jo, wéi hie gesot huet, an der leschter Gemengerotssëtzung gezielt, dass de Schäfferot mam Minister Bausch eng Entrevue hat, "mir hunn dem Minister gesot, dass d'Direktzich mussen erhale bleiwen, mir hunn eis staark gemaach, fir awer an der Iwwergangsphas amplaz nëmmen een, awer elo zwee Zich moies ze behalen an nom Ausbau vun der Streck Beetebuerg-Lëtzebuerg an dem Ëmbau vun der Beetebuerger Gare solle mir méi direkt Zich am 15-Minutten-Takt kréien" an ob dat dann och sou garantéiert ass, dat krute mir net gesot an ob dat och schrëftlech festgehalen ass, krute mir och net gesot, well ech denken och net, dass dat esou ass, well an der Äntwert vum Minister op eng Question parlementaire vun der Diddelenger Deputéiert Sylvie Andrich huet hien nämlech gesot gehat, dass net Rieds vun engem 15-Minutten-Takt, mä vun enger "cadence semi-horaire" tëschent Diddeleng a Lëtzebuerg envisagéiert wär, wann déi nei Linn Lëtzebuerg-Beetebuerg op 2 Linnen erweidert gouf, an et war och net vun 2022 Rieds, mä do schwätze mir souguer vun 2025, wou och eréischt d'Extensioune vun der Gare Beetebuerg an Ugrëff geholl ginn. Also dat Ganzt verzitt sech och.

Also mir sinn absolut d'accord, dass duerch dee schlechte Planing vum CFL a vum Mobilitéitsministère Zich, zu Lëtzebuerg am Stau stinn, an dass dofir Diddeleng muss bludden, dat kënnt jo absolut net an d'Tut. Do gi mir Iech absolut Recht a mir als CSV sinn awer der Meenung, dass dës Problemer sech jo och scho méi laang ugekënnegt hun. Mir hu jo och scho laang gesot, de Schäfferot misst méi Neel mat Käpp maachen a sech méi asetze fir Diddeleng. Mir hunn ëmmer gesot, frot méi Direktzich an d'Stad, wa mir dat gemaach hätten, hätten d'CFL an de Ministère villäicht gesot, "also méi Zich kritt Dir op kee Fall, ok da behaalt Dir déi 5". Ech denken, et muss een einfach mol méi fuerderen, firwat hutt Dir net scho méi laang gesot, mir brauchen einfach méi Direktzich, mir kruten do ni eng konkret Äntwert, wéi d'Diskussioune sinn. Elo si mir hei an enger Situatioun, wou awer souzesoe schonn d'Kand am Pëtz läit. Dir hutt jo Argumenter





vis-à-vis vum Ministère a vis-à-vis vum CFL virun allem. Mir kruten den CFL Multimodal, sécher eng gutt Saach, wat Aarbechtsplazen asw. Ubelaangt, mä et ass och e rise Geschäft fir d'CFL an et huet och vill Nuisancë fir Diddeleng, mir hunn et virdru gesot, Kaméidisbelaaschtung, Verkéiersbelaaschtung, Liichtverschmotzung, an hu mir dann do net e Recht op eng Kompensatioun an en Entgéintkommen. Et geet jo awer net, dass d'CFL eis lo och nach bestrooft an eis d'Direktzich an d'Stad sträicht. D'Stad Esch war och an der Diskussioun fir Direktverbindungen an d'Stad gekierzt ze kréien, dat wësst Dir och alleguerten hei, déi soten einfach neen, an domadder war déi Diskussioun vum Dësch.

Eisen Appel riicht sech un eisen LSAP-Schäfferot, gitt an d'Verhandlungen, loosst lech net iwwert den Dësch zéien, et ass jo schliisslech och e Projet vun der Regierung fir d'Mobilité douce auszebauen. An ech denken an der Regierung, wann ech mech net ieren, ass do och eng LSAP dran an ech denken, dat kënnt Dir jo och iwwert dee Wee villäicht e bësse méi Drock maachen. Ech wëll awer och just umierken, dass eis Diddelenger CSV-Deputéiert schonn eng Question parlemantaire den 18. Mee 2016 gestallt hat, fir ze froen, wéi et dann elo mat de Léisunge wär fir déi héich Zounam vun der Passagéierzuel am Transport transfrontalier a wéi et mam Ausbau vun der Beetebuerger Gare wär. Ech hunn lech d'Äntwerte vum Minister ginn. Et war och en DP-Deputéierten, de Gusty Graas, deen de 16. Mäerz eng Interventioun gemaach huet a gefrot huet an der Chamber, an och de Gast Gibéryen vun der ADR huet den 11. Mee nach eng Kéier nogefrot konkret, wat heescht dat dann elo fir déi Diddelenger Streck. Ech weess net oder hunn ech dat verpasst, dass eis LSAP Diddelenger Deputéiert nogefrot huet, mä villäicht kann d'Madame Dall'Agnol mir do nach soen, wat si villäicht op engem méi inoffizielle Wee, villäicht iwwer d'Ministèren erausfonnt huet, wéi mir dann elo dee Problem do kënne léisen.

Also wann Dir Här Buergermeeschter an Dir Dammen an Häre vum Schäfferot an d'Verhandlunge gitt mam Minister a mat der CFL, dann denken ech, dass et net duer geet, se ze invitéieren, sech déi Decisioun nach eng Kéier ze iwwerleeën oder "à s'efforcer de trouver notamment pour les habitants de la ville de Dudelange des solutions viables et dignes d'un Transport public attrayant et performant" an et geet och net duer "à discuter toute alternative à envisager avec les autorités politiques de la ville de Dudelange", mä Dir musst jo och mat konkrete Propose kommen. Villäicht hätt een dat och scho kënnen an dës Motioun oder Resolutioun, wéi och ëmmer, mat afléisse loossen. Fuerdert einfach, dass den Ëmbau Beetebuerger Gare Prioritéit huet an net réischt, wéi vum Minister gesot, 2022-2025 envisagéiert gëtt. Fuerdert, dass den Ausbau vun der Linn Beetebuerg-Diddeleng méi schnell muss gemaach ginn a fuerdert, dass net just eng schwäizer Etüd gemaach gëtt, dat huet d'Madame Di Bartolomeo jo och gesot, mä dass villäicht nach eng zweet Expertise gemaach gëtt, dass villäicht aner Méiglechkeeten do sinn, dass nëmmen alles um Réck vun deenen Diddelenger sollt geléist ginn, de Stau deen op der Lëtzebuerger Gare ass. Fuerdert, dass eis 6 Direktzich op jiddefall mussen erhale bleiwen, an, dat ass elo eng konstruktiv Propos, déi d'CSV och schonn 2008 virgedroen huet an och an hirem leschte Walprogramm schonn dran hat: Bitt eng Alternativ. Eis Alternativ wär en Train-Tram vu Wuelmereng op Beetebuerg.

Ech erkläre mech. Dat ass awer wichteg an dësem Zesummenhang. Dat géif den Diddelenger Verkéier duerch d'Ewechfale vun de Barrière verbesseren. En plus, kann een da proposéieren, wann d'CFL elo seet, jo mä Dir kritt no deem Ausbau vun der zweeter Streck Beetebuerg-Diddeleng entweder méi Direktzich, well wann Dir elo en Tram kritt, dat kënne mir net maachen, well dee kann net op deeneselwechte Schinne fueren, wat awer am Ausland gewisenermoossen net wouer ass, do kann een awer och e Konzept maachen, dass den Tram och op Eisebunnsschinne fiert. Dat gëtt et schonn. Dann hätte mir eng Méiglechkeet ze soen, OK, mir hätte gären eisen Train-Tram, dann hätte mir de Problem vum Verkéier hei zu Diddeleng mat de Barrièren geléist an da wann eisen Train-Tram zu Beetebuerg op enger renovéierter Gare op engem Quai ukënnt, wou niewendrun déi Direktlinn fir an d'Stad fiert, deen Zougang muss natierlech barrièrefräi sinn, dann hätte mir eng konstruktiv Propos gemaach an ech bieden lech, dat villäicht awer nach eng Kéier ze iwwerleeën, ob mir do net kënnen déi Propos mat eranhuelen.

Dat war eng Iddi, déi mir nach wollten virdroen. Biereng 21 hat och schonn iwwert déi Problematik nogeduecht a si hunn och déi Iddi vum Train-Tram schonn an d'Gespréich bruecht a si hunn och mat Experte geschwat, déi och gesot hunn, dass dat duerchaus méiglech wär, dat ze realiséieren. Et kann een also festhalen, eis LSAP-Partei oder eis Fraktioun, wien och ëmmer, ass erwächt, an et ass zwar villäicht e bësse spéit, am Abend werden die Faulen fleißig, oder wann d'Kand am Pëtz läit kënnt den Deckel drop, mä nodeems de Schäfferot jorelaang weder op



d'CSV gelauschtert huet, nach op den Här Schiffmann, deen dat och schonn ëmmer erëm gesot huet, dass mir do mussen e Gesamtkonzept virstellen, an nodeems verschlof gouf méi intensiv mat der CFL a mam Minister Bausch ze verhandelen, si mir der Meenung, dass et awer elo wierklech Zäit gëtt ze agéieren a mir fannen et gutt, dass mir alleguer als Gemengerot, als 17 Vertrieder vun Diddelenger Bierger eis wieren, eis asetze fir eis Direktzich, mä ech denken e klenge mea culpa vum Schäfferot wär awer och villäicht eng Kéier ubruecht, well dësen Dossier gouf an eisen Aen ënnerschätzt, verschlof a mir brauchen e gesamt Mobilitéitskonzept fir Diddeleng, eppes wat d'CSV scho jorelaang fuerdert, wat nach ëmmer net um Dësch läit. Mir hoffen, dass mir elo an deem Dossier endlech weiderkommen an ech denken, et muss een sech och prett halen, fir villäicht nach weider Mesuren ze maachen. Firwat net eng ëffentlech Petitioun an d'Liewe ruffen, well ech denken, déi 4.500 Ënnerschrëften, déi ee brauch, fir an der Chamber gehéiert ze ginn, déi kréie mir mat eisen 20.000 Diddelenger Awunner awer sécher zesummen. Dat wier och nach eng demokratesch Méiglechkeet, déi ee kéint notzen, fir villäicht e bësse méi Drock ze maachen, falls elo an dësem Dossier näischt geschitt.

Colette Kutten (Déi Gréng): Fir d'éischt wollt ech mech deem uschléissen, wat d'Madame Kayser gesot huet, zur Form. Och mir waren e bëssen erstaunt, iwer d'Form vun enger Resolutioun amplaz vun enger Motioun, also dem Virschlag fir dat ze änneren, géinge mir eis uschléissen.
Elo awer zum Inhalt: wéi jiddereen hei um Dësch wahrscheinlech, ënnerstëtzen déi Gréng och déi virleiend Resolutioun, bzw. Motioun, well mir och der Meenung sinn, dass eng Reduktioun vun den direkten Zich, vill Nodeeler fir déi Diddelenger mat sech bréngt. Mir wëlle fir d'éischt awer mol kloer stellen, firwat et zu dëser Situatioun komm ass. Verschidde Parteie ginn elo dem Gréngen Transportminister de schwaarze Péiter, obwuel grad hien deen ass, deen elo endlech den Ausbau vum Zuch an Ugrëff hëlt, wat seng Virgänger an de leschte 25 Joer verpasst hunn. Insgesamt ginn zirka 2 Milliarden Euro an den Eisebunnsreseau investéiert. Mat deene Sue gëtt endlech och elo d'Beetebuerger Streck véiergleiseg gemaach an d'Stater Gare ausgebaut, déi jo de Grond si fir déi massiv Verspéidunge vun den Zich. Natierlech fanne mir och, dass d'Ëmsteigen op der Beetebuerger Gare eng Zoumuddung ass, an dat scho säit Laangem. An der Iwwergangszäit bis d'Beetebuerger Streck da verduebelt ass, fuerderen déi Gréng dofir, éischtens dass déi Direktzich zu Spëtzestonne bäibehale ginn, zweetens, dass Diddeleng endlech eng direkt Buslinn an d'Stad kritt, drëttens, dass d'Buslinn vu Beetebuerg laanscht d'Husky bis op Diddeleng verlängert gëtt a véiertens, dass eng Navett op d'Näerzenger Gare agesat gëtt, fir dass d'Reesender vum Véierelstonnentakt kënne profitéieren.

Mir wëllen awer net dobäi stoebleiwen, well elo mussen och d'Weiche gestallt gi fir den zukünftegen ëffentlech Transport, wat meng Virriednerin och scho gesot huet. Wa mir gär mëttelfristeg de Véierelstonnentakt tëschent Diddeleng a Beetebuerg hätten, da bedeit dat, dass all Eisebunnsiwwergäng zu Diddeleng verschwannen an zum Beispill duerch Unterführungen oder Überführunge mussen ersat ginn. Bei der Virstellung vun der Verkéiersstudie tëschent Diddeleng a Beetebuerg d'lescht Joer duerch de Ministère vum MDDI, Ponts et Chaussées an CFL ass däitlech ginn, dass scho ganz konkret Pläng fir dës Ëmgestaltung virleien. Déi verkéierstechnesch an urbanistesch Konsequenze wäre gewalteg a stousse bei de meeschte Leit, déi sech scho méi genau domat beschäftegt hunn, ënner anerem och Biireng 21, op Oflehnung. Si hunn sech schonn zimlech genau mat de Konsequenzen auserneegesat. Déi Gréng sinn och ganz skeptesch. Anersäits ginn et awer wahrscheinlech Léisungen, déi sech aus enger ëmgebauter Beetebuerger Gare erginn, wou een zum Beispill beim Ëmsteigen net méi misst de Quai wiesselen an domat déi aktuell Hürde géingen ewechfalen. Mir wëllen elo keng konkret Virschléi hei op den Dësch leeën, well mir si keng Experten an Expertinnen, genau sou wéineg, wéi déi aner Leit, déi hei ëm den Dësch sëtzen. Mir wollte vill méi op dem Minister säi Virschlag zeréckgoen, well de Minister Bausch huet während der Konferenz den 2. Mee zu Diddeleng gesot, dass hien a seng Servicer op kee Konzept fixéiert wären an dass si d'Meenung vun den Diddelenger Awunner an Awunnerinnen géinge respektéieren. An de Minister huet och dem Schäfferot proposéiert, fir am Hierscht an engem partizipative Prozess mat de Bierger a Biergerinne vun Diddeleng déi bescht méiglech Léisung fir den ëffentlech Transport tëschent Diddeleng, Beetebuerg an der Stad ze sichen.

Dee Virschlag ënnerstëtze mir, well dat e Virschlag ass, deen am Interessi vun all den Diddelenger ass an ebe fir d'Zukunft schonn d'Weiche stellt. Dofir wollte mir dësen Aspekt dann och gär an der Resolutioun, bzw. Motioun, integréieren. Mir hunn do eng Propos gemaach, déi mir zesummen hei kéinten diskutéieren a mir géingen Iech da bieden, déi Propositioun ze ënnerstëtzen.
Dir kritt se, fir dass mir se kënnen eng Kéier kucken.



Also bei “Considérant” géinge mir virschloen, bäizefügen: “Considérant que le Ministère du Développement durable et des Infrastructures est disposé à attendre les résultats d’un processus participatif avec les citoyens de Dudelange sur la configuration future de la ligne des chemins de fer et des transports publics avant toute mise en œuvre de nouvelles mesures d’infrastructure”, dat géing da weidergoen “invite”, wéi Dir jo geschriwwen hutt, “le Ministère du Développement durable, ainsi que les dirigeants des CFL à s’impliquer dans le Processus participatif engagé sous la direction de la commune”.

Joseph Thill (Déi Lénk): Dat Thema hei war eis wichteg genuch, fir dass déi Lénk op nationalem Niveau den 18. Mee schonn an d’Press gaange sinn, fir ze fuerderen, dass déi Decisioun, déi Zuchverbindungen ofzeschafen, réckgängeg gemaach gëtt. Et ass fir eis och immens wichteg an do si mir och der LSAP dankbar, dass se hei vu Volmerange-les-Mines schwätzt. An der Propos, wéi se elo virläit vum Transportministère, do gi grad déi Zich, déi direkt vu Volmerange-les-Mines an d’Stad fuere gestrach. Also et ass fir eis wichteg, och well mir gehollef hunn, well Lëtzebuerg gehollef huet, déi Streck iwwerhaapt opzemaachen, dass vu Volmerange-les-Mines och déi direkt Strecke bäibehale ginn. Ech muss e bësse schmunzelen. Et mengt ee wierklech, verschidde Parteie wären ni an der Regierung gewiescht. Mir récoltéieren hei, wat an deene leschten 20 Joer verschlof ginn ass an an deem Sënn hunn ech jo scho virdru gesot, mir hätte léiwer et géing am Zuch elo wierklech séier a vill investéiert ginn, wéi an den Ausbau vun der Autobunn. Mir bleiwe bei där Meenung. Mir kënnen natierlech dann all Initiativ, déi d’Majoritéit an de Gemengerot hei hëlt, fir déi Situatioun, wéi se lo punktuell sech schlecht duerstellt, fir do eng Ännerung an eng Verbesserung erëm z’erreechen, ënnerstëtzen a mir wäerten dat och maachen.

Also mir sinn och dankbar an op fir all weider Initiativ an déi richteg Richtung.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Ech gesinn, dass mir eigentlech allgemeng hei enger Meenung sinn, a wien elo wou wat wéini gemaach huet, dat solle mir hei guer net zu Debatt stellen. Ob deen een elo éischter an der Press war oder deen aneren an der Chamber, also dat steet hei net zu Debatt. Mir sollen hei insgesamt de Schäfferot stäerken an hannert dem Schäfferot stoen, fir dass mir déi Linne behalen. Et kann ee soen, mir hunn iwwer Joren näischt gemaach, dat ass net wouer, ech sinn elo 12 Joer dobäi, mir hunn ëmmer erëm iwwert déi Barrièren asw. geschwat. Ech wëll just d’CSV, d’Madame Kayser seet, Dir musst nee soen, a mir soen nee, an dat kënnt dobäi eraus, hutt Dir Propositiounen, wat solle mir anescht maache wéi nee soen, mir wieren eis jo, et ass jo net sou wéi wa mir eis net géife wieren. D’CFL seet einfach wat si maachen, an waat net, mir wieren eis.

Claudia Dall’Agnol (LSAP – Schäffin): D’Madame Di Bartolomeo-Ries huet et elo gesot, mir sinn eis eigentlech um Inhalt alleguerten eens, wat mir wëllen an dat ass och gutt esou. Op d’Busser ginn ech weider net méi an. Do hat ech ënner Korrespondenz schonn dat gesot, wat elo am Moment am Ministère op der Dagesuerdnung steet. D’Gare Beetebuerg ass ugeschwat ginn, ech mengen och vun der Madame Kutten, déi gesot huet, déi Gare Beetebuerg, déi ass nun mol an engem schrecklechen Zoustand an mir hunn dem Minister och schonn e puer Mol gesot, dass een och kéint bis dass déi Gare ëmgebaut ass 2025, dat dauert nun mol eben nach eng Éiwegkeet, dass een awer do villäicht misst higoen a kleng Mesuren huelen, fir déi Gare e bësse méi attraktiv ze maachen, fir eeler Leit, fir Leit mat Behënnerungen, respektiv och einfach een, deen e Fouss am Gips huet, a mam Zuch muss an d’Stad bei den Dokter fueren, deen déi Trape knapps erop an erof kënnt, an do kann ee séier handelen an och villäicht mol eng Plooschter drop maache bis 2025, fir zumindest an där Zwëschenzäit déi Gare awer e bëssen attraktiv ze maachen.

Dann ass den Train-Tram ugeschwat ginn, bon, ech weess net, d’CSV hat wahrscheinlech den LSAP-Walprogramm gelies, an huet e Copier-Coller gemaach, well mir haten dat scho 5 Joer virdrun dran. Dann hunn ech haut alt rëm eng Kéier gemierkt, dass Opposition Mist ass, net nëmmen hei am Gemengerot, mä och an der Chamber, well Dir hutt komescherweis zwee Oppositiounspolitiker genannt, déi hu missten un de Minister Froe stellen, dat kënnt wahrscheinlech dovunner, dass de Minister net op si zougeet a mat hinnen dialogéiert, well si hei keng Verantwortung droen an dofir mussen se sech dann esou un de Minister wenden. Ech widderhuelen et also nach eng Kéier, Opposition ass da wahrscheinlech wierklech Mist. Ech mengen, den Här Thill huet et ganz kloer gesot, heiansdo vergiessen och Leit, wien d’Soen hat a verschiddene Ministère während ganz laange Joren a wou mir elo hannendru lafen. Ech muss och soen, den Toun vun der CSV huet mir perséinlech guer net gefall, mä domadder mécht jidderee wat e wëll. Dir hutt gesot, Dir hätt e Paper erausbruecht, wou Dir schonn dorop hige-



wisen hätt, ech menge Madame Kayser, Dir kënnt nach 6 Paperen erausginn, dofir ziddert an deem Ministère an bei der CFL, a scho guer net am Diddelenger Schäfferot, iergendeen. Wann Dir mengt, mir hätten Iech gebraucht, fir mam Ministère ze dialogéieren oder ech hätt Iech gebraucht, fir mam Ministère ze streiden dann iert der aerch, well jiddereen, dee mech e bësse kennt, dee weess, dass ech net muss opgefuerdert ginn, fir mat iergendengem ze streiden.
Dat gesot, si mir eis jo alleguerten iwwert den Inhalt eens an da kënne mir herno op e gemeinsamen Nenner kommen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech wollt dann nach e puer Wierder zum Ofschloss soen. Mir haten Iech am leschte Gemengerot iwwert déi éischt Sëtzung in extenso Erklärunge ginn, wat envisagéiert ass fir Diddeleng ab 2018 an dass mir och de Gemengerot weider géifen doriwwer informéieren.

Déi Resolutioun hei wéi se virläit, kann een effektiv um Niveau vun der Form Resolutioun duerch Motioun ersetzen. Dat ass absolut kee Problem, fir d'Form formgerecht ze halen. Dat ass absolut richteg. Mä déi Motioun ass hei opgestallt ginn, engersäits fir sécherlech an den aktuellen Diskussiounen, déi mir féieren an nach ze féiere kréien, déi Politik hei zu Diddeleng ze stäerken, de Schäfferot och a sengen zukünftegen Demarchen an Diskussiounen. Dat ass mol dat éischt.
Dat zweet ass awer och parteiiwwergräifend als Stad Diddeleng, als véiertgréisst Stad, e staarke Message ze ginn un déi nationalpolitesch Responsabel an iwwert eng Motioun, déi mir hei erabruecht hunn als LSAP, wann déi vum ganze Gemengerot gedroe gëtt, och de politeschen Drock héichzehalen an an deene ganzen Diskussiounen, déi mir zesumme féieren. Et ass och richteg, dass jo och d'Madame Kutten hei gesot huet, se wor schonn an Diskussioun mam Minister, eng ganz Rei Punkten envisagéiert hunn, wou och elo hei nach puer Ajouten dobäikommen, déi kann een och ganz gären ophuelen, fir hei d'Motioun ze vervollstännegen. Et sinn nach eng ganz Rei Demarchen ze maachen, et ass also e Prozess, deen eréischt ufänkt, deen nach net zum Enn ass an ech mengen, dass mir och hei sollten, engersäits de politeschen Drock, de politesche Message aus dësem Gemengerot, respektiv awer och dann den Dialog mat de Bierger, an dat heiten ass och e Punkt, an Dir wësst et, dee stéisst bei villen Diddelenger Bierger sauer erop. Déi Annonce, déi gemaach gouf mat deene Modifikatiounen ab 2018, déi sollte kommen, do sinn eng ganz Rei Diddelenger net domadder averstanen a wann iergendwann eng Kéier iwwert eng Alternativ sollt geschat ginn, ass et awer och wichteg, dass mat de Bierger, mat de politesche Responsabel an och mam Gemengerot driwwer diskutéiert gëtt. Ech mengen och, dass e Méinden, d'Venue vum Nohaltegkeetsminister hei an d'Gemeng sécher dat heiten en Thema wäert ginn, wa Leit heihinner kommen, an där Invitatioun nokommen. Ech wëll hei net virgräifen. Hei goung et ganz kloer drëm, e parteiiwwergräifende Message un de Ministère ze ginn, fir och ganz kloer d'Interessie vun der Stad Diddeleng dann och héich ze halen.

Dofir awer par rapport zu den Ajoute vun deene Gréngen, also mam "Considérant" absolut kee Problem, deen esou afléissen ze loossen. Par rapport awer zum "Invite à s'impliquer dans le Processus participatif engagé sous la direction de la commune", géif een nach soen, Komma, "ensemble avec le Ministère du Développement durable et des Infrastructures", well mir maachen dat als Gemeng net eleng, et ass eng Propos, déi och komm ass vum Minister hei un d'Gemeng an ech mengen, dass mir och do de Ministère net sollen "aussen vor" loossen, och dee soll an deem Prozess mat agebonne ginn. Ech mengen, dat soll eng gemeinsam Approche sinn, well och déi heite Moossname jo net nëmmen eleng vun der Gemeng ëmgesat ginn, mä virun allem och mat de staatlechen Instanzen, wann elo Infrastrukturen ëmgebaut ginn, op deem Kader mat de Ponts et Chaussées, mat der CFL, do brauche mir de Ministère, also soll och hei de Ministère eng Partie prenante sinn vun deem dote Volet.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Et geet einfach drëms, dass si och dobäi sinn, dass si wierklech och mat um Dësch sëtzen, well et huet jo kee Wäert, dass mir de Lead huelen an eppes, a si setzen et herno ëm a soen dann, wat Dir Iech do an Ärem klengen Eck ausgeduecht hutt, kënne mir net ëmsetzen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass gutt, mir kënnen dat esou loossen. Mir kënnen also deenen doten 2 Tirete-Rechnung droen a mat an d'Motioun afléisse loossen.

Da géif ech hei dem Gemengerot hei proposéieren, dës Motioun ofzestëmmen. Wien ass mat dëser Motioun sou averstanen, wéi gesot, wann déi Motioun elo hei gestëmmt ass, wäerte mir se och dem Minister sou zoukomme loossen. Dass se och ganz genau wëssen, wou se mat der Diddelenger Gemeng dru sinn. **Wien ass mat dëser Motioun averstanen? Dat ass unanime. Ufank vum Huisclos.**

# COURS INFORMATIQUES
## POUR ENFANTS ET ADULTES

Les cours informatiques pour adultes et enfants, organisés par la Ville de Dudelange et subventionnés par le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, auront lieu dans le bâtiment de l'École Brill, 100, rue Norbert Metz à Dudelange.

**Inscriptions & informations:**
Mme Nancy Colin - coursinformatiques@dudelange.lu - Tél. 51 61 21 - 538
à partir du 01.09.2017 aux heures de permanences (hors vacances scolaires):
lundi, mardi, jeudi et vendredi de 13h00 à 16h00.
Tarif: 3€/heure de cours.

### OCTOBRE-DECEMBRE 2017

| | | LUNDI | | MARDI | MERCREDI | JEUDI | VENDREDI | SAMEDI |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| MATIN | COURS | SMARTPHONE 1 (IPHONE + ANDROID) | | | INITIATION BLOGSPOT/ FACEBOOK | | | EXCEL + POWERPOINT (Enfants) |
| | HORAIRES | 9h-11h | | | 9h-11h | | | 10h-12h |
| | LANGUE | LUX. | | | LUX. | | | LUX. |
| | DURÉE | 02.10.-13.11. / 08.01.-19.02. | | | 04.10.-15.11. | | | 30.09.-16.12. |
| | SÉANCES | 6x2h + 6x2h | | | 6x2h | | | 10x2h |
| APRES-MIDI | COURS | | | | | INFORMATIQUE ET INTERNET (Enfants) | INFORMATIQUE ET INTERNET (Enfants) | WORD * |
| | HORAIRES | | | | | 14h30-16h30 | 16h30-18h30 | 15h-17h |
| | LANGUE | | | | | LUX. | LUX. | FR. |
| | DURÉE | | | | | 05.10.-14.12. | 06.10.-15.12. | 07.10.-09.12. |
| | SÉANCES | | | | | 10x2h | 10x2h | 10x2h |
| SOIR | COURS | INTERNET-FÜHRERSCHÄIN 1 pour personnes avec handicap mental | SMARTPHONE / TABLET (Apple) | INTERNET-FÜHRERSCHÄIN 1 | PHOTOGRAPHIE DIGITALE | INITIATION PC / INTERNET * | INITIATION PC / INTERNET * | WORD * |
| | HORAIRES | 18h15-19h45 | 20h00-21h30 | 19h-21h | 19h-21h | 19h-21h | 19h-21h | 19h-21h |
| | LANGUE | LUX. | LUX. | LUX. | FR. | FR. | PORT. | PORT. |
| | DURÉE | 02.10.-11.12. 08.01.-19.03. | 02.10.-11.12. | 03.10.-12.12. 02.01.-13.03. | 04.10.-13.12. | 05.10.-14.12. | 06.10.-15.12. | 07.10.-09.12. |
| | SÉANCES | 10x2 + 10x2 | 10x1,5h | 10x2 + 10x2 | 10x2h | 11x2h | 11x2h | 10x2h |

cours pour adultes    cours pour enfants    * cours également pendant les vacances scolaires

Le collège des bourgmestre et échevins
Dan Biancalana, bourgmestre
René Manderscheid, Loris Spina, Claudia Dall'Agnol, échevins

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu
/villededudelange @villedudelange

Cours pour adultes agréés par:

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service de la formation des adultes

17e

# FÊTE DES CULTURES

## SAMEDI 30.09.

### PHILOSOPHIE ET ARCHITECTURE

10h00-18h00 • CCRD opderschmelz, petit auditoire • ENTRÉE GRATUITE
3es Rencontres philosophiques, par « Philosophie la Passante »
Discours, conférences et débats

### FÊTE DES CULTURES - 1er jour

16h00-00h30 • Place de l'Hôtel de Ville, Grand Chapiteau • ENTRÉE GRATUITE
Spécialités culinaires, boissons & produits du monde, musique live et folklore

### MARCHÉ DE L'AUTOMNE

9h00-18h00 • Vente sur trottoir avec zone piétonne au centre-ville

## DIMANCHE 01.10.

### FÊTE DES CULTURES - 2e jour

11h00-19h30 • Place de l'Hôtel de Ville, Grand Chapiteau • ENTRÉE GRATUITE
Spécialités culinaires, boissons & produits du monde, musique live et folklore

**SISTANAGILA, JAMARAM, V.EDO, REMORK & KARKABA, IL TEATRO LOMPAZI, TOINE THYS OVERSEAS BAND, TRIO ARCOBALENO, BAND4YOU, HORNDOGZ, SAWURI RELOADED & MORE FRIENDS, GROUPES DE JEUNES, GROUPES FOLKLORIQUES & GROUPES SURPRISE**

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

opderschmelz
CENTRE CULTUREL REGIONAL DUDELANGE

FEDERATION DES COMMERÇANTS ET ARTISANS DE LA VILLE DE DUDELANGE ASBL

Une initiative de la Commission consultative d'Intégration (CCI) de la Ville de Dudelange en collaboration avec les associations locales et étrangères.
Organisation: Service culturel de la Ville de Dudelange et CCI
www.dudelange.lu / www.opderschmelz.lu